



INFO °03 20 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 27. MEE 2020



ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 22 JUILLET 2020



Téléchargez l'ordre du jour

Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)	Fred Bertinelli (LSAP)	Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Tom Ulveling (1er échevin, CSV)	Gary Diderich (déi Lénk)	Ali Ruckert (KPL)
Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)	Jerry Hartung (CSV)	Christiane Saeul (DP)
Robert Mangen (échevin, CSV)	Georges Liesch (déi gréng)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Laura Pregno (échevine, déi gréng)	Fränz Meisch (DP)	Guy Tempels (CSV)
Guy Altmuech (LSAP)	Emy Müller (LSAP)	Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{03 20}

COMPTE-RENDU DU 27 MAI 2020

4-50

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Diffendange, B.P. 12, L-4501 Diffendange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.diffendange.lu | mail@diffendange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Diffendange.

ÉDITION 03/2020, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Diffendange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 27 MAI 2020

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Serge Goffinet (LSAP)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	François Meisch (DP)
Paulo Aguiar, échevin remplaçant (déi gréng)	Erny Muller (LSAP)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)	Laura Pregno (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Ali Ruckert (KPL)
Guy Altmeisch (LSAP)	Christiane Saeul (DP)
Fred Bertinelli (LSAP)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)	Guy Tempels (CSV)
Jerry Hartung (CSV)	Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Enseignement fondamental et structures d'accueil: validation des organisations et plans de prise en charge pour la fin de l'année scolaire 2019-2020.
3. Finances communales:
 - a. Avis et titres de recettes pour l'exercice 2019;
 - b. État des restants et décharges accordées à la clôture de l'exercice 2019.
4. Actes et conventions:
 - a. Acte de vente en futur état d'achèvement de caves et bureaux avec terrasse dans la résidence Mandela à Differdange;
 - b. Acte de vente d'un bâtiment industriel et convention de concession d'un droit de superficie dans la ZAC Haneboesch II à Niederkorn;
 - c. Contrat de mise à disposition d'une parcelle par ArcelorMittal située dans l'enceinte du site industriel à Differdange;
 - d. Premier avenant au contrat de bail conclu avec l'État du Grand-duché de Luxembourg dans un immeuble sis au n° 51 de la rue Émile-Mark à Differdange;
 - e. Contrat de fourniture de chaleur provisoire avec LuxEnergie pour le campus Mathendahl à Niederkorn;
 - f. Contrat de location d'un jardin situé au Balcon à Lasauvage;
 - g. Convention de collaboration pour l'introduction d'un service d'information juridique pour les citoyens de la ville.
5. Organigramme du personnel communal: création d'un poste au niveau du département des ressources humaines et diverses régularisations de carrières/postes.
6. Règlements communaux:
 - a. Augmentation du taux/pourcentage de l'allocation de solidarité communale par rapport à l'allocation de vie chère allouée par l'État;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
7. Projets communaux: décompte des travaux d'extension du centre d'intervention Scheierhaff, article budgétaire 4/322/221321/14013.
8. Changements au sein des commissions consultatives.
9. Questions.

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance. Elle excuse madame Yvonne Richartz-Nilles, qui est absente pour raisons familiales. Elle communique aux conseillers communaux que la distribution de masques lors de l'assomption s'est formidablement bien passée. 81 % des personnes sont venues chercher leurs masques. Plus de cent personnes ont participé à la distribution.

Les citoyens n'ont pas attendu plus d'une minute pour recevoir leurs masques. Tout s'est bien passé. Christiane Brassel-Rausch remercie tous ceux ayant participé à cette journée.

TOM ULVELING (CSV) rappelle qu'il a envoyé des plans aux différents partis il y a quelques semaines. Mais seul un parti a réagi. Or il voudrait que les conseillers communaux prennent position quant aux travaux concernés.

En ce qui concerne la capitale européenne de la culture, 34 projets pourraient avoir lieu à Differdange. Huit ont été acceptés. Quatre sont en repêchage. Treize ont moins de chances d'être sélectionnés. Neuf ont été rejetés.

Les frais se montent à cinq-millions d'euros. Les subventions devraient s'élever à 1,5 million d'euros.

Les candidats n'ont pas encore été informés, mais toutes les décisions devraient être prises avant la fin du mois. La Ville de Differdange doit connaître les projets pour pouvoir fixer un budget pour 2022.

Tom Ulveling constate que les choses bougent, mais lentement.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) annonce que la Ville de Differdange a obtenu le label « Man and the Biosphere » de l'UNESCO. Une réunion à ce sujet a eu lieu au début de l'automne.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) revient sur ce qu'a dit le Premier ministre Xavier Bettel lundi soir concernant la réouverture des piscines et des salles de fitness.

Hier, il a tenu des discussions avec les responsables d'Aquasud en ce qui concerne le plan de fonctionnement stratégique.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengen- a Schäferot. Schéin, dass mer eis erëmgesinn. Ech muss leider d'Madamm Yvonne Richartz entschëllegen. Si huet en Imprevu aus familiäre Grënn. Dofir ka se de Moien net hei sinn.

Wa mer bei de Kommunikatiounen sinn, wëll ech Iech fir d'alleréischte soen, dass d'Maskeverdeelung op Christi Himmelfahrt formidabel verlaf ass. Mir haten de Feierdag erausgesicht, fir de Verkéierschaos ze evitéieren. D'Maske sinn zu iwwer 81 % ofgehol ginn. Et waren iwwer 100 Leit do an nach Leit an der Reserv, Fräiwëlleger vun de Servicer vun der Gemeng an anerer. Ech hunn de Leit merci gesot fir déi formidabel Organisatioun.

D'Leit hu genau eng Minutt gewaart, bis se hir Maske kritt hunn. Souwuel am Drive-in wéi ze Fouss. Déi Leit, déi se verdeelt hunn, ware super gutt drop. An d'Leit, déi se siche kumm sinn, waren och frëndlech a fein. Soudass et am grouse Ganzen eng gelongen Entreprise war. Dofir wëll ech de Leit alleguer nach eng Kéier vun hei aus wierklech e grouse Merci soe fir déi formidabel Entreprise.

An da géif ech d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter, fir d'éischt wëll ech d'Parteie froen: Ech hat Iech virun e puer Woche Pläng zoukomme gelooss. Ech krut awer eréischt vun enger Partei e Feedback. Ech wär frou, wann Der zu deene Pläng vun der Schoul a vun der Vergrësserung vun der Gemeng géift Stellung huelen, dass mer virukommen an deem Dossier.

Zweetens wollt ech eng Informatioun ginn zu 2022 vun der Kulturhaaptstad, wat Déifferdeng ubelaangt. Et geet relativ schleefend do virun. Mir hunn de Moment 34 Projeten, déi sollen oder kënnen hei zu Déifferdeng stattfannen. Dovunner sinn der aacht definitiv ugeholl, véier sinn am Repêchage, 13 nach an engem méi schlëmme Repêchage an néng si vun der Cellule ofgeleent ginn.

Déi gesamt Projete sollen hei zu Déifferdeng stattfannen. D'Käschten, souwäit mer dat ausrechnen konnten, belafen sech op fënnf Milliounen Euro. A wa mer richtig gerechent hunn, géif d'Gemeng op 1,5 Milliounen Euro Subventionen kommen. Dat heescht, do sinn nach e ganze Koup Saachen, déi net bekannt sinn. Anscheinend sinn déi meeschte Leit, déi Projeten eraginn hunn, nach net informéiert. Mir hunn awer versprochen, dass bis Enn dës Mounts déi lescht Decisiounen solle geholl sinn. Well et ass jo wichteg ze wëssen, wa mer de Budget opstellen, wéi vill Sue mer iwwert déi zwee Joer wäerte mussen opbréngen, fir bei 2022 matzemaachen.

Dat als eng kleng Informatioun, dass Der wësst, wou mer dru sinn. Dat heescht, et geschitt eppes, mee et geschitt ganz lues. Ech soe merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Pregnos, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Rausch. Dir Dammen an Dir Hären, mir si ganz hougereg, Iech ze soen, dass mer am Kader vum Prosud de Label „Man and the Biosphere“ vun der Unesco kritt hunn. Ufank Hierscht wäert eng offiziell Versammlung sinn. Mir wollten Iech dat awer elo scho matdeelen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregnos. Här Aguiar, wannechgelift.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Il s'agit de l'information du lundi soir par M. Xavier Bettel, Premier ministre, concernant la réouverture des piscines respectivement des salles de fitness sur le site Aquasud. Hier nous avons des discussions avec les différents responsables concernant le plan de fonctionnement stratégique. Weider

2. Enseignement et structures d'accueil

Informationne ginn ech an der Séance non-publique. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Zu de Maske wéilt ech nach soen, wann d'Fro sollt opkommen, déi Leit, déi d'Masken net siche komm sinn, et sinn nach Deeg mat Zäitplagen, fir se an den Hall O ofhuelen ze kommen.

Da géife mer zum zweete Punkt kommen, Enseignement fondamental, d'Rentrée elo vum 25. Mee bis de 15. Juli. Wat kann ech Iech soen? Haut, elo Mëttwoch, fänkt de Grupp B un. Dat heescht, haut kënnst erëm en neie Grupp an d'Schoul. Ech war op e puer Sitten e Méindeg, do war et de Grupp A. Déi Rentrée ass gutt verlaf, et kann een näischt aneschtens soen. Et si kleng Hicken dra gewiescht. Déi kréie mer och nach gereegelt.

D'Rentrée ass u sech gutt verlaf, souwuel an de Crèchë wéi an de Maison-relaisen an an de Schoulen. Ech wëll expressis verbis all de Leit, all de Leit, déi un där Schoulorganisatioun deelgeholl hunn, wierklech e ganz grouse Merci soen. Et war net einfach. Si hunn et hikritt. Dir hutt den Ziedel kritt vun den Horairë vun der Kommunikatioun vum Ministère. Dat war en Hü an en Hott. Dat heescht, wann Dir eppes decidéiert hat, koud eng aner Direktiv.

Also et war e klengen Hürdenlauf, e bëssen e Spießrutenlaufen. An dat hunn eis Servicer, souwuel de Schoulservice wéi de Maison-Relais-Service, hikritt. Mat eise Service technique, deen an alle Gebaier d'Weeër gezeecht huet, ofgespaart huet, d'Barriären higestallt huet. An absolutt net ze vergiessen: d'Schouldirektioun, mat de Presidente vun de verschiddene Sitten, déi eng immens Aarbecht do gelescht hunn. Déi zum Deel wierklech Dag an Nuecht geschafft hunn. An do wëll ech ganz ausdrécklech soen: Dat ass wierklech de Merite vun de Leit, déi um Terrain geschafft hunn.

Déi aktuell Chiffere sinn „mit Vorsicht zu genießen“, well dat ännert all Dag. Souguer e Méindeg de Moie sinn Eltere komm, déi hir Kanner erëm aus der Maison relais geholl hunn, erëm an

d'Maison relais wollten aschreiwen. Dir wësst, dass et an A-Gruppen an a B-Gruppen agedeelt ass. An d'Maison relais dierf e Grupp vu maximal zéng Kanner. An d'Crèchen dierf e Grupp vu maximal fënnf Kanner.

Et gëtt zwee Pool-nationalen. Dat eent ass de Pool national enseignant. Dat anert ass de Pool national SEA. Mir haten d'Direktiv kritt, dass mer missten op déi privat Foyers du jour auswäichen. Dat hu mir als Schäfferot refuséiert, well mir déi grouss Chance hunn, genuch Säll ze hunn op eise jee-weilege Sitten, dass d'Kanner net müssen duerch ganz Déifferdeng spadséieren, fir op deen een oder deen anere Site ze kommen. A mir hunn dat och vum Här Minister zougesot kritt.

Momentan hu mer 52 nei Leit an de Structures SEA schaffen, déi aus deem Pool national sinn. Dat ass haut. Muer kann et awer erëm aneschtens sinn. Gëschter Owend um 18 Auer waren et 50 Leit um 19 Auer waren et der 52. Et gi jo och Leit krank an esou virun an esou weider. Dat ass net esou evident.

Wat soll ech Iech nach soen? 37 sinn am Pool national fir d'Structures d'accueil. 15 dovunner si Remplaçants permanent, wou mir hei an der Gemeng hunn, déi ugeschriwwen ginn.

Ech denken, am beschten ass, Dir frot mech. Well ech hunn esou vill opgeschriwwen. U sech ass et ganz, ganz positiv verlaf. Dat eenzelt, wat ech gesot kritt hu vu verschiddene Plazen, dass et e Problem mam Iesse gëtt. Dass d'Kanner net genuch ze iesse kréien. Si kréien eng Barquette. Mee ech hunn do nogefrot. Dat ass genau, wéi all déi aner Saachen, och erëm eng logistesche Eerausfuerderung.

Iwwer 1.000 Kanner kréien Iesse bruecht. D'Killketten, mir hunn näischt fir ze hëtzen, d'Killketten dierf net ënnerbrach ginn, gëtt awer ënnerbrach an esou virun an esou weider. Dat heescht, d'Käch sinn amgaang sech erunzetaaschten. All Sall muss eenzel beliwwert ginn, d'Iesse muss ofgezielt ginn, wéi vill vu wat an all Këscht ass an esou weider.

Dat heescht dat ass schonn ...

Il reviendra sur ce point dans la séance à huis clos.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

revient sur la question des masques. Ceux qui n'ont pas eu le temps de venir les chercher pourront le faire au Hall O au cours des prochains jours.

La bourgmestre passe à l'enseignement fondamental et plus précisément à la rentrée du 25 mai.

Aujourd'hui, le groupe B reprend les cours. Lundi, c'était au tour du groupe A. La rentrée s'est bien passée dans les écoles et les maisons relais malgré quelques pépins. Christiane Brassel-Rausch remercie tous ceux ayant participé à l'organisation — notamment le service scolaire et le service des structures d'accueil. La communication avec le ministère n'a pas été évidente. Dès que la commune prenait une décision, elle était suivie d'une directive différente. C'était une vraie course d'obstacles.

Le service technique a signalisé tous les bâtiments. La direction scolaire a travaillé en continu.

Le nombre d'inscriptions dans les maisons relais varie de jour en jour. Les maisons relais peuvent accueillir des groupes de dix enfants au maximum et les crèches des groupes de cinq enfants.

Il existe un pool national d'enseignants et un pool national SEA.

La Ville de Differdange n'a pas eu à recourir à des foyers de jour privés, car elle dispose d'assez de salles dans ses établissements.

Cinquante-deux nouveaux éducateurs travaillent à Differdange. Le nombre évolue en permanence. Trente-sept font partie du pool national pour les structures d'accueil. Quinze sont des remplaçants permanents.

Christiane Brassel-Rausch invite les conseillers communaux à lui poser des questions s'ils en ont. Elle signale simplement que parmi les problèmes figure celui des repas. Les enfants ne mangeraient pas assez. Il s'agit d'un problème logistique. Plus de mille enfants doivent être nourris sans interrompre la chaîne de froid. Les salles doivent être livrées individuellement.

2. Enseignement et structures d'accueil

TOM ULVELING (CSV) ajoute que c'est un véritable défi.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

explique qu'une décision sera prise pendant les vacances de la Pente-côte. Les enfants passent la journée à l'école et ils ont faim.

Les conseillers communaux disposent du dossier avec toutes les informations. La bourgmestre ajoute que les nouveaux ROI sont prêts. Tous les contrats relatifs à la maison relais ont dû être refaits.

Christiane Brassel-Rausch répète qu'elle répondra à toutes les questions.

ERNY MULLER (LSAP) salue le fait que les écoles et maisons relais ont rouvert leurs portes. Bien entendu, le travail n'a pas été simple pour les présidents, le personnel enseignant, la direction, le service scolaire et les responsables des maisons relais. De grands efforts ont dû être accomplis pour rouvrir ce service le 25 mai, après plus de deux mois, tout en garantissant la sécurité des enfants, des enseignants et des éducateurs.

Les équipes du CID ont travaillé dur. Les socialistes remercient tous ayant participé à la reprise.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Muller.

ERNY MULLER (LSAP) comprend les inquiétudes des parents, qui auraient préféré que l'école reste fermée. Mais il est important que les enfants puissent retourner à l'école. Suivre les cours à la maison ne peut être qu'une solution temporaire malgré tous les efforts entrepris pendant le confinement par les écoles et les maisons relais. Au ministère désormais d'adapter ses programmes après cette première expérience.

Les parents — il s'agit souvent des mères — n'ont pas la formation pédagogique d'un enseignant. C'est pourquoi Erny Muller salue la réouverture des écoles et des structures d'encadrement même s'il reste des adaptations à apporter.

La commune est responsable de l'hygiène et des mesures de protection dans ses bâtiments.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Eng logistesche Erausfuering.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

... eng logistesche Erausfuering. Merci, Här Ulveling. Mir ginn eis elo einfach d'Päischtvakanz fir ze kucken, wéi mer do kënne virgoen, wat d'Kanner kënne kréien. Well si sëtzen awer e ganzen Dag an der Schoul. A si hunn Hunger. Also dat ass elo deen eenzege klengen Hick, wou mer nach mussen dru schrauwen.

Méi hunn ech elo net dozou ze soen. Beäntweren awer gär Är Froen. Dir hutt dee ganzen Dossier. Dir gesitt, en ass komplett. Mir hunn en neien ROI geschriwwen. All Kontrakt, dat wëll ech awer nach soen, vun de Maison-relais huet mussen annulléiert ginn, fir duerch en neien ersat ze ginn. Also och um administrative Plang vill Aarbecht.

Wann Der Froen hutt, stellt mer se. Souwäit ech kann, äntweren ech gär drop. Déi lescht fënnf Deeg virun der Rentrée hate just een Titel, an dat war: Rentrée. Wëll ech just an deem Sënn gesot hunn. Merci.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Moien alleguerten, Verrieder vum Schäfferot, léif Kolleegeinnen a Kollege vum Gemengerot, merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Als LSAP begrësse mir, dass eis Schoulen, Maison-relais a selbstverständlech eis Crèche elo erëm op sinn, wann och an engem ongewinnte Modus. Et war sécherlech keng einfach Aufgab, an Dir hutt eis et erkläert, fir d'Schoulpresidente respektiv -presidentinnen, zesumme mam Léierpersonal, der Schouldirektioun an eise Schoulservice vun der Gemeng. Dat selwecht gëllt fir d'Responsabel vu Maison-relais a Crèche, mat hire Mataarbechter.

Hei si grouss Efforte gemaach ginn, fir dass de Service op de leschte Méindeg, de 25. Mee, no méi wéi zwee Méint Schléissung erëm konnt opgehoen ginn. An dat an engem ganz spezielle Modus,

deen de Kanner, den Enseignanten an Educateuren déi néideg Sécherheet garantéiert. Speziell op deem Plang hunn d'Ekippe vum CID grouss Ustrenge gemaach. Am Numm vun der LSAP soen ech alle Leit, déi un der Reprise bedeelegt waren, e grouse Merci. Ech schlësse mech deene Wieder vun Iech un, Madamm Buergermeeschter.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Wa mir och deelweis déi Eltere verstoe kënnen, déi der Meenung sinn, d'Schoul hätt nach missten zoubleiwen, dann ass et eiser Meenung no, aus der Siicht vun de Kanner, gutt, erëm kënnen an d'Schoul ze goen, gutt fir hir intellektuell a sozial Fërderung, awer och fir d'Chancëgläichheet vun alle Kanner.

Den Homeschooling war sécherlech temporär eng gutt Léisung, an et sinn och vill Efforte säitens der Schoul a Maison relais gemaach ginn, fir des Zäit vum totale Confinement ze iwwerbrécken. Et ass elo un de Ministère, fir no dëser Erfahrung u verbesserten an adaptéierte Programmer fir d'Zukunft ze schaffen.

D'Elteren, bei allen Efforten, déi si bruecht hunn – a besonneschem Mooss nach ëmmer d'Mammen –, hunn net déi pedagogesch Ausbildung wéi e Schoulmeeschter oder eng Léierin. Dofir ass et gutt, dass elo erëm een der Situatioun ugepasste Schoul- a Betreuungsservice funktionéiert. Dee sécherlech an deene kommenden Deeg, an Dir hutt et scho gesot, no den éischten Erfahrungen, nach muss ugepasst ginn.

Well d'Gemeng jo d'Gebaier stellt, ass si eiser Meenung no zoustänneg, fir ausräichend Hygiène- a Barriärmoossnamen ze garantéieren. Dat hu mer jo scho gemaach am Virfeld, andeem mer d'Säll an déi ganz Lokalitéiten, wéi och d'Schoulhäff, un déi Situatioun ugepasst hunn.

Mir hätten e puer Froen dozou: Ass an all Schoulgebai a Maison relais

2. Enseignement et structures d'accueil

garantiert, dass dat néidegt Desinfektionsmaterial all Moment zur Verfügung steet? Gi reegelméisseg d'Toilettberäicher kontrolliert an zum Beispill Klenschen ofgemaach? Stellt d'Gemeng heifir speziell Personal zur Verfügung?

Eng zweet Fro: En Deel vun de Kanner ass elo dee ganzen Dag an deem selwechte Raum an hält do och d'essen zou sech. Dir waart schonn op déi Fro agaangen. Steet genuch zur Verfügung? Well et ass jo net nëmmen e Mëttegiesen, wann een dee ganzen Dag an enger Struktur ass. D'Kanner si jo gewinnt, vläicht mueres a mëttes eppes zou sech ze huelen. An der Konventioun steet nach bei Repas froid a chaud: „Lorsque les conditions sanitaires sont remplies“. Wat heescht dat prezis?

De Begrëff „Frupstut“ huet jo d'ganz Land beweegt. Deen ass jo vun enger anerer Gemeng komm. D'Elteren interessiert, wéi dat ofleeft. Eis Fro: Steet genuch Gedrénks zur Verfügung? Well et muss jo jiddweree genuch Gedrénks hunn. De Cup-System wär hei net esou ubruecht. Ech weess et net, wéi gëtt mam Gedrénks verfuer? Dat muss jo dee ganzen Dag iwwer de Kanner zur Verfügung stoen.

Mer begrëssen, dass de Staat während der Dauer vum Vertrag, dee bis de 15. Juli geet, all déi Fraise vun der Betreierung iwwerhëlt. Dat gëllt och fir déi Kanner, déi scho virdrun a Strukturen ageschriwwen waren. Gëtt jo elo alles global iwwerholl. Soudass de Käschtepunkt fir d'Leit eng Nulloperatioun ass. Dat ass am Interêt vun de Kanner, wann dat käschtenneutral verleeft.

Eng lescht Fro dréit ëm d'Vakanzen. Am Text steet, dass fir d'Päischtvakanz assuréiert wär, dass d'Kanner encadréiert géife ginn an de Maison-relaisen. Kënnt Der eis matdeelen, wéi et nom 15. Juli, fir d'Grouss Vakanz, ausgesäit, wann Elteren hir Kanner wëilten an d'Betreierungsstrukture ginn, Vancanceloisiren an esou weider? Ob d'Servicer sech scho Gedanke gemaach hunn, wéi dat Ganz kéint oflafen.

Dat waren eis Froen. Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Mir als Gréng begrëssen ausdrécklech, dass d'Schoul erëm ugeet. Sinn der Meenung, dass et de richtigen Zäitpunkt ass an och gutt ass fir d'Kanner, dass se erëm an d'Schoul ginn.

Mir schlëssen eis – ech denken, wéi jiddwereen heibannen – dem grouse Merci un, fir d'Personal um Terrain. Ech hat gëschter laang Telefongesprächer mat Responsabele vun de Maison-relaisen a vun eise Schoulservicer. Wann ee kuckt, wéi den Historique war vun deenen Informatiounen, déi komm sinn a wéi schnell déi vun de Servicer ëmgësat a verschafft goufen, dann ass dat wierklech deene Leit ze verdanken, dass d'Schoul iwwerhaupt konnt opgoen hei zu Déifferdeng. An och iwwerall soss am Land.

D'Responsabel an de Schoulen an an de Maison-relaisen hu ganz vill Aarbecht gelescht fir déi Consignen, déi aus de Servicer komm sinn a vum Schäfferot weidergaange sinn, a Musek ëmzesetzen. Fir dass d'Rentrée reell stattfanne konnt an net nëmmen um Pabeier. Well et war extreem vill Aarbecht. Mir hu grousst Versteesdemech, wann do nach kleng Saache mussen nogebessert ginn, bei esou engem risege Changement wéi deem heiten.

Mir wëlle betounen, dass mer aus deem Confinement Léieren zéie mussen. Mir hunn gesinn, dass den Homeschooling eng Alternativ ass, déi een elo net einfach sollt an de Schaf spären a komplett vergiessen. Mir sinn der Meenung, dass mer eis Schoul sollten drop virbereeden, dass den Homeschooling, och an Net-Pandemie-Zeenarie ka genotzt ginn.

Zum Beispill, wann e Kand eng länger Zäit krank wär oder duerch soss Ëmstänn eng Zäit net an d'Schoul komme kéint. Dass et iwwer Homeschooling zum Beispill um normale Schoulliewen deelhuele kéint. All déi Moyenen, déi Kompetenzen, déi mer

Les écoles et les maisons relais disposent-elles du matériel désinfectant nécessaire? Les toilettes sont-elles contrôlées régulièrement? La commune met-elle du personnel supplémentaire à disposition pour le nettoyage?

Y a-t-il suffisamment à manger pour les enfants, qui passent toute la journée dans une salle? Il n'est pas question que du déjeuner. Les enfants prennent aussi des encas le matin ou l'après-midi. Les repas chauds seront servis lorsque les conditions sanitaires seront remplies. Qu'est-ce que cela signifie précisément?

Il est question de « Frupstut » à travers le pays. Les enfants reçoivent-ils aussi à boire? Ils doivent disposer de boissons tout au long de la journée.

L'État financera tous les frais d'encadrement jusqu'au 15 juillet. Les parents ne dépenseront donc pas un centime. C'est dans l'intérêt des enfants.

Les enfants seront encadrés pendant les vacances de Pentecôte. Qu'en est-il des grandes vacances?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *salue la réouverture de l'école. C'est une bonne chose pour les enfants.*

Georges Liesch remercie le personnel sur le terrain. Il a discuté hier avec les responsables des maisons relais et du service scolaire. Quand on connaît l'historique des informations et la vitesse à laquelle ces mesures ont été mises en place, Il ne peut que remercier tous ceux qui y ont contribué.

Les responsables des écoles et des maisons relais ont travaillé dur pour mettre en application les consignes des services et du collège échevinal. Les écologistes font preuve de compréhension face aux petits problèmes survenus.

Pour Georges Liesch, il faut tirer les enseignements de ce confinement. L'enseignement à domicile constitue une alternative valide. Les écologistes sont d'avis que l'on devrait y recourir même lorsqu'il n'y a pas de pandémie. Il peut arriver qu'un enfant soit malade pendant longtemps ou qu'il ne puisse pas aller à l'école pour une autre raison. La commune et les enseignants ont acquis des compétences

2. Enseignement et structures d'accueil

dans ce domaine qu'il ne faut pas classer sans suite. Il faut tenir compte de tous les cas de figure.

Le sport scolaire ne va pas reprendre. C'est pourquoi les enseignants feraient bien de sortir avec leurs élèves. La majorité des enseignants le fait de toute façon.

Les clubs sportifs peuvent reprendre le sport en partie. Mais la question du sport en salle se pose. En effet, aucun visiteur ne peut entrer dans les établissements scolaires — même pas les parents. Dans ces conditions, on peut difficilement autoriser les clubs sportifs à le faire. Autrement, il faudrait tout désinfecter le matin tôt. La commune doit réfléchir quant à la manière de gérer tout cela.

Une large partie du personnel des maisons relais a déclaré vouloir augmenter son contingent. Leur contrat a été modifié et comprend davantage d'heures jusqu'au 15 juillet. Cela a forcément des conséquences sur la vie privée de ces gens.

Les enseignants font aussi des heures supplémentaires.

Georges Liesch remercie le personnel enseignant et les éducateurs pour leur engagement. On leur doit que la rentrée soit possible.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate qu'il s'agit d'éviter la propagation de la COVID-19 dans les établissements scolaires et les structures d'accueil. C'est pourquoi les démocrates approuvent le règlement d'ordre interne provisoire, l'organisation et les plans.

Mettre en place cette organisation en aussi peu de temps a été difficile jusqu'au bout. Christiane Saeul remercie tous ceux ayant contribué à relever ce défi herculéen. Elle espère que les écoles et les maisons relais fonctionneront normalement à la rentrée.

JERRY HARTUNG (CSV) explique que la réouverture des écoles était importante d'un point de vue économique, mais aussi sur le plan social. Les chrétiens sociaux saluent cette décision.

Une longue isolation n'est pas bonne pour les enfants.

eis elo alleguerten erschafft hunn, sief dat technescher Sait, sief dat och op der Sait vun den Enseignanten, wéi een domadder ëmgaangen ass, sollte mer op kee Fall einfach elo ad acta leeën. Mee mer sollten dovunner profitéieren an esou vill wéi méiglech Cas-de-figuren erméiglechen, fir dat ze notzen.

Mir hu matgedeelt kritt, dass weiderhi kee Sport ka stattfanne fir d'Kanner. Duerfir denke mer, dass mer an der Zäit, wou mer elo sinn, mam gudde Wieder, d'Enseignantë sollten oft Gebrauch maachen, fir mat de Kanner erauszegoen. Fir dass déi, wéi Dir gesot hutt, Madamm Buergermeeschtesch, net déi ganzen Zäit am Sall sëtze musen. Mir sinn iwwerzeegt, dass d'Majoritéit vun den Enseignanten dat souwisou mécht, ouni dass een hinnen dat muss extra soen. Dass d'Kanner sou vill wéi méiglech kënnen erausgoen.

Dass kee Sport an de Sportssäll ka stattfannen, do stellt sech d'Fro mat de Veräiner, déi jo elo erëm däerfe Sport maachen, dass mer d'Halen zum Deel warscheinlech trotzdeem net kënnen opmaache fir den Halesport. Well wann ee keng friem Leit an d'Schoul eranhuelen däerf, d'Elteren net an d'Schoul däerfen, keen an d'Schoul däerf, de Sportssall net däerf benotzt ginn, da wär et komesch, wann d'Veräiner dann op eemol awer owes do däerften hire Sport maachen an da misst alles desinfizéiert gi fir moies fréi. Do ass d'Fro, wéi mer dat geréieren. Mee ech denken, dat kann een och méi spéit nach gesinn, no der Vakanz.

E grouse Merci geet un d'Personal vun de Maison-relais, wat sech spontan bereeterkläert huet, fir d'Contingenten eropzesetzen. Dir hutt jo ganz vill Leit gefrot, fir Stonne bäizehuele bis de 15. Juli. Eisen Informatiounen no maahe ganz vill Leit do mat. Déi hunn en Avenant zu hirem Kontrakt kritt, fir méi Stonnen ze prestéiere bis de 15. Juli. Déi also och bereet sinn, hiert Privatliwen ëmzechrämpelen, fir dass dat heiten iwwerhaapt méiglech gött.

An och beim Schoulpersonal ass eis gesot ginn, dass ganz vill Enseignanten op hir fräi Stonne verzichten an am Fong Iwwerstonne maachen, fir an der Schoul present ze sinn, sou laang, wéi et nëmme geet. Fir eeben deen Horaire, deen hei virgeschloe ginn ass, iwwer-

haapt ze stemmen. Dofir e grouse Merci un d'Léierpersonal an un eis Educateuren an Educatricen, déi sech hei wierklech vill engagéieren, fir dass déi Rentrée esou konnt stattfannen. An och weiderleeft bis de 15. Juli.

Dat ass eise Statement.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Liesch. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, Madamm vun der Press, vu déi aktuell Covid-19-Situatioun, fir all Risiko vun der Ausbreedung vum Virus an de Grondschoulen a Structures d'accueil ze evitéieren, stëmmt d'Demokratesch Partei dëse Règlement d'ordre interne provisoire fir d'Enn vum Schouljoer 2019/2020, mat de ganzen Organisationsiounen an de Pläng.

Et war spannend bis zum Schluss, fir déi Organisatioun an esou kuerzer Zäit fäerdegzekeréien, fir d'Schoulen erëm opzemaachen. Dofir e groussen, grouse Merci fir all Mënsch, dee sech agesat huet, fir déi Herkulesaufgab ze bewältigen. An ech hoffen, dass eis Schoulen a Structure-d'accueil bis September fir déi nei Rentrée méi normal fonctionéiere kënnen. Ech soe merci fir d'No-lauchteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, fir d'Schoulen nees opzemaachen, spille sécherlech ekonomesch Grënn mat, awer och um soziale Plang ass dëst eng gutt Entscheedung. Wat mir als Déifferdenger CSV begreissen.

2. Enseignement et structures d'accueil

Mënsche brauche Mënschen. Besonnesch fir Kanner ass eng laang Isolatioun net fërderlech. Haut stëmme mer d'Organisatioun vun eise Schoule fir déi lescht siwe Woche vun dësem Schouljoer.

Aussergewéinlech Zäiten erfuerderen aussergewéinlech Moosnamen. Et gëtt vill Aschränkungen. D'Reegele vum Fonctionnement vun der Institutioun Schoul mat Maison relais gouf opgebrach, fir allem sou gutt wéi méiglech gerecht ze ginn. D'Kanner komme just nach moies an d'Schoul, fir ze vill Wiesel ze vermeiden. Zum enge gëtt et kleng Léiergruppen a kleng Übungsgruppen, fir datt genuch Ofstand an de Klassen a gehale ka ginn. An de leschte Wochen, awer och elo, wou d'Schoulen nees op sinn, léiert een Deel vun de Kanner doheem mat den Elteren an den Übungsgruppen.

D'Schoul ass esou organiséiert, datt d'Unzuel vu Besuchspersonen extreem minimiséiert gouf. D'Pause sinn zäitlech versat. Esou hunn d'Kanner méi Plaz am Schoulhaff fir ze spilen. Eng zweet Paus ass virgesinn, wou d'Kanner an der Klass a Rou iesse kënnen. Vläch och eng Iwwerleeung, fir spéider an enger normaler Schoulorganisatioun virzegesinn. Natierlech dann ouni all déi aner Restriktiounen.

D'CSV Déifferdeng ënnerstëtzt all dës Mesuren, déi mat engem héije Standard u sanitäre Virsiichtsmoosnamen ëmgesat ginn, soudatt d'Schoulen nees opmaache konnten.

Wat scho gesot gouf, de Wee fir d'Gemeng an eis Schoule mam Ministère war net einfach. Am Ufank huet et geheescht, d'Schüler ginn an zwee Gruppen agedeelt, ginn ofwiesselend all zweet Woch an d'Schoul. Du gouf dës geännert, soudatt déi éischt Woch scho gespléckt ginn ass. D'Regierung hat gesot, d'Schoul ass vun 8 bis 13 Auer op, eier se dës iwwerhaapt ofgekläert hat.

Soudatt no villen Diskussiounen, wat onnéideg Zäit a Kraaft kascht huet, elo an all Gemeng d'Zäiten anescht sinn. Ee Wäerdegang, dee sécherlech net zum Verständnis um Terrain bäidréit. Et hat geheescht: Kuckt bei der Astellung vun de Gruppen, datt d'Gesëchter zesumme si respektiv d'selwecht Schoul hunn.

Du koom awer als neien ieweschte Krittär, d'Gruppen esou unzepassen, jee no Kanner, déi just fir d'Schoul oder am Übungsgrupp ageschriwwen sinn.

Et hat geheescht, et gëtt keen Accueil virun aacht Auer gemaach. Dunn op eemol hat et moies geheescht, lo gëtt awer en Accueil vu siwe bis aacht Auer gemaach, ier owes dës Decisioun erëm zrëckgeholl gouf. Sécherlech alles keng einfach Decisiounen a bestëmmt um Enn och uerdentlech Decisiounen. Awer dee ganzen Hickhack bis dohin, huet, nieft der sécherlech scho schwéier Situatioun, d'Ëmsetzung definitiv net erliichtert a fir Veronsécherung beim Personal wéi bei de Famille gesuergt.

Dofir wëlle mer als Déifferdenger CSV alle Bedeelegten um Terrain merci soen, dem Personal vun der Schoul, eise techneschen Déngscht an eise Schoulservice, déi alleguer dozou bäigedroen hunn, datt d'Schoule mat all dëse Mesuren virun zwee Deeg nees hir Diere konnten opmaachen.

Mer sollen déi lescht Schoulwochen net vergiessen. Wou souwuel d'Eltere wéi d'Schoulpersonal vill Efforten a vill Aarbecht haten, fir iwwer en neie Wee, dem Homeschooling, de Kanner weider d'Wëssen ze vermëttelen. An dëser schwéier Zäit ass de Stelwäert vun der Famill erëm immens an de Virdergrond geréckelt. Eppes, wat een och no der Kris net vergiesse sollt a wou ee weider dru schaffe sollt. D'selwecht, wat déi ganz Digitalisatioun an der Schoul ugeet. Den Här Liesch war schonns méi am Detail drop agaangen.

Am Dokument gesi mer, nieft de Mesuren, déi an de Schoule wéi an de Betreivungsstrukture virgeholl goufen, datt och op d'Personen, souwuel d'Schüler wéi d'Personal, déi als vulnerabel gellen, opgepasst gëtt a si weider iwwer Homeschooling un der Schoul deelhuel kënnen. Wat ze begrëssen ass.

Et si scho vill Froe gestallt ginn. Ech wollt eng Fro stellen, wat d'Pausesituatioun ugeet. Et gëtt vill Spillelementer an eise Pausenhäff. Vum Ministère war leschten Donneschdeg gesot ginn, datt déi dierfe genotzt ginn, awer just mat engem Plang, wou d'Klasse sech géifen ofwiesselen. Ass esou eppes virgesinn? Merci.

L'organisation d'aujourd'hui porte sur les sept dernières semaines de l'année scolaire.

Les restrictions sont nombreuses. Les enfants ne vont à l'école que le matin pour éviter des va-et-vient inutiles. Ils sont subdivisés en deux groupes. Une partie des enfants continue d'apprendre à la maison avec les parents.

Dans les écoles, l'accès aux visiteurs est extrêmement limité. Les horaires des récréations ont été modifiés pour que les enfants aient plus de place pour jouer dans la cour.

Une deuxième pause permet aux enfants de manger en toute quiétude dans la salle de classe. Jerry Hartung propose de réfléchir à la mise en place d'un tel système dans l'organisation scolaire normale.

Les chrétiens sociaux soutiennent les mesures prises. Les enfants ont été subdivisés en deux groupes et ne vont à l'école qu'une semaine sur deux.

Des discussions ont été menées quant aux horaires. Finalement, ils sont différents dans chaque commune, ce qui complique encore plus les choses. L'accueil devait avoir lieu après 8 h. Finalement, il a lieu entre 7 h et 8 h. Toutes ces hésitations n'ont certainement pas contribué à simplifier une situation déjà bien difficile.

Les chrétiens sociaux remercient le personnel scolaire, le service technique et le service scolaire, car ils ont permis la réouverture des écoles il y a deux jours.

Il ne faut pas non plus oublier les dernières semaines. Les parents et les enseignants ont fait des efforts pour permettre l'enseignement à domicile. La crise a remis en avant l'importance de la famille. C'est quelque chose qu'il ne faudra pas oublier. Les efforts accomplis en matière de numérisation sont également importants.

L'organisation tient compte des élèves et du personnel vulnérables et leur permet de continuer à travailler depuis chez eux.

Les enfants ont le droit d'utiliser les jeux dans les cours de récréation, mais uniquement en alternance. Un plan a-t-il été défini?

2. Enseignement et structures d'accueil

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient la réouverture des écoles. Il est important que les enfants aillent à l'école du point de vue de l'égalité des chances. Tous les enfants ne disposent pas des mêmes conditions à la maison. Il ne faut pas oublier qu'à Differdange, beaucoup de familles vivent dans de petites habitations. En plus, tous les enfants n'apprennent pas de la même façon. Certains ont besoin de contact avec les autres pour apprendre correctement.

Parallèlement, il y a aussi des enfants qui apprennent mieux quand ils sont seuls et qu'ils sont moins soumis à la pression. Les enseignants, les parents et les enfants sont tous différents.

Les décisions concernant la réouverture des écoles ont été prises rapidement. Il y a eu de nombreux revirements. Fallait-il vraiment se tenir à des délais aussi courts? Gary Diderich estime que de toute façon, il faut se tenir aux décisions, voir comment organiser la rentrée et évaluer les modifications à apporter pendant les vacances.

Les horaires de travail de nombreuses personnes ont changé pour s'adapter à la réalité du terrain. L'enseignement ne fait pas exception. Désormais, certains enseignants travaillent soixante heures par semaine. L'objectif est que la rentrée se passe du mieux possible pour les enfants.

Les insécurité et les tensions ont rendu la rentrée difficile. Mais tout a l'air de se passer correctement. C'est un soulagement pour tous ceux qui se posaient des questions. En ce qui concerne l'alimentation, des améliorations sont nécessaires. Le défi logistique est conséquent. Mais les personnes sur le terrain doivent connaître les impératifs. Alors que la commune misait sur les aliments sans emballages, ceux-ci font leur grand retour. Pour Gary Diderich, il est important de communiquer avec le personnel et avec les enfants. La qualité des aliments ne peut pas être la même quand on ne peut pas utiliser la cantine.

Les horaires de classe ont aussi causé des discussions. Le ministère avait pris une décision, mais finalement, ils ont été adaptés régionalement. Il faut expliquer aux gens

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, d'Schoul ass erëm opgaangen. Grondsätzlech ass dat richtig. Mir ennerstëtzen dat. Am Sënn vun der Chancëgläichheet ass et wichtig, dass d'Kanner erëm an d'Schoul ginn, wou eng gläich oder änlech Betreuung assuréiert ass. Well net jiddereen déi nammlecht Liewens- a Familljesituation huet an domadder gutt Konditionnen huet, fir doheem ze léieren, onofhängeg vun deene materielle Gegebenheiten.

Wou mer grad zu Déifferdeng an enger spezifescher Situatioun sinn, wou awer vill Famillen op enkem Raum wunnen. Dobäi kënnt nach, dass all Kand ennerschiddlech léiert an ennerschiddlech ass. An dass, wéi de Jerry Hartung et jo och gesot huet, Mënsche Mënsche brauchen. Et gëtt eng Rei Kanner, déi einfach eleng net onbedéngt den Undriff fanne fir ze léieren. An et do eeben de soziale Kontakt brauch.

Op där anerer Säit muss een awer och soen, dass et Kanner gëtt, déi ëmsou besser léieren, wa se eleng an a Rou sinn. An net an Dynamike verfaange sinn, déi se vläicht éischter oflenken oder souguer heiansdo enner Drock setzen. Esou verschidde si mir Mënschen, sou verschidde sinn d'Kanner. An esou verschidde gi souwuel d'Kanner wéi awer och d'Elteren an d'Enseignanten elo mat där doter Situatioun ëm.

Et ass gesot ginn, de Kontext war net fërderlech. D'Decisioun ass relativ kuerzfristeg geholl ginn, an et si vill Revirementer bei den Decisiounen komm. Wou ee sech nach ëmmer muss froen, ob dat elo an deenen doten Delaien huet misse sinn. Mee et ass elo wéi et ass. Dat Wichtigst ass elo an där Situatioun, denken ech, ze kucken: Wat leeft elo dës Woch wéi genee? A wéi eng Ajustementen kënnen nach iwwert d'Vakanz geholl ginn, fir dass et no der

Vakanz nach e Stéck besser a méi rassurant ka weidergoen?

An dëser Kris ass d'Aarbechtszäit fir ganz vill Leit ajustéiert ginn. Bei där heite Phas elo hin zu dëser Rentrée ass dat net vun uewen erof, mee einfach duerch d'Realitéiten um Terrain, och am Enseignement geschitt. Ganz vill Léierpersonal huet eng 60-Stonnewoch un den Dag geluecht, fir dass dat dote méiglech ass. Do gouf a gëtt ganz vill Engagement an Häerzblutt dragestach ginn, fir dass d'Kanner sou gutt wéi méiglech erëm an d'Schoul zrëckkommen.

A wann ee kuckt, wat d'Retoure sinn, da gëtt dat hei bestätegt. Vu dass ganz vill Onsécherheet a ganz vill Spannungen do waren, war sech schwéier virzestellen, wéi een ënnert dës Bedéngungen e kannergerecht Zesummesinn erméigleche kéint. Bis elo schéngt dat awer ze klappen. Dat ass eng Erleichterung fir jiddereen, dee sech do Froe gestallt huet.

D'Iessen ass ugeschwat ginn. In der Tat ass mer och zu Ouere komm, do muss nach gekuckt ginn. Wat awer ze verstoen ass bei deene logisteschen Ëmstellungen. Dass ee mol fir d'éischt muss erausfannen, wéi een dat genee mécht. Et freet mech ze héieren, dass doru geschafft gëtt. Et ass wichtig, dass um Terrain gewosst ass, wat d'Imperative sinn. Zum Beispill, firwat ëmmer manner op Wegwerfverpackunge gesat ginn ass an déi elo op eemol erëm do sinn. Dat kann natierlech jidderee sech ausmolen.

Op där anerer Säit sinn d'Leit och mat anere Saache beschäftigt. Dat heescht, och doriwwer ze kommunizéieren, souwuel mat de Kanner wéi mam Personal, kann hëllefräich sinn, dass dat och verstane gëtt. An, dass d'Qualitéit vum Iessen einfach eng aner ass, wann een dat net an enger Kantin maache kann.

Dat anert, wat och fir Hickhack gesuergt hat, waren d'Horairen. Wou de Ministère dat eent erausginn huet an duerno, op d'mannst regional, aner Horairen, virun allem wat de Schluss ugeet, komm sinn. Do hat ech nogefrot, do war et ganz hëllefräich fir d'Leit, d'Grënn e bëssen ze verstoen, fir sech besser dorobber anzeloossen. An ze mierken, dass dat näischt mat schlech-

2. Enseignement et structures d'accueil

tem Wëllen ze dinn hat, dass Déifferdeng seng Preparatiounen scho gemaach hat an déi Changementer net gutt ofgeschwat waren. Wat an esou enger enker Zäit eeben net de Fall ass.

D'Schoul dauert zu Déifferdeng bis 13 Auer. Op jidde Fall elo. An anere Gemengen, Nopeschgemenge bis 12.35 Auer, 12.40 Auer. Dat ass alles anescht wéi glécklech, zum engen, wann en Deel vum Personal net hei wunnt. Awer och um Niveau vun der Kommunikatioun. Mee et ass awer elo esou. An d'Garde ass assuréiert. Do muss all Gemeng an all Implizéierte kucken, wéi een dat ka vermeiden.

Awer och onofhängeg vun esou enger Kris ass net séchergestallt, datt d'Horairen déi nämmlecht si vu Gemeng zu Gemeng. Dat fällt natierlech elo méi op. Och well d'Ecarte méi grouss sinn. Mee u sech ass dat eng Autonomie vun der Gemeng, fir ze decidéieren, wéi d'Horairë sinn.

Ech verbleiwe mam Appell, fir wierklech de Bilan ze maachen um Enn vun dëser Woch. An ze kucken, wat méiglech ass, duerno, ouni erëm ze vill op d'Kopp ze geheien, ze adaptéieren, ze verbessern. Fir no der Vakanz dann déi drëtt Rentrée fir dëst Joer ze maachen. Ech soe merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der Kommunistescher Partei sinn ech frou ze héieren, dass déi Rentrée zu Déifferdeng gutt geklappt huet, och wann et e puer Saache gëtt, déi mussen nach ajustéiert ginn. An ech sinn ëmsou méi frou, well jo awer virdrun – an dat kann een esou soen – den Educationsmistère de Chaos organiséiert hat.

Knapp waren d'Schoulmeeschtere fäerdeg, eng gewëssen Organisatioun op d'Been ze stellen, dunn ass schonn erëm en aneren Uerder komm. An et huet musse vu vir erëm ugefaange ginn. Wat

hätt do kéinten Nerven an Zäit gespuert ginn, wann op d'Leit vum Terrain gelauschert gi wär. Wann eng Rei Propositionen, déi d'Gewerkschafte gemaach hunn, seriö an d'A gefaasst gi wären, ier ee vun uewen erof eppes diktiert.

Ech mengen, dat soll eng Léier aus dëser Kris sinn. Et soll een op d'Leit vum Terrain lauschten. Well et si schliisslech déi, déi d'Situatiounen am beschte kennen, wéi se wierklech an der Praxis existéieren.

Déi zweet Saach, den Homeschooling. Den Homeschooling ass eng formidable technesch Saach, wann e geziilt kann agesat ginn. Et muss ee kucken, wat et an Zukunft do fir Méiglechkeete gëtt.

Mee et muss een awer och soen, déi sozial Ongläichheeten, déi an der Schoul zum Ausdrock kommen – an déi jo scho virun dëser Kris do waren –, déi huet een awer elo während der Kris konnte gesi wéi an engem Brennglas. Dat heescht vill méi grouss. A wat den Homeschooling méi laang dauert, wat d'sozial Ongläichheeten tëschen de Schüler méi grouss ginn. Dofir muss een an Zukunft kucken, wéi een déi Ongläichheete reduzéieren an ophiewe kann.

D'Schoul wäert och am September eng Erausforderung bleiwen. Well et ass jo net, wéi wann de Virus am September verschwonne wär. Also musse mer och da kucken, wéi d'Schoul organiséiert gëtt an déi néideg Preventiounsmaßnahmen oprechterhalen. Dass d'Schoul ënnert de beschtméigleche Konditiounen ka weidergefouert ginn.

Ech wëll mech deene Mercien, déi hei ausgedréckt gi sinn un all déi, déi mat där Schoulorganisatioun ze dinn hunn, uschléissen. Et war eng formidable Saach, wéi dat elo realiséiert ginn ass. An ech hoffen, dass dat an Zukunft dann nach e bësse ka verbessert ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Ruckert. Et sinn e ganze Koup Froe gestallt ginn, op déi ech elo soll äntwerten. Ech hoffen, dass ech mer se alleguerten opgeschriwwen

pourquoi ces difficultés sont survenues. La Ville de Differdange avait effectué des préparatifs et n'était pas au courant de changements.

À Differdange, les cours durent jusqu'à 13 h; dans les communes voisines jusqu'à 12 h 35 ou 12 h 40. On ne peut rien y faire. C'est embêtant pour le personnel n'habitant pas à Differdange. Mais la garde est assurée. De toute façon, même sans crise, les horaires peuvent varier d'une commune à l'autre. Actuellement, on en discute plus à cause des écarts importants.

Gary Diderich propose de dresser un bilan à la fin de la semaine et d'apporter quelques améliorations sans tout chambouler. La troisième rentrée de l'année aura lieu après les vacances.

ALI RUCKERT (KPL) se réjouit du fait que la rentrée se soit bien passée à Differdange.

C'est d'autant plus important que le chaos semblait régner au ministère de l'Éducation. À peine les enseignants avaient-ils fini d'organiser la rentrée que de nouvelles directives arrivaient. Si le ministère avait écouté les gens sur le terrain et les syndicats, on aurait gagné beaucoup de temps. Une des leçons à tirer de la crise est qu'il faut écouter les gens sur le terrain, car ils connaissent le mieux la situation.

L'enseignement à domicile est une chose formidable lorsqu'on y recourt ponctuellement. Malheureusement, les inégalités sociales inhérentes à l'école ont été magnifiées par la crise. Plus l'enseignement à domicile dure, plus les inégalités entre élèves croissent. À l'avenir, il faut chercher de réduire ces inégalités.

L'école restera un défi en septembre. Il faudra donc garder les mesures de prévention nécessaires pour que les cours se déroulent dans de bonnes conditions.

Ali Ruckert remercie tous ceux ayant participé à l'organisation scolaire. Ce qui a été réalisé est formidable.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

essaiera de répondre à toutes les questions qui ont été posées.

Septembre reste un grand point d'interrogation. L'organisation porte sur

2. Enseignement et structures d'accueil

la période du 15 mai au 15 juillet. Monsieur Meisch a dit que la rentrée de septembre se déroulera normalement, mais rien n'est moins sûr.

Monsieur Muller a mentionné les activités estivales. Pour le moment, le collège échevinal attend les directives du ministère de l'Éducation nationale. S'il n'en reçoit pas, il faudra trouver une solution.

Pour le moment, il faut attendre. Car il est possible que le nombre d'infections augmente après la rentrée. Dans deux ou trois semaines, on y verra plus clair. Christiane Brassel-Rausch n'aime pas mettre la charrue avant les bœufs.

On a critiqué la commune de ne pas communiquer suffisamment en matière d'organisation scolaire. Mais le collège échevinal a préféré ne communiquer que des décisions certaines. C'est pourquoi la Ville de Differdange n'a pas modifié les horaires initialement prévus. Elle était une des premières communes à avoir fini son organisation. Chaque revirement a créé des difficultés. Et modifier les horaires aurait constitué un manque de respect pour les parents. La direction vient d'ailleurs d'informer la bourgeoisie que les horaires de 8 h à 13 h ne changeront plus jusqu'au 15 juillet.

Monsieur Muller a parlé des désinfectants. Christiane Brassel-Rausch avait en effet oublié de mentionner l'équipe du nettoyage. Ils ont eu un travail énorme pour tout désinfecter. Le matériel a été livré par le ministère.

Les aires de jeux restent fermées pour le moment. Cependant, le ministère a autorisé la réouverture des aires de jeux dans les cours de récréation. Mais les écoles et les maisons relais ne les utilisent pas encore pour des questions de responsabilité. Les choses évolueront peut-être après les vacances.

Pour ce qui est des repas, la difficulté consiste à servir 176 salles de classe. Les enfants sont censés manger au même moment. Pour servir des repas chauds, il faudrait donc 176 boîtes de transport. C'est pourquoi Christiane Brassel-Rausch propose des mets consistants comme une salade de pommes de terre. En tout cas, ce point est un défi.

hunn. Wann net, da stellt Der mer se nach eng Kéier.

Fir direkt op den Här Ruckert anze-
goen: September – dat ass am Moment
wierklech nach e grousst Fragezeichen.
Mir stëmmen elo emol dës Rentrée vum
15. Mee op de 15. Juli. Den Här
Meisch seet, am September géif et eng
normal Rentrée ginn. Dat steet nach
alles an de Stären. Dat heescht, mir
kënnen Iech haut wierklech nach keng
Äntwert ginn.

Dat nämmlecht soen ech dem Här Mul-
ler. Dir hat gefrot no de Summerakti-
vitéiten. Doriwwer gi sech scho Gedan-
ken an de Servicer gemaach. Mee vu,
dass mer dann awer erëm Gruppen
hunn, Croisementer vu Gruppen, kucke
mer, ob eng Direktiv vläicht vum
Ministère kennt, wéi déi Vakanzenakti-
vitéite kéinten organiséiert ginn. Ob do
Direktive kommen oder net. A wann
net, musse mir kucken, wéi mir an der
Gemeng selwer domadder ëmginn.

Mee wéi gesot, do si mer nach am
Waarden. Well ee jo och net weess, wat
elo geschitt mat dem Schoulufank. Geet
d'Infektioun an d'Luucht, geet se net an
d'Luucht? Dat si jo awer Inconnuen.
Ech mengen, déi zwou, dräi Woche soll
ee sech einfach nach ginn. Dir wësst et
mëttlerweil, ech sinn net dat, wat direkt
virun de Won leeft, wat d'Decisiounen
ubelaangt. Nom 15. Juli, soubal mer
eppes wëssen, kritt Der et matgedelt.

Wat och an déi dote Bresch aschléit mat
eiser Informatiounspolitik, wou d'Kri-
tik komm war – ech mengen, déi een-
zeg –, mir géifen net genuch kommuni-
zéieren, wat d'Schoulorganisatioun géif
ubelaangen, wëll ech awer ganz kloer
hei soen: Mir si ganz kloer de Wee
gaangen, dass mer den Elteren eréischt
Bescheid soen, wa mer sécher sinn,
dass d'Decisioun och esou ass.

Dat ass och d'Erklärung, Här Diderich,
firwat mer beim Horaire vun 8 bis
13 Auer bliwwen sinn an näischt dru
geännert hunn. Well eppes dierft Der
net vergiessen: Déifferdeng war eng
mat deenen éischte Gemengen, déi
wierklech schonn eng Organisatioun
stoen hat. An all Revirement, all aner
Decisioun hätt alles erëm op d'Kopp
gehäit.

Wéi mer se bis stoen haten, ware mer
eis eens, dass mer net méi un déi
Horairë fommele ginn, och aus Respekt
virun den Elteren. Well déi hu jo och
hire Congé missen ufroen. Dat heescht,
fir do eng riicht Linn dranzekréien. An
ech wëll Iech soen, ech hunn och elo
vun der Schouldirektioun d'Meldung
kritt, dass et bei 8 bis 13 Auer bis de
15. Juli bleift. Dat heescht, do gëtt
näischt dru geännert. Dat war eis wich-
teg, à propos vun der Informatiouns-
politik.

Här Muller, Désinfectants. Ech hunn
eng Ekip hee wierklech vergiess spezi-
fesch ze ernimmen. Dat sinn d'Botz-
ekippen. Ech mengen, Dir kennt Iech
virstellen, wat déi fir Aarbecht hunn, fir
all Schoul, all Sall integral ze desinfi-
zéieren. Dir hutt déi Fro gestallt mat
Désinfectanten. Dat ass alles vum
Ministère geliiwert ginn. Dat ass ofge-
zielt ginn. Dat ass bestallt ginn. Do ass
och erëm eng ganz Logistik hannen-
drun. Dat klappt.

D'Spillplazen, dat hat den Här Hartung
gefrot. D'Spillplaze bleiwen elo nach
zou, no der leschter Annonce vum Här
Bettel. Mir hu vum Ministère erlaabt
kritt, d'Spillplazen an de Schoulhäff
opzemaachen. Ech muss Iech awer
soen, dass ech bis elo den Echo kritt
hunn, dass weeder Enseignanten nach
Maison-relais-Leit op d'Spillplaze ginn.
Kann ee sech jo denken, firwat. Wien
huet do d'Responsabilitéit, wann do
Kanner spillen? Wie geet déi desinfi-
zéieren? An esou virun an esou weider.
Dat ass elo am Moment. Vlächtt ännert
dat sech elo erëm no der Vakanz. Mee
am Moment hunn ech den Echo, dass
weeder d'Maisons relais nach d'Schou-
len op d'Spillplaze ginn.

Et ass gefrot ginn, Repas chauds a
froids. De Problem ass, mir hunn
176 Säll ze bedéngen. Déi sollen, wa
méiglech, alleguerten ëm déi namm-
lecht Zäit z'iesse kréien. Bei waarme
Plate brauche mer 176 oder méi wéi
176 Këschten, fir déi ze transportéieren.
Ech hunn nach eng Entrevue mam
Kach fir ze kucken, wéi mer eis do kë-
nnen arrangéieren. Vlächtt Gromperen-
zalot, esou Saachen, dass se awer eppes
Konsistentes hunn. Dat ass an der
Maach. Do ass nach näischt geschitt.
Mee dat ass d'Erausfuerverderung.

Zum Beispill, eppes ass ausgeschloss: Fäsch. Et gëtt kee Fäsch. Do ass d'Killkette jo ënnerbrach. Mir sinn net ekipéiert, fir 176 Säll gläichzäiteg, parallel, mat där nämmelecher Qualität ze bedéngen. Mir musse lo selwer duerch learning by doing kucken, wéi mer de Kanner natierlech dat beschtméiglech ... Wann een interesséiert ass, ech ka se leider net projezéieren, ech hunn eng Foto hei, zum Beispill, wat gëschter an hirer Këscht war. Dass Der Iech e Bild kënnt maachen. Do ass Uebst dran, do ass Geméis dran, et si Bréidercher dran.

Gedrénks, Här Muller, do hu mir scho méi laang d'Direktiv, d'Kanner solle Waasser vum Krunn drénken. An d'Eltere sinn och informéiert ginn, dass si de Kanner, wa se dee ganzen Dag an enger Struktur sinn, méi lesse matginn an och méi Gedrénks. Mee d'Direktiv hate mer awer an de Schoulen nach ëmmer, si solle vum Krunn drénken.

Hunn ech elo eppes vergiess?

(Ënnerbriechung)

Wat ech elo nach ka soen, den Här Ruckert huet et gesot, d'Leit vum Terrain ware vun Ufank un net an den Decisiounen abegraff. Ech denken, dat war esou gewollt vum Ministère. Mir als Gemenge sinn iwwer d'Pressekonferenze gewuer ginn, wat decidéiert ginn ass.

Dat hunn ech wierklech bedauert, well mer esou eng grouss Gemeng sinn. Mee och fir kleng Gemengen hu sech déi nämmelecht Problemer gestallt. A mir hunn du lues a lues duerch de Syvicol awer e Sproochrouer kritt. Deen eng Kommunikatioun mam Ministère opgestallt huet. Dat war och wäertvoll an deem Sënn.

Wann ech elo eng Fro net beäntwert hunn, musst Der mer se nach eng Käier stellen.

A wann et okay ass, da géif ech Iech bieden, dese Plan de reprise en charge fir des Schoulorganisatioun vum 25. Mee op de 15. Juli esou ze stëmmen a soen Iech merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les organisations et plans de prise en charge de l'enseignement fondamental et des structures d'accueil pour la fin de l'année scolaire 2019-2020.

Da komme mer zum drëtten Punkt, Avis et titres de recettes pour l'année 2019. Eng gutt Nouvelle an dëser ganz schlechter Situatioun. Dat heescht, wéi all Joer kréie mer vum Staat Titres de recettes vum éischten Trimester. Dir hutt en detailléierten Iwwerbléck vun den Dotations vum Staat vu 85 Milliounen. Ech kann Iech awer schonn direkt soen, no enger Circulaire vum Interieur, dass mer fir 2020 a fir 2021 héchstwahrscheinlech 25 Milliounen manner hunn. Wéll ech Iech just soen.

Well iergendwann féiere mer jo Budgetdiskussiounen. Dofir wéll ech dat bei dësem Punkt erwänen. Fir Iech eng Virstellung ze ginn, 25 Milliounen, dat ass zum Beispill d'Mathendahl-Schoul plus d'Parkhaus am Haneboesch mat 331 Plazen, wat mer iergendwann op engem Ordre du jour wäerten hunn, fir Iech eng Gréisstenuerdnung ze ginn, wat déi Zomm bedeit.

Ech mengen, Dir hutt bestëmmt nogekuckt, wat mer alles vu Maison-relaisen, Crèchen an esou virun an esou weider kréien. Wann elo keng Froe sinn, géif ech zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avis et titres de recette de l'exercice 2019.

Villmools merci. Den nächste Punkt, dat ass État des restants et décharges accordées à la clôture vun 2019. Do ass ze bemerken, dass den État des restants an d'Luucht gaangen ass vun 2018 op 2019, vu 669.000 an eppes op 1.114.340,91 Euro. Dat ass keng gutt Entwécklung. An ech denken, dass déi do Entwécklung weidergoe wäert, wat déi nächst Méint, wann net Joren ubelaangt.

Parmi les aliments ne pouvant pas être servis figure le poisson, car la chaîne du froid serait rompue. La commune ne peut pas servir 176 salles en même temps et avec la même qualité.

Christiane Brassel-Rausch montre une photo de ce que les enfants ont mangé hier. Il s'agit de petits pains, de fruits et de légumes.

En ce qui concerne les boissons, les enfants recourent depuis longtemps à l'eau du robinet. Par ailleurs, les parents savent que leurs enfants doivent apporter plus de nourriture et de boissons s'ils passent la journée dans une structure.

Selon monsieur Ruckert, le ministre n'a pas consulté les personnes sur le terrain. C'était sans doute voulu. La Ville de Differdange a appris les décisions à travers les conférences de presse. C'est regrettable. Plus tard, le Syvicol a pris contact avec le ministère, ce qui s'est révélé précieux.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux avis et titres de recettes 2019. La dotation de l'État se monte à 85 millions d'euros. Mais selon une circulaire du ministère de l'Intérieur, la commune pourrait toucher 25 millions de moins en 2020 et 2021. À titre d'exemple, cela représente le prix de l'école du Mathendahl et du parking de 331 places au Haneboesch.

Christiane Brassel-Rausch suppose que les conseillers communaux ont pris connaissance du reste du dossier.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à l'état des restants et décharges 2019. L'état des restants passe de 669 000 € à 1 114 340,91 €. Ce n'est pas une bonne nouvelle et la bourgmestre craint que cette tendance ne se poursuive.

3b. État des restants et décharges

Il est possible que certains ne veuillent pas payer. Mais à l'avenir, il est probable qu'ils n'auront vraiment pas d'argent.

ERNY MULLER (LSAP) *admet que le dossier lui a fait peur. Il n'a pas regardé les noms. Mais l'ampleur du dossier est impressionnante.*

Il ne comprend pas comment l'état des restants a pu progresser de 40 %. Il s'attendait plutôt à 10 % ou 15 %. L'ensemble est constitué d'un tas de petites sommes. C'est effrayant.

Madame Brassel-Rausch a parlé de mauvais payeurs. C'est vrai en partie. Mais de nombreuses factures ont été envoyées après le 8 février. Erny Muller suppose qu'il s'agit des taxes du dernier trimestre de 2019.

La plupart des impayés concernent les taxes et les minerval des maisons relais. Il s'agit probablement de personnes n'arrivant plus à joindre les deux bouts. La commune étant le créancier, elles ne s'attendent pas à des poursuites immédiates. C'est pourquoi elles repoussent le paiement de ces factures quand elles sont sous pression.

En tout cas, une analyse de la situation est nécessaire pour savoir qui est concerné et quels types de factures restent impayés. Parfois, il s'agit de syndicats et donc d'une mauvaise gestion, mais généralement, ce sont des particuliers. C'est un problème dont il faut s'occuper. Il est regrettable que la commune ne parvienne pas à retrouver certains débiteurs. Parfois, ils doivent des sommes d'argent importantes. Parfois, il s'agit de commerçants. Cette situation donne à réfléchir.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *explique que ses observations sont comparables à celles de monsieur Muller. Il ajoute que certaines sommes sont importantes, mais que d'une manière générale, beaucoup de particuliers doivent de petites sommes d'argent.*

Une partie des gens concernés ont accumulé les dettes. Gary Diderich mentionne certaines sociétés immobilières qui ne paient plus depuis dix ans. Que peut faire la commune? Car il s'agit tout de même

Vläicht war et zum Deel einfach eng schlecht Zahlungsmoral. Net ëmmer. Mee déi war vläicht derbäi. Mee elo wäert et esou sinn, dass d'Leit d'Suen iwwerhaupt net hunn. An ech denken, dass dat d'Zukunft wäert sinn.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Ech war mer deen Dossier ukuken. Ech war erfieert, dat muss ech Iech éierlech soen. Et ass en décken Dossier. Et si vill Positiounen, vill Leit sinn opgezielt. Et ass mer guer net ëm d'Leit gaangen. Well d'Nimm vun de Leit interesséiere mech net. Mee dat ass eeben d'Spiegelbild vun deem Dossier.

Ech hu mer déi selwecht Froe gestallt. 40 % Augmentatioun, dat ass jo bal net méiglech. Ech hat geduecht, maximal 10 % oder 15 %. Mee dat war guer net esou. Dat ass guer net esou. Well déi Zomm setzt sech zesummen aus lauter klengen Zommen. An dat ass ganz bedenklech. Dat muss eis wierklech Angscht maachen.

Dir hutt Zahlungsmoral gesot. Ech hat dat och a menger Reflektioun gehat. Dat ass wuel richtig fir en Deel. Et muss een awer och soen, et sinn nach vill Rechnungen. Et ass nach eng Kéier bäikomm iwwerall. Dat gesäit een, dat war den 8. Februar. Do war nach en Nachschub. Dat war sécher vun de leschte Méint vun Taxen an esou weider vum Joer 2019, vun de leschten dräi Méint. Déi si meeschtens nach derbäi. Mee dat mécht awer net esou vill aus.

Wat opfällt, an der Haaptsaach handelt et sech ëm Taxen, déi net bezuelt ginn, respektiv ëm Minervalle vu Maison-relais. Ech mengen, do si mer wierklech op der Substanz ukomm. Do si mer bei deem eenzelen ukomm, deen, well e warscheinlech d'Enner net méi richtig zesumme kritt, einfach dat emol net bezilt. Well en denkt, dat ass jo dann d'Gemeng, do ginn och net direkt juristes Poursuite geholl. Dass en dat emol hannendra leet, zrëcksetzt, fir dat, wou e méi ënner Drock gesat gëtt, direkt ze bezuelen.

Fir dat awer genee erauszefannen, schéngt mer eng Analys séier wichteg.

Dir hutt jo och gesot, dass mer eis musse Gedanken maachen, well et fänkt elo u kritesch ze ginn. Duerfir mengen ech wär et gutt, wann een deen Dossier géif analyséiere loosse duerch eis Servicer. Dass se géife kucken, prozentual gesinn: Wéi sinn déi eenzel Sparte vertrauten? Wéi vill Prozent fällt op d'Taxen? Wéi vill Prozent fällt op d'Maisons relais, d'Minervallen? Wat kënnt a Fro vu Facturë vun der Gemeng, déi net bezuelt ginn? Fir eng genau Analys ze maachen.

Ech hu gesinn, do sinn och Syndikater dobäi. Dat heescht, et huet och eppes mat Gestiouen ze dinn heiansdo. Mee ganz, ganz vill eenzel Leit, honnerten. Wierklech, ech hat keng gutt Impressioun, wéi ech erausgaange sinn. An ech hu mer gesot, do ass e Problem. Dat do muss ugepaakt ginn.

Déi Charge, déi Der proposéiert, dat ass okay. Dat hunn ech mer och ugekuckt. Do ass guer keng Diskussioun. Mee dat anert, dat ass bedauerlech. Dass mer Leit net méi erëmfannen oder wat weess ech. Oder héich Zommen an dann op eemol verschwannen d'Leit. Och heiansdo Geschäftsleit, där sinn och do dobäi. Ass och bedauerlech. Dat muss eis ze denke ginn. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hu mir den Dossier och ugekuckt. An ech hunn änlech Observatiounen gemaach wéi den Här Muller. Woubäi ech géif soen, et gëtt awer op verschidene Positiounen och ganz déck Montanten, op eenzeler. An déi Quantitéit vu villen eenzele Leit, dat sinn, in der Tat, vill kleng Montanten.

Woubäi et der och gëtt, déi schonn iwwer eng länger Zäit gréisser Montanten accumuléiert hunn. Dat sinn zum Deel Société-immobiliären, SClen an esou, déi schonn iwwer zéng Joer net bezuelen. Wou ech mech froen, wat mir dann do maachen? Well dat sinn dann

3b. État des restants et décharges

awer schonn zolidd Zommen, déi iwwer eng laang Zäit zesummekommen.

Op där anerer Säit huet een heiansdo déi eng oder aner SA, déi Enn Januar oder ufanks Februar e grouse Montant – do ass ee scho bal bei 1/10 vun deem ganze Montant, vun deem mer hei schwätzen. Dat ass fir dee Montant, fir dee Client, souzesoen eng rezent Rechnung, wou een am Fong kann dovunner ausgoen, dass dat nach beglach gëtt.

Ech denken, dass dat, in der Tat, Rechnunge sinn, déi am Januar, Februar ausgestallt gi sinn, wou d'Echeance bis an de Mäerz eragaangen ass. Dass do schonn den Effet einfach ze spiere war, dass d'Leit déi aus Onsécherheet méi laang leie loossen. An ze hoffen ass, dass dat awer net op e strukturelle Manque hiweist.

In der Tat, wat den Här Muller och gesot huet, wou natierlech bei den Taxe-communale méi héich Zommen zesummekommen, dat ass, wa Syndicen a Residenzen opstoe bleiwen. A wann et der direkt e puer sinn, wat dat eng Jett Zomm gëtt, wann een dat zesumme kuckt. An do misst een an der Analys eebe kucken: Ass dat, well déi Rechnunge relativ rezent gestallt gi sinn? Oder felt et do e bëssen un der Zahlungsmoral? Oder ass dat och en Deel vun dëser Onsécherheet? Dat ass dat, wat ech aus deem Dossier erausliese konnt.

Ech ënnerstëtzen déi Propos vum Här Muller, dass een eng Analys huet, wou een e bësse gesäit, wéi vill sinn d'privat Menagen an deene ganze Restanten? Wéi vill sinn d'Geschäftsleit? Et muss een och bei de Geschäftsleit soen, dass et awer och bedauernswäert ass, wa mir selwer als Gemeng méi bezuelbar Geschäftsraum zur Verfügung stellen, verlounen, dass mer och, op d'mannst an engem Fall, net déi Zahlungsmoral haten.

Do hu mer jo och gesinn, dass dann déi Persoun iergendwann net méi do war an einfach gaangen ass, ouni eppes do ze maachen. Dat ass natierlech och ganz staark ze bedauern. An ech mengen, do muss een dann awer och schnell reagéieren als Gemeng. Wann ee scho fir e korrekte Loyer verlount, dass een

dann och direkt intervenéiert, wann dee Loyer net erakënnt. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, déi Entwécklung ass keng Iwwerraschung, dass déi Ausstänn esou an d'Luucht ginn. An et muss een dervun ausgoen, dass dat an Zukunft nach an engem méi grouse Mooss passéiere wäert. Dat sinn Auswierkunge vun der Kris. An et gëtt eng Rei Ausstänn déi dann net méi wäerten ze recuperéiere sinn, well déi Geschäftsleit oder déi kleng Betriber an der Tëschenzäit an d'Faillite gaange sinn. Do kann een da kaum nach eppes huelen.

Et ass awer ganz bedenklech, dass ëmmer méi Privatleit derbäi sinn, déi verschidde Saache bei der Gemeng net bezuelen. Dat weist drop hin, dass d'Situatioun ëmmer méi schlëmm gëtt. Well wa se dat bei der Gemeng maachen, ass dat en éischte Schratt. Well d'Gemeng jo net, wéi aner Privatbetriber oder esou, d'Leit direkt op d'Gericht hëlt, mee eebe kuckt, fir hir Suen awer op déi eng oder aner Aart a Weis an den nächste Méint nach ze kréien.

Mee et ass natierlech net verwonnerlech, wa mer an enger Gesellschaft liewen, wou an der Tëschenzäit, wéi d'Caritas zum Beispill seet, 20 % vun de Leit d'Enner net méi zesummekritt. Wou 10 % vun de Leit all Dag schaffe geet, 40 Stonnen an der Woch schafft, op der Aarmutsgrenz liewe muss. Dann ass et natierlech net verwonnerlech, dass déi Situatioun méi grav gëtt. Dat bezitt sech net eleng op eis Gemeng. Dat ass e generelle Phenomeen am Land.

An ech mengen, mer müssen, wéi grad gesot, wa mer déi Detailer kréien, wéi dat sech entwéckelt huet, awer eng Kéier eng seriö Diskussioun hei am Gemengerot doriwwer féieren. Well dat ass nach laang net eriwwer. An d'Gefor

de sommes conséquentes accumulées au fil des années.

Une SA dont la dette représente près d'un dixième de la somme totale n'a pas payé une facture début février. Cette facture est donc relativement récente. Compte tenu des incertitudes qui règnent actuellement, il est possible que les gens attendent un peu avant de payer.

Dans certains cas, ce sont des syndicats ou des résidences, qui ne paient pas leurs taxes. Si cela se répète, la somme peut devenir conséquente. En tout cas, il faudrait analyser la situation pour savoir s'il s'agit de factures récentes ou bien de mauvais payeurs.

Comme monsieur Muller, Gary Diderich souhaite que l'on fasse un bilan. Combien de particuliers sont concernés? Combien de commerçants? Dans le cas des commerçants, la commune leur loue parfois des locaux à loyer modéré. Il serait regrettable qu'en plus ils soient de mauvais payeurs. Il est même arrivé que des commerçants quittent les locaux sans prévenir. Dans ce genre de situations, la commune doit pouvoir réagir rapidement.

ALI RUCKERT (KPL) annonce que pour lui, la façon dont ces chiffres progressent n'est pas une surprise. À l'avenir, les choses ne vont pas s'améliorer, car il s'agit des conséquences de la crise. Certaines dettes ne pourront pas être remboursées parce que les commerçants ou les petites entreprises auront fait faillite.

Ali Ruckert s'inquiète aussi des particuliers, qui ne peuvent plus payer la commune. Cela montre que la situation financière empire. En général, la commune est le premier créancier parce qu'elle ne lance pas de poursuites judiciaires immédiatement.

Tout ceci n'est pas étonnant. Entre-temps, d'après Caritas, 20 % des Luxembourgeois n'arrivent plus à joindre les deux bouts. 10 % des travailleurs à plein temps vivent à la limite du seuil de pauvreté. Comment s'étonner alors que la situation empire? Ce phénomène touche tout le pays.

Pour Ali Ruckert, il est nécessaire de mener une discussion sérieuse au sein du conseil communal. Il répète

4a. Résidence Mandela

qu'à l'avenir, les choses risquent d'empirer.

GUY ALTMEISCH (LSAP) se demande si, en cas de faillite d'une société ou si un débiteur a disparu, la dette est reportée dans l'état des restants où si elle est répertoriée ailleurs.

TOM ULVELING (CSV) répond que cette dette est annulée tôt ou tard.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) confirme les propos de monsieur Ulveling.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que la somme à rembourser est donc plus importante que celle figurant dans le dossier, car celui-ci exclut les faillites et les personnes non traçables.

TOM ULVELING (CSV) répond qu'il faut distinguer deux cas dans l'état des restants. Une partie de la dette peut être récupérée, mais pas l'autre. Dans le cas d'une faillite par exemple, le receveur reçoit une décharge parce qu'il est clair que la commune ne sera pas remboursée. Cette dette est donc annulée et devient une perte.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ajoute que c'est ce qu'on appelle la décharge dans le dossier.

Le collègue échevinal tiendra compte des remarques des conseillers communaux. Comme l'a dit monsieur Ruckert, il faudra discuter des résultats de l'évaluation.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à l'acte de vente de la résidence Mandela. Le prix se monte à 3100 €/m² pour un total de 1374960 €. Trente mètres carrés sont offerts.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il s'agit de la cave.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) estime que la commune a fait une bonne affaire.

ass do, dass dat an Zukunft nach vill méi grouss gëtt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Ruckert. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hunn eng Fro zu deem Punkt, wou mer elo diskutéieren. Bei Faillite vu Firmen, zum Beispill, oder wéi Der vir-dru gesot hutt, Net-Traçage vu Privat-leit, dee Montant deen opsteet, bleift deen ëmmer nach beim Restant à poursuivre dran? Oder gëtt deen enzwousch anescht gefouert?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

E gëtt eng Kéier gestrach.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Iergendwann eng Kéier gëtt e gestrach.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat heescht, déi Suen, déi nach auss-tinn, dee Montant ass am Fong geholl nach méi grouss wéi dat, wat elo hei steet? Wa mer déi eraushuelen, déi a Faillite sinn an déi net méi retraçable sinn. Déi si jo net an deem Montant hei mat dran. Dat heescht, dee Montant, deen aussteet, seet d'Gemeng, ass am Fong geholl nach méi grouss wéi deen, dee mer hei public maachen? Oder verstinn ech dat falsch?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, et ass de restanten État. Et gëtt zwou Saachen. Dat eent dat kënne mer recuperéieren. An dat anert kënne mer net recuperéieren. An dat, wat mer net kënne recuperéieren, do kritt de Rece-veur eng Decharge, well e seet, dat do ass eng Faillite, do ass näischt méi ze huelen oder déi si verzunn oder wun-nen net méi do an dofir kënne mer déi Suen net recuperéieren. Déi ginn also

gestrach. Dat heescht, et ass eng Perte an déi ...

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et ass de Montant Decharge.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Okay. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir Hären, ech soen Iech merci. Mir huelen Är Uleisse mat op de Wee. Mir probéieren, dat hinze kréien. An ech denken, wéi den Här Ruckert gesot huet, mir wäerten och nach eng Kéier hei an dësem Gremium doriwwer schwätzen, wa mer Resultater hunn.

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, géif ech zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'état des restants et les décharges accordées à la clôture de l'exercice 2019.

Villmools merci. Da komme mer zum nächste Punkt, dat ass en Acte de vente vun der Residence Mandela. Do hu mer u sech keng schlecht Affär gemaach hunn. Mir komme plus ou moins op e Präis vun 3.100 Euro de Meterkaree, fir eng Gesamtzomm vun 1.374.960 Euro. Domadder sinn 30 m² am Fong geschenkt. Déi si guer net an deem Präis mat dran.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

De Keller.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

De Keller. Jo. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Ulveling. Jiddefalls mengen ech, dass mer do eng gutt Affär gemaach hunn.

4a. Résidence Mandela

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Eng Fro wäert sech elo jiddweree stellen: Firwat hu mer dat kaf? Déi wäert ech versichen ze beäntweren.

An engem Ufanksstadium war geduecht, ier mer woussten, dass mer géifen d'Stadhaus vergrësseren, dass mer e grëssere Besoin hätten, fir zum Beispill de Schoulservice, deen aus allen Néit platzt, ze relokaliséieren. Duerno hate mer d'Decisioun geholl, dass mer de Schoulservice an all eis Servicer an deem Neibau, dee mer elo plangen, dee mer och wäerten nach virun der Vakanz hei warscheinlech kënnen stëmmen, sollten domiciliéieren.

Mëttlerweil si mer amgaangen ze kucken, well éischstens ass et eng Vergrësserung, zweetens musse mer dat neit Stadhaus och ëmbauen, eng Mise en conformité maachen. An dofir brauche mer Plaz, fir d'Servicer ze delokaliséieren. Am Moment si mer amgaang ze kucken, entweder den éischte Stack, dat wär also de Service vum Urbanismus mat de Bauten an de Service écologique dohinner ze delokaliséieren. Oder den zweete Stack, de Schoulservice mam Service écologique dohinner ze maachen.

Dat ass, fir ee Stack fräi ze kréien, wa mer den Neibau fäerdeg hunn, fir dat neit Stadhaus vu Stack zu Stack ze renovéieren. Do falen e ganze Koup Aarbechten un: d'Fënstere ginn ersat, et gëtt e Sonneschutz agebaut an esou weider. Dat heescht, am neie Gemengehaus wäerte relativ grouss Émbaute stattfannen.

Déi aner Saach ass, de Centre médico wëlle mer jo och renovéieren. An do hu mer de Moment e Problem. Am Ufank war geduecht, fir d'éischt d'Fassad ze maachen an dann den Innenbau nei ze maachen. Do hu mer awer elo festgestallt, dass dat net déi beschte Iddi wier. Well dat géif weesentlech méi kaschten, wéi wann ee géif alles zesumme maachen.

A wann een dat maache wëll, da muss een och Plaz hunn, fir déi Servicer oder zumindest ee bis zwee Servicer oder Stäck, déi an deem Médico sinn, ze delokaliséieren oder ze relokaliséieren, en attendant, bis déi Renovatioun

gemaach ass. An dofir ass et gutt, dass mer deen heiten Objet hunn.

À terme kann ee soen, wann d'Stadhaus erneiert ass an d'Stadhaus bägebaut ass, dass d'Miami – mir hate Gespréicher mat hinnen –, eventuell e Besoin hätt, fir Klassenäll oder esou do ze delokaliséieren. Ech mengen, déi Sue si gutt ugeluecht. Do ass à moyen terme eng Perspektiv, firwat dat Gebai ka gebraucht ginn.

Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech muss eppes soen, Madamm Buergermeeschtesch. D'Residence Mandela war jo Bestanddeel vum Architektenconcours, deen am Kader vum neien Aménagement vun der fréierer Kierchplaz ausgeschafft gouf. Wéi mer all wëssen, ass d'Residence Mandela direkt en face vun deem Ale Stadhaus geleëen. A wéi gesot, ass mat an dee Projet encadréiert ginn.

Ech war selwer a Kontakt mam Promoteur, dem Här Philippi, fir ze kucken, ob d'Stad Déifferdeng dee Stack kéint ofkafen, deen direkt Accès op d'Plaz Mandela huet. Soudass mer do eng Visibilitéit hätten. An och kënnen en Accueil do maachen, deen direkt um Parterre erageet.

Well ech hat mäi Büro bei der Trap, déi eropgeet bei de Schoulservice, a wat ech do fir Zeenen erlieft hunn, wéi d'Leit Poussetten eropgedroen hunn, d'Kanner nach mateneen un den zwou Hänn eropgeschleeft hunn an de Schoulservice. Dat huet sech entretemps jo verbessert, well de Service deelweis anescht organiséiert ginn ass. Mee dat war einfach net nozekucken.

Duerfir war ech déizäit der Meenung, dass mer de Schoulservice sou schnell wéi méiglech sollten delokaliséieren op eng aner Plaz. An do war déi Plaz hei ideal. Et war och dee Moment déi eenzeg, déi do war. A mir waren eis och all

TOM ULVELING (CSV) rappelle qu'avant de décider d'agrandir l'hôtel de ville, le collège échevinal était conscient du besoin en locaux pour le service scolaire par exemple.

C'est pourquoi il avait décidé de déplacer une partie des services dans cette résidence.

Entretemps, il est question d'agrandir l'hôtel de ville et de réaménager l'Aalt Stadhaus pour le mettre en conformité. Pendant les travaux, il faudra délocaliser certains services — soit le service technique, soit le service scolaire et le service écologique. L'étage qui se libèrera permettra de rénover l'Aalt Stadhaus étage par étage. Il s'agira notamment de remplacer les fenêtres, etc.

Le centre médicosocial doit aussi être rénové. Au départ, on avait prévu de rénover la façade, puis l'intérieur. Mais cela reviendrait plus cher que de réaliser les travaux en même temps. Lors des travaux, il faudra là aussi délocaliser une partie des services. C'est pourquoi l'objet dont il est question aujourd'hui est intéressant.

Il sera utile pour agrandir l'hôtel de ville et rénover l'Aalt Stadhaus. Il ne faut pas oublier non plus que la Miami University a besoin de salles de classe. Bref, cet argent est bien investi.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que la résidence Mandela faisait partie du concours d'architectes pour réaménager l'ancienne place de l'Église. Elle se trouve en face de l'Aalt Stadhaus.

En son temps, monsieur Muller était en contact avec le promoteur, monsieur Philippi, pour savoir si la Ville de Differdange pouvait racheter un étage et installer un accueil au rez-de-chaussée.

Monsieur Muller avait son bureau à proximité des escaliers servant à se rendre au service scolaire. Il a vu comment les gens montaient à l'étage avec des poussettes ou en tenant deux enfants par la main. Entretemps, les choses se sont améliorées grâce à une réorganisation du service. Mais à l'époque, Erny Muller pensait qu'il fallait délocaliser le service scolaire rapidement. La place Nelson-Mandela était idéale.

4a. Résidence Mandela

Tout le collège échevinal était d'accord.

La Ville de Differdange acquerra le premier étage de la résidence si l'on se situe dans l'avenue Charlotte et le rez-de-chaussée si l'on est sur la place Mandela. Les bureaux auront une surface totale de 400,36 m² et la cave de 31,71 m². La cave est directement accessible par ascenseur. Le prix de vente est fixé à 1 375 000 €, c'est-à-dire 3122 €/m². Le promoteur avait promis de vendre les locaux sans faire de plus-value. En tant qu'ancien échevin aux bâtisses, Erny Muller remercie monsieur Philippi.

L'affectation des locaux a changé. Les nouveaux plans ont été discutés avec le service scolaire et le service écologique. Le cas échéant, on pourra réaménager les locaux plus tard. En tout cas, l'endroit est idéal — à proximité du campus scolaire, de l'hôtel de ville et de l'Aalt Stadhaus.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que le nouvel hôtel de ville devrait permettre d'accueillir tous les services communaux à l'exception de quelques-uns qui n'attirent guère le public comme le service informatique.

Le collège échevinal a aussi réfléchi à réaliser une étude pour savoir si les locaux étaient adaptés à des salles de musique. Mais entretemps, l'école de musique pourrait emménager dans l'ancien hôpital, peut-être avec la Miami University.

En tout cas, la commune fait une bonne affaire.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) est d'accord. Financièrement, l'affaire est bonne. Le bâtiment se trouve en plein centre, à côté de l'hôtel de ville.

La Ville de Differdange recherche des locaux depuis des années. Le service scolaire n'est pas le seul à manquer de place. L'hôtel de ville est plein.

eens am Schäfferot, dass dat eng gutt Saach wär.

Op de Pläng ass dat deen éischte Stack, dee mer dann do kafen. Et ass den éischte Stack, well et vun där anerer Säit, vun der Strooss an der Avenue Charlotte gesinn, deen éischte Stack ass. Mee vun der Place Mandela gesinn, ass et de Rez-de-chaussée. Do huet ee jo e separaten Accès.

400,36 m² Bürosfläch. 31,71 m² Keller-raum, dee mer geschenkt kréien. Dat ass geduecht ginn, fir Archiven dran ze maachen. Mir hunn déi Kellereen eraus-gesicht, fir esou no wéi méiglech zu eisem Logement ze sinn. Wa mer mam Lift eroffueren, si mer direkt an deene Kellerraim.

De Verkafspräis ass 1.375.000 Euro, wa mer opronnen, oder 3.122 Euro de Meterkaree, wat en immens gudde Präis ass. An et muss een och soen, deemools war ofgemaach mam Promoteur, vu dass hie jo an deem Architek-tecon-cours mat dra war, dass hie fir d'Gemeng nëmmen d'Nettokäschte verrech-ne géif an op eng Plus-value verzichte géif. Dofir wëll ech dem Här Philippi vu menger Säit, als fréiere Bauteschäffen, nach eng Kéier e grouse Merci soen.

D'Notzung, hutt Der gesot, Här Ulveling, dass déi sech elo e bësse geännert huet. D'Pläng, wéi et elo gebaut gëtt, ass ofgeschwat mam Service scolaire — den Här Liesch weess dat och — a mam Service écologique. Dat heescht, elo sinn d'Raimlechkeeten ugepasst un déi zwee Servicer. Herno kéint een dann och nach déi néideg Ëmännerung maachen.

Ech wëll Iech just soen, wa mer sollte spéiderhin — awer dat wäert wuel nach eng Zäit daueren, fir déi verschidde Servicer dohin ze lokaliséieren — eng aner Verwendung do fannen, ass et absolutt déi ideal Lag. Op engem Campus no bei der Gemeng, beim Ale Stadhaus an esou weider. Also e Campus communal oder e Campus Hôtel de Ville, deen och eng gutt Visibilitéit huet. An dass mer do déi richteg Servicer eranhuelen, och e Service au client oder Servicer, wou d'Gemeng sech besser no bausse kann duerstellen. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Muller äntwerten. Mir hu jo decidéiert, dass mer beim Neibau wëilten all Service — ech mengen, bis op een oder zwee, déi elo net esou e grouse Publikumsmagnéit sinn, wéi zum Beispill Informatik — an där neier zukünfteger grousser Gemeng domiciliéieren. Mir haten och schonn iwuerluecht an och schonn Etüde maache gelooss, fir déi Raim duerno eventuell als Museksschoulraum ze benotzen. Wéi een dat vun der Akustik hier misst traitéieren.

An der Tëschenzäit sinn och schonn erëm aner Iddie komm, fir eventuell dat aalt Spidol dofir ze notzen, deelweis zesumme mat der Miami. Do kréie mer all fënnf Minutten eng aner Meenung. Soudass mer och do net esou richtig virukommen, wat d'Miami ubelaangt. Do musse mer elo kucken, wéi et virugeet. Mee, Dir hutt et gesot, et ass ee super Präis, dee mer do kritt hunn. An ech mengen, egal wéi wäerte mer eng Verwendung fanne fir déi Lokaler, wa mir se eng Kéier net méi géife brauchen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Effektiv, finanziell gesinn, hu mer wierklech eng ganz gutt Affär gemaach. Et handelt sech jo awer ëm e Gebai am Zentrum vun Déifferdeng, wéi den Här Muller och gesot huet, direkt un eise Gebaier, op deem Campus communal, wéi Dir et nennt, geleeën.

Mir wëssen alleguerten, dass mer viru Jore schonn no Raimlechkeete gesicht hunn an Déifferdeng, fir eis Servicer ënnerdaach ze kréien. Well net nëmmen de Service scolaire, mee och aner Servicer relativ enk beienee souzen. Mir

4a. Résidence Mandela

hunn e puermol hin an hier getässelt. Mir waren dunn zur Konklusioun komm, dass mer am Gemengenhaas selwer keng weider Méiglechkeete méi hunn.

En éischte Projet vum Ausbau vum Daach hate mer verworfen aus Präisgrënn respektiv Präiseffizienzgrënn. Wou ee gesinn hat, wat de Meterkaree kascht huet bei deem Projet, hate mer et ad acta geluecht. Duerno koum een neie Projet, deen den Här Ulveling eis haut virgestallt huet. Wou mer hanne ronderëm bauen. Wat, mengen ech, e ganz flotte Projet gëtt. Bis dohinner verginn awer nach e puer Joren. An dat heiten hate mer deemools schonn ënnerschriwwen.

Ech mengen, dass mer wierklech ganz gutt gehandelt haten, well mir brauchen déi Fläch, wéi den Här Ulveling och gesot huet, fir zum Beispill elo scho mol provisoersch d'Servicer dohinner ze setzen. Well dat heite gëtt, wann den Timing stëmmt, Ouschteren 2021 fäerdeg. Dann hätte mer schonn emol d'Méiglechkeet, Servicer erauszehuelen. Och wann dat aalt Gemengenhaas restauréiert oder renovéiert gëtt. Dass mer Raim hunn, fir d'Servicer ze delokaliséieren. Ouni se wäit mussen ze delokaliséieren. Si sinn net vum Schoss. Si si wierklech op der Dier. Dat heescht Bierger, déi iergendepes vu Servicer brauchen, mussen net wäit lafen. Si fanne op 100 Meter all déi Servicer, déi se brauchen, déi se och soss bei eis fonnt hunn. Duerfir mengen ech, dass mer hei eng ganz gutt Affär gemaach hunn.

Notzungszweck, muss een duerno gesinn, wann eist Gemengenhaas bis ganz fäerdeg ass. Op kee Fall mengen ech, dass mer dat heite sollten erëm eng Kéier verkafen. Mir wëssen, wéi schwéier et war, iwwerhaapt an Déifferdeng Bürossurfacen ze kréien, zemoools esou grouss wéi déi hei. Mir schwätzen hei vu bal 440 m². Mir mussen dës Raimlechkeeten op jidde Fall als Gemeng halen.

Noutfalls, wa mir selwer keng Servicer hu fir dran, verloune mer se. Wéi den Här Muller och gesot huet, déi Plaz, déi mer do ronderëm hunn, déi kann ee jo da believe mat Saachen, wou mer da kënne verlounen. Do fanne mer bestëmmt kreativ Iddien. Mee jiddefalls

war et e gudde Schachzuch, dat heiten deemools ze maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir kafe 440 m² Bürosfläch plus Annexen an direkter Noperschaft zur Gemeng. An och direkt nieft eise Kulturzentrum. Besoin ass do. Dee gréisste Besoin huet d'Musekschoul, déi säit der Ouverture vum Kulturzentrum ëmmer méi grouss gëtt. Mee och d'Gemengeverwaltung gëtt ëmmer méi grouss. An och aner Acteure ronderëm sichen nach Capacitéiten. Deemno ass déi Acquisitioun, och wann een de Präis kuckt, net falsch. Déi direkt Attributioun feelt nach. Mee et ass sécherlech richteg, déi Opportunitéit ze ergräifen.

Nichtsdestotrotz muss ech drun erënneren – et ass schonn ugeklungen de Moien –, dass duerch déi aktuell Krisensituatioun d'Recettë vun der Gemeng zolidd abrieche wäerten. Éischt Berechnunge vum Interieur soen e Minus vu 17,4 % beim FDGC viraus. Also beim Fonds de dotation globale des communes. An dat nëmme fir 2020. An et gesäit net duerno aus, datt dat zum Besere wäert revidéiert ginn.

Also mussen d'Gemengen extreem zréckrudderen oder Courage beweisen. D'Frais fixes vun der Gemeng stinn. Also wäert et schwiereg ginn. Mir sinn awer gewëllt, an dëser Krisensituatioun d'Koalitioun ze ënnerstëtzen, fir den Invest héich ze halen an déi grouss Projekte weiderzedreiwen.

Mir stëmmen dësen Akt mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmoools merci, Här Meisch. Här Tempels, wannechgelift.

Au départ, le collège échevinal avait pensé réaménager les combles, mais les couts au mètre carré auraient été trop élevés.

Le projet présenté aujourd'hui par monsieur Ulveling est chouette. Mais il faudra attendre quelques années. C'est pourquoi la résidence Mandela constitue une bonne solution.

Georges Liesch répète que les locaux serviront à délocaliser certains services. La résidence sera prête pour Pâques 2021. Ces locaux seront aussi utiles lorsque l'Aalt Stadhaus sera rénové. Ils se trouvent à proximité immédiate de l'hôtel de ville, ce qui est pratique aussi pour les citoyens. Tous les services se trouveront à cent mètres de distance.

Lorsque l'hôtel de ville sera terminé, il faudra discuter de l'affectation des locaux. Pour Georges Liesch, il ne faudra les revendre en aucun cas. Il est question de 440 m². La Ville de Differdange pourra toujours les louer si elle n'en a plus l'utilité. En tout cas, acheter ces locaux était la bonne stratégie.

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate à son tour qu'il est question d'une surface de bureaux de 440 m² à côté de l'hôtel de ville et du centre culturel.

L'école de musique a un besoin urgent de place. L'administration communale ne cesse de se développer. D'autres acteurs recherchent des locaux. L'acquisition était donc une bonne décision. L'opportunité a été saisie.

Cependant, compte tenu de la situation de crise actuelle, les recettes communales risquent de plonger. La dotation de l'État pourrait baisser de 17,4 % en 2020 et cette tendance pourrait se poursuivre.

Les communes seront forcées de faire machine arrière ou elles devront faire preuve de courage. Les frais fixes sont inamovibles. Mais les démocrates soutiendront la coalition pendant la crise pour préserver les investissements.

4b. ZAC Haneboesch II

GUY TEMPELS (CSV) constate que ses prédécesseurs ont pratiquement tout dit. Le prix est correct. Les services communaux avaient un besoin urgent de place.
Guy Tempels ne peut qu'approuver le projet.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) tient à remercier l'ancien échevin aux bâtisses, monsieur Muller, pour son engagement.
(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une formalité concernant la zone industrielle Haneboesch. Le terrain appartient à la commune. Ambitech vend des locaux à Action Wear pour 2 500 196,25 €. Le contrat de bail du terrain porte sur trente ans.

FRED BERTINELLI (LSAP) signale qu'à proximité se trouve le terrain de l'ancienne fabrique de champignons. De nombreuses entreprises ont demandé à s'y implanter. Où en sont les négociations? Car la halle tombe en ruines. Elle est inoccupée depuis des années et constitue un véritable taudis. Les demandes sont nombreuses. Ce serait une bonne chose pour toute la zone.
Fred Bertinelli sait que le secrétaire communal est très engagé dans ce projet. Pourquoi la halle est-elle encore vide?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) propose de revenir sur ce point dans la séance à huis clos et soumet la question au vote.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) signale qu'il ne s'agit pas d'un point à l'ordre du jour.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, vu menge Virriedner gouf eis praktesch alles gesot. Zu deem Präis hei kann een nëmmen zouschloen. Et ass wichteg fir déi Servicer, déi aus den Néit platzen, a fir deen zukünftigen Ëmbau vum Stadhaus, dass mer Plaz kréien, fir déi Saach iwwert d'Bün ze bréngen. Ech kann nëmme mat Jo stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Tempels. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, gi mer zum Vott iwwer. An ech wëll awer nach profitieren, dem Här Muller merci ze soe fir säin Asaz an dësem Gebai.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An dëser Cause.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An dëser Cause. Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente en futur état d'achèvement de caves et bureaux avec terrasse dans la résidence Mandela à Differdange.

Villmools merci. Da komme mer zum nächste Punkt. Dat ass u sech méi eng Formalitéit. Dat ass an der Zone industrielle Haneboesch. Den Terrain gehéiert der Gemeng. Do sinn zwou Firmen, wou een deem anere verkeeft. Dat heescht Ambitech verkeeft der Firma Action Wear fir 2.500.196,25 Euro Lokaler. A mir mussen dat hei am Gemengerot ofstëmmen, well et eisen Terrain ass. Dat leeft op 30 Joer.

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Net zu deem dote Sujet. Dat hei läit e puer Meter dovunner ewech. Mer schwätze scho jorelaang iwwert en Terrain, déi sougenannten ancien Champignonsfabrik, wou mer schonn eng, ech mengen, 20 Betriber haten, déi do wollten eran. Wou mer och en Deel Verhandlung scho matgemaach hunn. An ech wollt emol froen, wat mat där Hal ass. Déi verfält. Do ass scho jorelaang keen dran.

Mir haten eis eng Kéier e bësse méi domadder beméit. Dat ass eppes wéi e Schandfleck an där Zon. D'Demande ass esou grouss vu Betriber. Dat géif och eiser Zon gutt doen, wa mer et endlech géife fäerdegbréngen, fir do e Betrib eranzekréien. An dat net esou verkommen ze loossen, wéi et elo ausgesäit.

Meng Fro ass, ob mer do scho weiderkomm sinn, wéini mer eventuell do e Betrib erakréien. Ech weess, dass eise Sekretär sech ganz, ganz laang domat beschäftigt a vill, vill Méi gemaach huet. An et goufe schonn e ganze Koup Entreprises, déi dat och wollte kafe souguer fir eran. U wat hänkt et, dass déi Hal nach ëmmer eidel ass an do näischt geschitt? Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Ech géif virschloen, mir huelen deen dote Punkt, wann de Gemengerot averstanen ass, an d'Non-publique. Sidd Der averstanen? Kënne mer ofstëmmen? Wien ass derfir?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et ass jo kee Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Okay. Här Schwachtgen, wannechgelift.

4c. Parcelle ArcelorMittal

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et kann ee just preziséieren, et ass eng national Industriezon. An do ass et de Ministère de l'Économie, deen decidéiert, an net d'Gemeng. Souwäit ech am Bild sinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Gëtt et soss nach eng Wuertmeldung? Soss gi mer zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente d'un bâtiment industriel et la convention de concession d'un droit de superficie dans la ZAC Haneboesch II à Niederkorn.

Villmools merci. Am Punkt 4 geet et ëm d'Mise à disposition d'une parcelle vun ArcelorMittal. Dat ass niewent der Villa Hadir. Si froen eis elo Loyer vun engem Euro pro Meterkaree. Dat heescht, mir bezuelen e symboleschen Euro pro Meterkaree. Et geet ëm déi Firma, déi dran ass, déi gären d'Garantie hätt, dra kënnen ze bleiwen. Si wëllen hei zu Déifferdeng bleiwen, well se duerno am Gravity Lokalitéiten hunn. A si wëllen drableiwen, bis de Gravity fäerdeg ass. Mir soen der ArcelorMittal merci, dass se mat op de Wee gaangen ass, fir dass dee Kontrakt hei zustane komm ass.

Op där anerer Säit probéiere mer awer nach, déi Klausel erauszehuelen, souwäit et geet, wou ArcelorMittal zu all Moment dee Kontrakt hei kënneg kéint. Einfach fir där anerer Firma d'Sécherheet ze ginn, dass se dra ka bleiwen, bis hir Lokalitéite fäerdeg sinn.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech sinn där Gesellschaft do staark verbonnen. An ech wönnere mech, dass elo um Niveau vun där Aktioun am Fong nei Iddie komm sinn. Dat ass dann eng nei, wéi soll ech

soen, eng nei Positioun wéi déi vun den Direktiounen vu virun. Déi hunn eis dat während zéng Joer gratis ginn.

Dat heescht, dat sinn awer 12.000 Euro. 1.000 Euro de Mount. 12.000 Euro mol 10 gëtt 120.000 Euro, déi mer do gespuert hunn. An déi mer och am Interêt vun Aarbechtsplazen agesat hunn. Well ArcelorMittal soll net vergiessen, dass se hei matzen an Déifferdeng sinn. An dass mer hei och e Lien – an e gudde Lien –, e gutt Zesummeliewen zwëschent der Populatioun an der Stolindustrie hei zu Déifferdeng gären hätten a brauchen. Och fir d'Zukunft.

Plaze sinn ofgeschaaft ginn. Et sinn der bäikomm. An do ass en Deel dervun op hiren Territoire komm. Ech kann nëmmen deene viereg Direktoren, déi ech och perséinlech kannt hunn, merci soen, dass déi awer eng aner Approche hate wéi déi nei Direktioun.

Ech hu Bedenken, wat eis zukünfteg Relatiounen ubelaangt. Well mir si jo amgaang, aner Gespréicher nach ze féiere mat ArcelorMittal iwwert de Site vun de fréieren Héichiewen, iwwert d'Entwécklung vun der Groussgasmaschinn respektiv Science Center an iwwer e PAG respektiv PAP vun deem ganze Site Hauts-Fourneaux. Wou och elo dat Gebai steet. Och deen Deel gehéiert derzou.

Duerfir wollt ech froen: Wéi geet et viru mat där Initiativ, wou ech elo gesot hunn? Wéi gesäit et aus mat deem Parkhaus, wat jo och an deem Kader geplangt war? Ginn déi Projete virun? Gëtt et do e Konzept? Wéini komme mer zu Konklusiounen? Well ech fäerten, dass do nach ganz aner Chifferen am Raum stinn, wa mer elo schonn hei op deem Plang – wann et och nëmmen een Euro ass, wéi Dir sot, symbolesch – een Euro de Meterkaree bezuelen. Da wësse mer jo, do schwätze mer vun Hektar. An da si mer mol gespaant, wat do erauskënnt. Merci fir Informatiounen an deem Dossier.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Wou mer elo stinn? Gespréicher waren amgaang. Déi sinn awer och erëm an d'Covidpandemie gefall. Vun der ArcelorMittal hirer Säit

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

précise qu'il s'agit d'une zone industrielle nationale. La décision revient donc au ministère de l'Économie.

(Interruption)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au vote.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à la mise à disposition d'une parcelle par ArcelorMittal à côté de la villa Hadir.

Le loyer pour la commune se monte à un euro symbolique par mètre carré. La société occupant le site souhaite des garanties avant d'emménager dans une tour de Gravity.

Christiane Brassel-Rausch remercie ArcelorMittal. Elle signale cependant qu'une clause permet à l'entreprise de résilier le contrat à tout moment. Le collègue échevinal essaie de trouver une solution à ce sujet.

ERNY MULLER (LSAP) *est proche de l'entreprise en question. Il semblerait que la nouvelle direction ait pris une position différente. Pendant dix ans, ArcelorMittal a mis le terrain à disposition de la commune gratuitement. Désormais, il est question de 1000 € par mois, c'est-à-dire de 12 000 € par an. La Ville de Differdange a donc économisé 120 000 € en dix ans.*

ArcelorMittal ferait bien de se souvenir qu'ils se trouvent en plein cœur de Differdange et qu'il existe un lien fort entre l'industrie de l'acier et la population.

Erny Muller s'inquiète des futures relations avec la nouvelle direction d'ArcelorMittal. Des négociations sont en cours concernant les anciens hauts fourneaux, la machine à gaz, le Science Center... Qu'en est-il de ces projets et du parc de stationnement? Erny Muller craint que les prix augmentent. Ici, il est question d'un euro par mètre carré. Mais d'autres terrains font des hectares.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond que les négociations ont été abandonnées pendant la pandémie. Un nouveau rendez-vous va être fixé concernant le parking.

La construction du parking n'est pas remise en question. Mais le collège échevinal voudrait introduire une ligne urbanistique entre le parking du contournement et le plateau des hauts fourneaux pour former un tout.

Le collège échevinal réfléchit aussi à la construction d'une gare routière à côté du parking du contournement. Le transport en commun n'est attractif que s'il est pratique. Or ce site rassemble le bus, le train et la voiture.

TOM ULVELING (CSV) ajoute qu'une vidéoconférence il y a un mois et demi a permis de faire le point. Un préaccord a été trouvé.

Désormais s'ajoute donc la question de l'incorporation de la gare routière avec ses avantages, mais aussi ses inconvénients. Car le dénivelé du terrain est important. Pour que des bus puissent accéder à la gare, l'entrée devra être beaucoup plus haute. Mais les négociations vont bon train.

ArcelorMittal a communiqué un prix au collège échevinal. Mais ce prix dépend des frais d'assainissement du terrain. Le prix prévu prévoit un assainissement minimal. Si cela ne suffisait pas, c'est-à-dire si l'assainissement faisait exploser les coûts, la Ville de Differdange aurait le droit de se libérer de l'accord.

Les discussions vont se poursuivre au cours des prochaines semaines. Dès que le collège échevinal en saura plus, il informera le conseil communal.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que le terrain dont il est question aujourd'hui a été mis à disposition de la Ville de Differdange le 30 juin 2009. Monsieur Muller faisait partie du collège échevinal lorsque la commune a décidé d'aménager des conteneurs sur le site. L'investissement se montait à 900 000 € et a permis de créer des emplois. Georges Liesch mentionne L'essentiel, Revue, Ebos...

Jusqu'à présent, ArcelorMittal ne demandait pas de loyer. La Ville de Differdange, de son côté, demandait un loyer aux entreprises de 10 000 €, puis de 12 000 € avec l'indice. Mais elle avait aussi investi 900 000 €. En tout, cela représente

ass Kontakt opgehooll ginn, virun allem wat d'Parkhaus ubelaangt. Do si mer amgaang, en neie Rendez-vous ze sichen. Net méi spéit wéi gëschter sinn ech dat gewuer ginn.

Parkhaus. Op där anerer Säit geet dëse Schäfferot an deem Sënn op een neie Wee, andeem mer probéieren, an de Plateau Hauts-Fourneaux mam Parking Contournement eng urbanistesches Linn dranzekréien. Dat heescht net, dass mer iergendwou uewen e Parking setzen an ënnen eppes aneschtens. De Parking steet net a Fro, am Moment op jidde Fall. Mee mir probéieren, eppes Ganzes aus deem Areal ze maachen. D'Servicer vum Urbanisme bei eis sinn amgaang, dat auszeschaffen.

Mir hunn och wëlles ze kucken, ob et méiglech ass, op der Säit vum Parking Contournement eng Gare routière ze maachen, am Sënn vum ëffentlechen Transport, vu dass mer d'Gare jo relativ no bäi hunn. Mir hunn d'Busser, mir hunn déi Schoulën, déi jo elo nach bäikommen. An den ëffentlechen Transport ass nëmmen attraktiv, wann e praktesch ass. Dat heescht, do hu mer Bus, Zuch an Auto. Mam Parkhaus hätte mer do alles zesummen. Dat si mer alles amgaang auszeschaffen. Mee wéi gesot, mat der ArcelorMittal hate mer, wat d'Parkhaus ubelaangt, schonn Austausch, dee weidergefouert gëtt.

Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech kann dat nëmme confirméieren. Virun annerhallwem Mount ongeféier hate mer eng gréisser Sitzung iwwer Videokonferenz, wou mer de Point gemaach hate fir ze kucken, wou mer dru sinn. Et kann ee soen, dass mer e Preaccord fonnt haten. Et geet elo drëms, déi Saachen nach ze affinéieren, well zousätzlech de Wonsch komm ass, do eng Gare routière, wéi d'Madamm Buergermeeschter et elo gesot huet, ze incorporéieren.

Dat huet gewësse Virdeeler, awer och Nodeeler, wat d'Konstruktioun vum Bau ubelaangt. Well et gëtt e relativ héijen Niveausënnerscheed op deem Terrain. Dat heescht, da muss een den éischte Stack oder d'Entrée vill méi héich bauen, fir dass een do mat Bussen

an esou erakënnt. An d'Entrée muss méi grouss sinn. Dat si se elo amgaang ze kucken. Mee et gesäit awer esou aus, wéi wa mer um gudde Wee wäeren, do zu enger Konklusioun ze kommen.

Mir hunn och schonn eng Präisvirstellung vun hinne gesot kritt, déi allerdéngs ofhängeg ass vun de Sanéierungskäschte vun deem Terrain. Well een net genau weess, wat sech alles do nach verstoppt. Dofir hu mer och an dee Preaccord drasetze gelooss, dass wa mer geséichen, dass dee Präis also et war e Präis genannt gi vun deem Ganzen, mat enger minimaler Sanéierung. Mee wann awer déi Sanéierung elo géif maximal ginn, dann hätte mer ëmmer nach d'Recht, fir aus deem Preaccord erauszeklammen, wann et sech da wirtschaftlech net méi géif droe loossen.

Wann déi Käschte vun där Sanéierung vun deem Terrain, wou mer net genau wëssen, wat alles do läit, esou géifen de Rahme sprengen vun deem Ganzen. Dann hätte mer nach e Recht, fir do erauszeklammen.

Soudass mer an deenen nächste Wochen nach Gespréicher féiere wäerten. Dann hu se hir Aufgaben, déi mer hinnen d'leschte Kéier operluecht hunn, hoffentlech gemaach. An da gesi mer virun. Soubal mer eppes Geneeës wëssen, wäerte mer Iech informéieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt nach eppes zum Punkt soen. Mir hunn dat heite säit dem 30. Juni 2009 zur Verfügung gestallt kritt, deemools vun ArcelorMittal. A mir hunn duerno dran investéiert gehat. Ech mengen, den Här Muller war do selwer am Schäfferot, wou mer decidéiert haten, dass mer déi Container dohissetzen. Do hate mer ronn 900.000 Euro investéiert, fir déi Aarbechtsplazen dann och dohinnerzekréien. Do waren eng Rei vu Firmaen dran, de L'essentiel, d'Revue a schlussendlech elo Ebos, déi dran ass.

4d. Contrat de bail – 51 rue Émile-Mark

Et muss een awer soen, dass Arcelor-Mittal eis deen Terrain bis elo gratis zur Verfügung gestallt huet. A mir op där anerer Säit awer Loyer gefrot hunn. Natierlech hu mer och investéiert, 900.000 Euro. Mir hunn awer och Loyer gefrot. 10.000 Euro de Mount hu mir Loyer gefrot, deen och nach indexéiert ass. Wou mer haut dann op iwwer 12.000 Euro de Mount Loyer hunn, déi mer als Recette erakréien. Wa mer dat virsiichteg héichrechnen, dann hu mer hei eng Recette gemaach vun iwwer 1,3 Milliounen, mat engem Invest vun 900.000 Euro.

Dat heescht, mir hunn am Fong finanziell hei e Benefice gemaach. An da verstinn ech awer och, dass de Proprietär seet: Dann hätt ech awer och gären e klengen Obulus vun engem Euro de Meterkaree un deem Benefice, wou Der hei op engem Terrain dann och maacht.

Mir si ganz frou, dass d'Ebos ka bleiwen. Et ass e Betrib mat villen Aarbechtsplazen, déi mer hei zu Déifferdeng op jidde Fall brauchen, déi gutt sinn. Ebos huet zougesot, déi aner Säit an den Tower ze goen, soubal wéi dee fäerdeg ass. Si hunn awer och ganz kloer gesot, si kéinte sech et net finanziell leeschten zweemol ze plënnere. Dat heescht, si kéinten net elo erausplënnere aus deene Container, fir dann an zwee Joer erëm eng Kéier zrëckzeplënnere an den Tower. Dat wär fir si finanziell net machbar.

Dofir si mer ganz frou, an nach eng Kéier e Merci un ArcelorMittal, dass se mat op de Wee gaange sinn, deen Terrain der Gemeng zur Verfügung ze stellen zu deem symboleschen Euro de Meterkaree. Wuelwëssend, bei alle Gespréicher – bei ville Gespréicher war ech jo selwer dobäi –, dass ArcelorMittal selwer Projeten an Iddien hat, wat se mat deem Terrain kéinte maachen. Well och si Besoinen hunn an eigentlech ëmmer hu musse streiden intern, fir ze soen, deen doten Terrain hu mer der Gemeng ginn a mir wëllen deen elo net zrëck. Mee do war och den Drock intern ganz grouss, fir deen Terrain selwer fir eegen Zwecker ze benotzen. An dann hätte mer déi Firma Ebos net kéinten halen.

Duerfir wäerte mer dee Kontrakt hei op jidde Fall stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Wa keng weider Wuertmeldung méi do ass, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition d'une parcelle par Arcelor-Mittal située dans l'enceinte du site industriel à Differdange.

Villmools merci. Den nächste Punkt ass d'Villa Hadir, wou de Ministère de l'Éducation nationale dran ass. Si froen eis, dee Bail ze verlängere. Si plënnere iergendwann eriwwe an den Tour Aurea. Do hate mer geduecht, mir géife se kréien. An hei ass awer elo nach d'Demande, se bis den 31. Dezember 2025 ze halen, well se déi Lokalitéiten nach brauchen.

Wa keng Wuertmeldung do ass, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le 1^{er} avenant au contrat de bail conclu avec l'État du grand-duché de Luxembourg dans un immeuble sis au n° 51 de la rue Émile-Mark à Differdange.

Villmools merci. Am nächste Punkt geet et ëm e Contrat de fourniture de chaleur provisoire mat der LuxEnergie um Campus Mathendahl. Ech géif d'Wuert weiderginn un d'Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et geet hei drëms, dass de Raccordement vun der neier Schoul a Maison relais Mathendahl un déi zentral Heizung, déi an der Cité Mathendahl scho steet, virgeholl gëtt, well de Bau vun der Schoul relativ gutt weidergeet. Esou wär och do fir Hëtzes gesuergt. Merci.

des recettes de 1,3 million d'euros et des dépenses de 900 000 €. Bref, la Ville de Differdange a réalisé un bénéfice.

Dans ces conditions, Georges Liesch comprend que le propriétaire demande un euro symbolique par mètre carré.

Les écologistes sont contents qu'Ebos puisse rester. Differdange a besoin de ces emplois. Ensuite, Ebos emménagera dans la tour de l'autre côté de la rue. Mais financièrement, la société n'aurait pas pu déménager deux fois.

Georges Liesch remercie Arcelor-Mittal de mettre le terrain à disposition de la Ville de Differdange pour un euro symbolique le mètre carré. Après tout, ArcelorMittal a des projets pour ce terrain. Des discussions internes ont d'ailleurs souvent lieu à ce sujet. La pression était forte pour récupérer le terrain. Ebos aurait dû partir.

Les écologistes approuveront le contrat.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une prolongation du contrat de bail du ministère de l'Éducation nationale, qui occupe des locaux dans la villa Hadir. Ils auraient dû emménager prochainement dans la tour Aurea, mais ils ont décidé de conserver les locaux actuels jusqu'au 31 décembre 2025.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à un contrat de fourniture de chaleur provisoire avec Luxenergie pour le campus Mathendahl.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *précise qu'il s'agit de raccorder l'école et la maison relais au chauffage central de la cité Mathendahl.*

(Vote)

4e. Luxenergie / 4f. Balcon Lasauvage

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passee à un petit jardin à Lasauvage.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *passee à un jardin à Lasauvage appartenant à une maison gérée par l'AIS Kordall. Le propriétaire ne veut pas s'occuper de ce jardin. Une voisine a demandé à la commune si elle pouvait en prendre soin. La commune n'y voit pas d'inconvénient. Laura Pregno se réjouit de telles coopérations dans le voisinage. Le contrat fournit les conditions, car la Ville de Differdange n'utilise pas de pesticides.*

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
précise que la parcelle fait partie des jardins devant le balcon. Le jardin en question est déjà aménagé, avec une petite prairie.

Frenz Schwachtgen félicite la dame souhaitant en prendre soin. Elle contribuera à valoriser Lasauvage. Le Balcon est à considérer comme un tout se composant de 15 parcelles à l'entrée de la Lasauvage. Toutes les maisons ne sont pas en bon état.

Le collège échevinal s'est réuni avec les propriétaires pour essayer d'harmoniser le tout. Malheureusement, il n'a pas encore obtenu les résultats espérés. D'un point de vue touristique, ce serait pourtant une bonne chose.

D'importants travaux sont en cours à Lasauvage. Frenz Schwachtgen mentionne les routes, l'église et le gîte du site de l'UNESCO. C'est une bonne chose, notamment en vue de 2022 lorsque Differdange accueillera beaucoup de monde. Frenz Schwachtgen conseille au collège échevinal de ne pas abandonner pour ce qui est du Balcon. De nombreux projets sont réalisés en partenariat avec des promoteurs ou de grandes entreprises. Dans ce cas-ci, on pourrait privilégier le contact avec les propriétaires. Ceux-ci pourraient garder leurs logements tout en permettant à la commune de créer des structures de détente. Les écologistes soutiennent chaque pas fait dans cette direction.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da gi mer zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de fourniture de chaleur provisoire avec LuxEnergie pour le campus Mathendahl à Niederkorn.

Den nächste Punkt ass e kleng Gaart, dee mer op der Zowaasch verlount hunn. D'Madamm Pregno kann eis méi doriwwer soen.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Hei geet et ëm e Gaart op der Zowaasch, deen zu engem Haus gehéiert. D'Haus gehéiert der Gemeng a gëtt un d'AIS Kordall verlount. Wou d'Propriétaire keen Interêt weisen an och gewisen hunn, fir weider no deem Gaart ze kucken. Et ass eng Nopesch, déi dat gäre géif maachen. Déi ass un d'Gemeng erugetrueden, fir sech deem Gaart unzehuelen an deen ze heegen an ze fleegen. Mir begreissen dat.

Mir si frou, wann an der Noperschaft esou Kollaboratiounen entstinn. Soudass d'Madamm hei dëse Gaart vun der Gemeng verlount kritt. Am Kontrakt steet och, wéi dat soll gemaach ginn. Well mer eng pestizidfräi Gemeng sinn an och vill op Biodiversitéit halen. Soudass eng ganz Rei Klausule virgesi sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt do e puer Wuert derzou soen. Déi Parzell gehéiert zu deene Gäert, déi virum Balcon leien. Dat ass e wichtege Punkt fir den Ordre du jour. Ech begreissen ausdrécklech, dass mer an deem Deel vum Balcon eng flott Anlag kréien. Ech war dat selwer kucken. Dee Gaart ass schonn amenagéiert, eng

kleng Wiss an esou virun. Soudass dat eng ganz positiv Saach ass. Ech felicitéieren där Damm, déi dat wëllt an der Rei halen. Well dat dréit erëm zur Verschëinerung vu Lasauvage bäi.

De Balcon als Patrimoine soll een ëmmer trotzdeem als Ganzt kucken, vu dass mer an deem Raum, wat am Fong den Aganksberäich vu Lasauvage ass, 15 där Parzellen hunn. Dir wësst, déi sinn net alleguerten am selwechten Zoustand. Dat geet vu ganz schlecht bis ganz gefleegt.

D'Gemeng, de Schäfferot hat sech jo beméit, fir do eng Eenheet eranzekréien, mat Versammlung mat de Locatairenen oder mat de Propriétairenen. A bis elo ass leider nach kee positiv Resultat do, dass mer do eng Kéier wierklech e flotten Aganksberäich vun der Déifferdenger Säit op Zowaasch géife kréien. Wat virun allem géif dem Tourismus an eise Leit, déi ëmmer méi dee flotten Eck entdecken, zegutt kommen.

D'Fro un eise Schäfferot ass déi: Mer hu jo riseg Aarbechten zu Lasauvage lafen. Lues a lues gesäit een d'Struktur, déi herno sollt erakommen. Dat kann nëmmen eng formidabel Saach ginn. Et wier flott, Här Ulveling oder Madamm Buergermeeschtesch, 2022, wann déi Aarbechte fäerdeg sinn, all déi Amengementer, d'Stroossen, d'Renovatioun vun der Kierch, déi nei Anlagen, déi geplangt sinn, dee Gîte fir den Unesco-Site. Dass mer do wierklech eppes Opweises hätte fir déi Joren, wou mer da méi bekannt ginn an och méi Leit wäerten empfänken.

Dofir plädéieren ech un de Schäfferot, net d'Bengele bei d'Tromm ze geheien, wat de Balcon ubelaangt, mee nach eng Kéier do aktiv ze ginn. Mer schwätzen dacks iwwer private/public Projete mat grouse Promoteuren oder mat grouse Firmen. Vlächent kéint een hei och an déi Richtung goen, dass een eppes géif zesumme maache mat de Leit.

Wou se hir Propriétéit géifen halen, d'Gemeng awer op hirem Terrain Structures de détente géif schafe respektiv deem Ganzen en eenheetlecht Bild ginn, wat bei dee geplangten Hotel vum Saintignon géif passen. Dat wär eng flott Saach. An deem Sënn ënnerstëtze mer natierlech all kleng Initiati-

ven, all klenge Schrack, deen doranner passéiert.

Deen Acte de location hei vun enger Mini-Parzell ass e Stéck vum Puzzle, fir Lasauvage nach méi schéin ze maachen. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Schwachtgen op seng Fro äntweren. Natierlech ass d'Zil vun eis, fir all déi Saachen, déi Der zitéiert hutt, wéi d'Kierch, wéi de Relais, fir dat alles fäerdeg ze hunn. Och d'Aarbechte vun de Stroossen. Dat ass kloer. Dir hat elo vum Balcon geschwat. Ech mengen, Dir wësst, dass mir als Gemeng do riseg Efforte gemaach hunn. Mir ware mindestens dräimol dohinner, fir mat de Leit ze schwätzen.

Fir mech ass et en Trauerspill, wann ech gesinn, wéi et virun deem Balcon ausgesäit. Do mengers de, du kéims op eng Mülldeponie deelweis. Do stinn Autoen, et ass alles zougedeckt. Jee, et ass net gefleegt, guer näischt. A mir hate wierklech e flotte Projet ausschaffe gelooss vun eise Servicer, fir zousätzlech Parkplazen, fir déi Leit ze maachen. Mir hate proposéiert, hinnen eng kleng parkaarteg Anlag do ze maachen, déi flott wier. Mee dat war kengem bäizebrénge vun deenen.

Déi hunn all gemengt, si hätten dann nëmmen Nuisancen doduerch, well dann d'Kanner géifen an deem Park spillen an esou weider. An een huet awer dräi Autoen op senger Parzell stoen, kritt awer elo nëmmen eng Parkplaz. Et war en Tosch virgesi mat de Leit, deen, wéi ech fonnt hunn, ganz korrekt war. An ech och fonnt hunn, dass dat hir ganz Immobilie géif valoriséieren. Och de Präis, wa se et eng Kéier wéilte verkafen, géif natierlech an d'Luucht setzen.

Mee dat war deenen net bäizebréngen. Soudass, wa mer keen Accord fannen, mer et eebe leider esou musse si loosse,

wéi et ass. Ech sinn awer frou, dass zumindst eng Madamm sech bereeterkläert huet, eng Parzell da mol ze fleege. Vlächet gesinn dann déi aner, wéi schéin et ass, wann een no eppes kuckt an et ënnerhält. Da komme se vlächet op d'Iddi, dass eis primär Iddi – wou den Här Liesch sengerzäit och vill Efforte gemaach huet, fir d'Leit ze iwwerzeegen – awer gutt ass. An da musse mer ofwaarden.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver un contrat de location d'un jardin situé au Balcon à Lasauvage.

Villmools merci. Ech denken, mir huelen eis wuelverdénge Paus um 10 Auer, wéi dat mëttlerweil üblech ass. Zéng Minutten. Ech géif dëse Punkt nach huelen an dann zéng Minutte Paus maachen.

Dat ass dann den Organigramm.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee, nee.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Nee? Sinn ech gesprongen? Jo, ech hunn een iwwersprongen. Entschëllegt. Eng ganz gutt Nouvelle, Här Ruckert, well mer op e Versprieche aginn, wat Iech an der Zäit emol gemaach ginn ass. An ech si frou, dem Här Aguiar d'Wuert weiderzeginn, fir déi gutt Nouvelle ze verkënnegen.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kollegeen aus dem Schännerot, léiwe Gemengerot, déi allermeescht

L'acte de location dont il est question aujourd'hui constitue une pièce du puzzle pour rendre Lasauvage plus belle.

TOM ULVELING (CSV) confirme que l'objectif du collège échevinal est de terminer les travaux à temps.

Pour ce qui est du Balcon, la Ville de Differdange a fait des efforts énormes. Le collège échevinal s'est rendu plusieurs fois sur place pour discuter avec les propriétaires.

Tom Ulveling regrette amèrement l'aspect du Balcon. Il ressemble à une décharge couverte de voitures.

Les services communaux avaient développé un chouette projet comprenant des places de stationnement et un petit parc. Mais les propriétaires ont refusé parce qu'ils craignent que les enfants ne fassent du bruit dans le parc. En plus, les familles avec plusieurs voitures ne veulent pas se contenter d'un seul emplacement. Pourtant, le projet aurait valorisé leurs habitations et les prix auraient augmenté.

Un accord n'étant pas envisageable, le collège échevinal ne peut que laisser tomber pour le moment. Tom Ulveling est toutefois content qu'une dame ait accepté de s'occuper d'une des parcelles. Cela montrera peut-être aux autres que c'est bien d'en prendre soin. Monsieur Liesch a lui aussi beaucoup fait pour convaincre les propriétaires. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) propose une pause de dix minutes après le prochain point concernant l'organigramme.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) signale que madame Brassel-Rausch a sauté un point.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) constate que le prochain point concerne une promesse faite à monsieur Ruckert.

PAULO AGUIAR (DP) explique que la plupart des gens se retrouvent tôt ou tard confrontés à des situations complexes dans le cadre desquelles ils ne savent pas ce qui est permis et ce qui ne l'est pas.

Ces questions peuvent concerner les domaines privé ou professionnel. Il peut s'agir d'une dispute avec un voisin, un propriétaire...

Le problème est alors triple: on ne connaît pas forcément les lois. On ne sait pas forcément où trouver les informations. On se doute qu'un avocat peut apporter son aide, mais on n'ose pas, ne serait-ce que pour des questions d'honoraires. Ce point est lié de près à l'égalité des chances, car quelqu'un ne pouvant pas se payer un avocat sera moins bien informé qu'un autre.

Pour ces raisons, le collège échevinal a décidé de mettre en place un service de conseil juridique. La Ville de Differdange met un avocat à disposition de tous ses résidents. Il ne s'agit pas de suivre une affaire du début à la fin, mais d'obtenir un entretien individuel dans les domaines courants du droit.

L'avocat informe le résident sur ce qu'il peut entreprendre sans avocat et lui indique auprès de quelles instances il peut trouver de l'aide.

Le service est réservé aux particuliers. Ceux-ci ne peuvent pas y recourir dans le cadre d'une affaire concernant un conflit avec l'administration communale.

La Ville de Differdange s'occupera de prendre les rendez-vous et de mettre une salle à disposition. L'avocat s'engage quant à lui à fournir des informations pertinentes au client et à ne pas s'occuper de dossiers ayant trait à l'administration communale aussi longtemps qu'il est lié à celle-ci par une convention.

Les honoraires à régler par la commune se montent à 87 € HTVA.

CHRISTIANE SAEUL (DP) salue la mise en place d'un service de conseil juridique gratuit pour les habitants. Il ne s'agit pas pour l'avocat de prendre en charge un dossier, mais de fournir des informations compréhensibles dans les procédures judiciaires.

Quand le service sera en place, maître Guerisse ferait bien de prendre contact avec le service de médiation pour voir qui s'occupera de quoi. La médiation intervient surtout en cas de conflits entre voisins ou avec la famille.

vun eis sinn iergendwann an eisem Liewe mat méi oder wéineger komplexer Situatioun konfrontéiert. Wou mir net onbedéngt ëmmer wëssen, wat erlaabt ass a wat net. Wat ass mäi gutt Recht? Wat si meng Flichten? Wat seet d'Gesetz?

Esou Froe kënnen souwuel am private Liewe wéi op der Aarbecht virkommen. Dat kann e Sträit mat sengem Noper sinn, Froen am Zesammenhang mam Loyer, dee vläicht an d'Luucht gaangen ass a wou ee sech net sécher ass, ob eng Hausse erlaabt ass.

An esou Situatiounen ass de Problem oft dräifach. Éischtens kennt een d'Gesetz net onbedéngt. Zweetens weess een net ëmmer, wou een déi néideg Info kritt. Mir hu vill Plazen hei op der Gemeng, wou dat méiglech ass. Zum Beispill eng Commission de loyer, en Écrivain public, de Service de médiation. Net jidderee weess onbedéngt, u wien hie sech wenne kann. Drëttens weess een, datt en Affekot déi néideg Ënnerstützung ka bréngen, ma et traut ee sech net esou richteg. An dat ass bei eiser Populatioun net onwichtig, mat den Honorairen.

Dobäi stellt sech och nach d'Fro vun der Chancëgläichheet. Well wann ech mir en Affekot net leeschte kann, sinn ech net esou gutt informéiert wéi en aneren, deen déi néideg Suen huet.

Je passe en français pour tenir compte de notre population francophone. Le collège échevinal est conscient de ces difficultés. C'est pourquoi nous avons décidé d'introduire le service de conseil juridique gratuit. Concrètement cela signifie qu'à l'image de ce qu'elle fait avec son écrivain public, la Ville de Differdange met un avocat à disposition pour tous ses résidents. Bien entendu il s'agit ni de prendre en charge une affaire du début à la fin ni de commenter des dossiers déjà traités par un autre avocat. Mais chaque citoyen pourra, en cas de besoin, demander un entretien individuel dans les domaines du droit civil, du bail, du droit de travail, du droit de la famille et du droit pénal.

Un entretien type se déroulerait de la façon suivante: L'avocat prendra connaissance des problèmes du résident, lui fournira des informations, lui expliquera ce qu'il peut faire lui-même sans

recourir à un avocat et lui indiquera auprès de quelle instance il peut obtenir plus de l'aide. Bien entendu cet entretien est soumis au secret professionnel, il est strictement réservé au particulier. Y exclu sont les commerçants et les entreprises. Un particulier ne peut pas non plus recourir à ce service dans le cadre d'un conflit avec l'administration communale.

Sans entrer dans les détails de la convention, je me permets de revenir sur quelques points. De notre côté nous nous chargerons de mettre un local à disposition de l'avocat et nous nous occuperons de la prise des rendez-vous. De son côté, la personne en charge s'engagera des disponibles horaires prévus et à fournir aux citoyens les informations pertinentes à son dossier. Il ne peut pas prendre en charge des dossiers qu'il traite pendant les entretiens et ne peut pas non plus accepter des dossiers concernant l'administration communale aussi longtemps qu'il est lié à celle-ci par cette convention.

Un dernier point, les honoraires à régler par la commune s'élèvent à 87 euros hors tva par heure à régler à intervalle régulier. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Saeul, wannechgelift. An dann d'Madamm Wohl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. D'Iddi ass ze begréissen, eisen Awunner déisen neien zousätzleche Service vu juristescher Berodung unzebidden. Wéi schonns gesot, e gratis Service vu Berodung fir de Bierger. Awer net virgesinn, fir e juristesche Fall ze iwwerhuelen. Dofir eng kloer a verständlech Berodung zu juristesche Prozeduren.

Soubal dee Service en place ass, wier et wichtig, dass d'Maître Guerisse mat eisem Service de médiation, der Maison des conflits zesummekënnt. Dëst fir sech géigesäiteg ze kennen an ze informéieren, wat deen anere mécht.

D'Médiatioun ass virun allem do, fir Konflikter tëscht Noperen, d'Médiati-

on de voisinage, wéi och innerhalb vun der Famill, d'Médiation socio-familiale, am Gudden ze léisen, ouni mussen op d'Justiz zrëckzegraifen. Idem kënnen d'Mediateuren op deen neie Service hiweisen, wann et ëm juristesche Froe geet.

D'Demokratesch Partei stëmmt dëse Punkt. Ech soe merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen, wéi den Här Aguiar gesot huet, geet et hei ëm en neie Service mat enger Affekotin, déi schonn als Écrivain public fir d'Gemeng engagéiert ass. De Service ass geduecht fir d'Privatpersounen, déi an der Gemeng wunnen.

Et geet ëm eng éischt Informatioun, respektiv Orientatioun. Wann néideg, ginn d'Persounen un d'Maison des conflits weidergeleet, bei engem Nopersträit zum Beispill. Déi Mediatioun kann op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch a Portugisesch am Moment stattfannen.

Si kënnen och un den Office social, zum Beispill, weidergeleet ginn, wann deen a Fro kënnt. A wann en Affekot muss bäigegu ginn, da gëtt d'Persoun informéiert, a wéi engem Beräich se deen zoustännegen Affekot muss sichen. D'Rendez-vous si virgesinn, fir dëschdes tëscht hallwer néng an hallwer eelef ze maachen. A se kënnen och deemnächst geholl ginn.

Mir begrëssen dës Méiglechkeet an dës Konventioun. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, als Verrieder vun déi Léink ënnerstëtzen ech dat heiten. Mir haten dat an eisem Walprogramm a si ganz frou, dass d'Déifferdenger Gemeng elo op deen dote Wee geet. Well ganz vill Leit iwwerfuerdert si mat ganz ville Froen, déi juristescher Natur sinn. An heiansdo just e kleng Conseil awer scho Käschte mat sech bréngt, wann een domadder direkt bei en Affekot muss goen.

Hei ass et esou, dass d'Leit eng Informatioun kënnen kréien, eng Begleedung kënnen kréien. Scho bei klengen Demarché kënnen wierklech en Abléck dra kréien, wat se fir Rechter hunn.

Als President vun der Loyerskommissioun fannen ech et enorm wichteg, dass d'Leit déi Informatioun kréien. Mir mierken ëmmer erëm an der Loyerskommissioun, dass d'Leit oft ganz schlëmm Zoustänn op sech huelen, wat de Logement ugeet, well se mengen, si dierften näischt soen, soss kéinte se hire Logement vun engem Dag op deen anere verléieren.

Dobäi sinn d'Locatairenen am Fong relativ gutt geschützt. De Problem ass just, dass déi Demarchen, déi méiglech sinn, e Parcours du combattant ass. Dass do ganz vill Onsécherheet besteet, wann een net ka bei eng ausgebildete Persoun goen, déi d'Recht wierklech kennt an engem seet: Jo, du kanns froen, fir d'äi Loyer erofzesetzen. Jo, du kanns deng Garantie zrëckfuerderen. Jo, du kanns an du muss esou an esou ... Du kanns och, wann s de wierklech näischt fënns – du hues eng Resiliatioun an du fënns näischt anescht, da kanns de och e Sursis froen. Du muss dech just u verschidden Delaien halen.

A wat ech ganz oft gesinn, bei Locatairenen, wa se eis entweder hei zu Déifferdeng oder soss Froe stellen, dann ass et oft ze spët. An dofir ass et immens wichteg, dass een als Gemeng esou ee Service ubitt. An deen nächsten Challenge ass, wa mer dee Service bis hunn, da muss mer en och gutt bekannt maachen, dass grad déi Persounen, déi e brauchen, wëssen, dass et e gëtt. Dat ass wierklech eng ganz wichteg Saach, déi mer elo hei als Déifferdenger Gemeng

Les démocrates approuveront ce point.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) rappelle que ce nouveau service sera proposé par une avocate s'occupant déjà du service d'écrivain public. Il s'adresse aux particuliers résidant dans la commune.

Le cas échéant, les personnes concernées seront orientées vers la Maison des conflits. La médiation peut se dérouler en luxembourgeois, allemand, français ou portugais.

En cas de besoin, l'avocat pourra conseiller au client de se rendre à l'office social ou l'aider à trouver un avocat compétent dans le domaine requis.

Les rendez-vous auront lieu le mardi de 8 h 30 à 10 h 30.

Nicole Wohl salue la mise en place de la convention.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient ce projet au nom de déi Léink, qui proposait ce service dans son programme électoral.

Beaucoup de gens se sentent submergés face aux questions juridiques, mais se faire conseiller coûte cher. Désormais, les gens pourront se faire aider.

En tant que président de la commission des loyers, Gary Diderich trouve ce genre d'informations importantes. Les locataires n'osent souvent pas se plaindre parce qu'ils craignent de perdre leur logement du jour au lendemain. Pourtant, les locataires sont relativement bien protégés. Mais les démarches constituent un parcours du combattant. Et les gens ne sont pas certains de ce qu'ils ont le droit de demander. Même en cas de résiliation, il existe un droit de sursis à condition de respecter certains délais. Malheureusement, les locataires attendent souvent trop longtemps avant de poser leurs questions.

Gary Diderich répète qu'il est important de proposer un tel service. Le prochain défi consistera à le faire connaître à la population.

Gary Diderich soutient entièrement ce projet.

ALI RUCKERT (KPL) signale qu'en principe, tous les citoyens sont tous égaux devant la loi. Mais souvent, ceux qui ont de l'argent sont plus égaux que les autres — et ce, même devant la justice. Car sans argent, on hésite à faire valoir ses droits. Avant, trois tribunaux offraient un conseil juridique: Diekirch, Luxembourg-ville et Esch. Mais c'était difficile à cause du nombre de gens. À midi, les bureaux fermaient même s'il y avait la file dehors. Les gens devaient donc recommencer le lendemain. Finalement, le service de conseil juridique pour le sud du pays a cessé d'exister.

Depuis, un tel service figure dans le programme électoral des communistes. Ceux-ci estiment que la commune doit garantir un tel soutien à ses citoyens. Les personnes défavorisées ont du mal à se rendre chez un avocat en sachant qu'après trois mots, il établit déjà une facture.

Ali Ruckert a mentionné ce problème plusieurs fois. Apparemment, il a été entendu. L'ancien bourgmestre Roberto Traversini avait dit que le collège échevinal était d'accord pour introduire ce service. La nouvelle bourgmestre a maintenu cette promesse. Entre-temps, des discussions ont eu lieu pour en définir les avantages et les limites.

Ali Ruckert est content que les Diferdangeois puissent désormais profiter du service. Il reste à informer la population correctement et de manière répétée.

Ce service et son fonctionnement sont uniques dans le pays. C'est une bonne initiative. Ali Ruckert votera pour.

JERRY HARTUNG (CSV) explique qu'il est question d'une convention avec une juriste pour offrir un service de conseils à la population. Les chrétiens sociaux estiment que cette décision est la bonne au nom de la justice sociale. L'avocate donnera des informations aux citoyens et les dirigera vers les instances nécessaires. Les gens pourront

maachen an déi ech absolutt ënnerstëtzen. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, am Prinzip ass zu Lëtzebuerg all Mënsch gläich virum Gesetz. Ausser déi, déi Geld hunn, si méi gläich wéi anerer, dacks. Och an der Justiz. Well se zécken, wa se keng Suen hunn, iwwerhaupt hiert Recht an Usproch ze huelen.

Zu Lëtzebuerg hunn déi dräi Bezierksgeriichter an der Vergaangenheet ëmmer eng gratis juristesche Berodung ugebueden. Déi zu Dikrech, déi zu Lëtzebuerg an déi zu Esch. Esch war zustänneg fir de ganze Süden. Déi sinn ugebuede ginn, mee dat war ganz komplizéiert, well deen Déngscht vu ganz ville Leit an Usproch geholl ginn ass. A wann d'Leit an der Schlaang stoungen an um 12 Auer sinn d'Büroen zouge-maach ginn, da si se erëm heem geschéckt ginn. Dann hu se alt erëm eng Kéier mussen dohinner goen an esou weider an esou fort. Bis zu deem Moment, wou decidéiert ginn ass, dass déi juristesche Berodung hei am Süde vum Land net méi géif stattfannen.

Dat war den eigentleche Grond, firwat dass d'Kommunistesche Partei decidéiert huet, déi gratis juristesche Berodung an hire Walprogramm opzehuelen. Well se der Meenung war, dass een esou en Déngscht misst fir d'Bierger vun der Gemeng garantéieren. A besonnesch fir déi Bierger, déi net déi néideg Suen hunn, fir direkt bei den Affekot ze goen an dann, wa se dräi Wuert geschwat hunn, schonn eppes mussen op den Dësch bliedern. Dofir hate mer dat an eise Walprogramm geholl.

Ech hat och hei am Gemengerot als Verrieder vun der Kommunistescher Partei e puermol doriwwer geschwat gehat. Dat schéngt net op daf Ouere gestouss ze sinn, well viru längerer Zäit hat den ehemolege Buergermeeschter Roberto Traversini, wéi ech erëm eng

Kéier domat komm war, an enger Gemengerotssitzung gesot, dass de Schäfferot d'accord wär, fir esou e juristeschen Déngscht anzeféieren.

Duerno wësse mer, wat passéiert ass. Awer wéi déi nei Buergermeeschtesch komm ass, hunn ech d'Versécherung kritt, dass de Schäfferot géif doru festhalen. An ech war an der Tëschenzäit och mat der Madamm Buergermeeschtesch a mat engem Gemengebe- amten zesummen, fir konkreet driwwer ze schwätzen, wéi esou en Déngscht kéint ausgesinn. Wat seng Virdeeler sinn a wat seng Grenze sinn. Den Här Aguiar huet elo schonn daitlech gesot, wourëms et geet. Ech wäert elo net méi dorop agoen.

Ech si frou fir d'Awunner vun der Gemeng, déi elo vun deem Déngscht do kënne profitéieren, dass mer deen als Gemeng aféieren. Ganz wichteg ass natierlech, dass mer elo eng breet ugeluechten Informatioun fir d'Bevëlkerung maachen. Net nëmmen eng Kéier, mee dat widderhuelen am Laf vun der Zäit, dass d'Leit dat och matkréien, dass se vun deem Déngscht profitéiere kënnen. Ech mengen, dat ass eemoleg am Land, wou dat elo esou funktionéiert. Et ass eng gutt Initiativ. Selbstverständlech wäert ech derfir stëmmen, dass dat elo esou agefouert gëtt. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, hei stëmme mer eng Konventioun mat enger Juristin, déi onse Bierger, déi esou eng Ënnerstëtzung brauchen, zukünfteg mat Rot zur Säit steet.

Am Numm vun der Déifferdenger CSV gesi mer d'Schafe vun därer lokaler Assistance juridique fir d'Privatleit am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet als richtig. Dës Projet ass just als eng éischt Ulafstell unzegesinn. D'Affekotin soll een informéieren a wann néideg un déi richtig Instanz weidervermëttelen.

4g. Information juridique / 5. Organigramme

Mer hunn elo héieren, et wäert ëmmer dënschdes moies méiglech sinn, wou d'Leit e Rendez-vous kënnen an Usprouch huelen.

Wat d'Berodung selwer ugeet, bleift d'Déift an d'Frequenz oppen. Et muss een onbedéngt no enger Zäit d'Erfaarungen analyséieren a kucken, ob d'Rahmebedéngunge stëmmen. Mer stellen eis et schwieereg vir, zum Beispill, am Fall vun engem Sträitfall tëschent zwou Persounen hei aus der Gemeng, déi dann allen zwee bei déi selwecht Juristin ginn. Zum Beispill e Proprietär a säi Locataire oder eng Koppel an der Scheedung. Dofir ass et gutt, datt si just informéiert, wat oft schonn zu enger Léisung bäidrëit. An am anere Fall d'Bierger da weiderverméittelt.

Dës juristesche Berodung ass eng gutt Saach. An deem Sënn wär et gutt, wann um Internetsite, wou dëse Service kann nogesicht ginn, zum Beispill och direkt d'Linken, mat entsprecheden änlechen Instanzen, déi et um nationalen Niveau gëtt, fanne géif. Zum Beispill de Centre Européen des consommateurs au Luxembourg oder d'Union luxembourgeoise des consommateurs. Wat zwar privat Institutione sinn, mee déi duerch eng Konvention a Subventionne vum Staat och fir d'Netmembere mussen eng gratis Consultation ubidden. An natierlech ass och de Service de médiation ugeschwat ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Goffinet, wannechgelift.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, et ass scho bal alles gesot ginn. Ech wëll net fir d'sechst d'Saache widderhuelen.

Ech wëll de verschiddene Gesellschaften oder Gewerkschaften an deem Punkt merci soen, déi oft de ganz normale Leit, déi souguer net an engem Syndicat waren oder den einfache Leit, déi net vill hunn, keng Mëttelen, wéi den Här Ruckert gesot huet, oft gehollef hunn, ouni eppes ze froen. Natier-

lech och de Konsumenteschutz, deem dat ëmmer erëm ugebueden huet.

Ech hunn e selwer, obwuel ech Member sinn, elo och gefrot. Deen e ganz flotte juristeschen Déngscht huet. Dat dote kann nëmmen eng Ergänzung sinn. Ech mengen, et kann ee jo net géint esou eppes sinn. Ech soen Iech merci, dass Der dat duerchzitt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Goffinet. Här Ruckert, souwäit ech informéiert sinn, huet Monne-rech och esou en Déngscht. Et si scho Gemengen, déi esou en Déngscht hunn. E puer.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Fënnef.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Fënnef, seet den Här Bertinelli. Peu importe. Mir hunn en och elo an elo votéiere mer en, wannechgelift.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de collaboration pour l'introduction d'un service d'information juridique pour les citoyens de la ville.

Villmools merci. Et ass 10.04 Auer. Um Véierel op zéng gesi mer eis erëm.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Punkt 5 vum Ordre du jour. Do geet et ëm den Organigramm. Dëst ass eng Mise à jour vu verschiddene Posten. Posten, déi mir wierklech brauchen op der Gemeng. Dat eent ass ënnert dem Titel Organisation, recrutement et médiation. Dat wier en Attaché administratif.

Wat mer eis virstellen, dat ass, dass mer mat eise wierklech ville Leit op der Gemeng en Uspriechpartner brauchen,

prendre rendez-vous le mardi matin.

Pour ce qui est de la complexité et de la fréquence des conseils, il faudra analyser le cadre. Jerry Hartung se demande par exemple comment cela se passera si deux voisins en litige demandent conseil au même avocat. Il pourrait aussi s'agir d'un locataire et d'un propriétaire, ou d'un couple en instance de divorce. C'est pourquoi l'avocate devra se limiter à fournir des informations. Jerry Hartung demande que les informations concernant ce service soient publiées sur le site internet de la commune avec des liens vers des instances nationales. Par exemple le Centre européen du consommateur au Luxembourg ou l'Union luxembourgeoise des consommateurs. Il s'agit d'institutions privées, mais subventionnées par l'État pour offrir des consultations à des personnes non affiliées.

SERGE GOFFINET (LSAP) ne veut pas répéter tout ce qui a déjà été dit.

Il profite de l'occasion pour remercier certains syndicats qui ont souvent aidé les gens démunis même s'ils n'étaient pas membres. Il mentionne aussi la protection des consommateurs.

Serge Goffinet a déjà eu recours à un service similaire. C'est une bonne chose. On ne peut pas y être contraire.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) croit savoir que Mondercange dispose aussi d'un service similaire. Il doit aussi y avoir d'autres communes.

FRED BERTINELLI (LSAP) répond qu'il y en a cinq.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) annonce une pause jusqu'à 10 h 04.

(Pause)

Christiane Brassel-Rausch passe au point 5, l'organigramme. Certains postes nécessaires sont mis à jour. La bourgmestre mentionne un attaché administratif au recrutement et à la médiation. Avec tous ses employés, la Ville de Differdange a besoin d'un interlocuteur à qui les services peuvent s'adresser quand il

5. Organigramme

y a un problème. Cette personne s'occupera aussi des ressources humaines en établissant des règles pour encadrer les recrutements.

Les autres points concernent des adaptations de carrières.

Par ailleurs, il est probable que certaines descriptions de poste soient modifiées ou précisées. Il n'est pas question de recruter plus de personnel pour les raisons mentionnées tout à l'heure. Mais il faut améliorer le fonctionnement de certains postes au sein des services.

ERNY MULLER (LSAP) a quelques questions concernant le poste d'attaché administratif, c'est-à-dire du psychologue de travail.

Il s'agira d'un cadre A1 dépendant directement du secrétaire communal. Il collaborera avec le collègue échevinal et constituera une structure séparée du service du personnel.

Parmi ses missions figurera la prise en charge du MBO, c'est-à-dire de la gestion par objectifs. Il s'agit d'un système d'évaluation de la carrière du fonctionnaire.

Il existe des lignes de conduite concernant le MBO. Le ministère de l'Intérieur et le Syvicol sont chargés de les mettre en place au niveau de l'État et des communes.

Erny Muller connaît ce système de son ancien travail. Ce sont les services qui doivent fixer les objectifs — c'est-à-dire le chef de service avec ses collaborateurs. Le service se donne des objectifs. Ensuite, il faudra voir s'ils auront été atteints. Le chef de service est le seul habilité à mener des entretiens avec le personnel. C'est lui qui sait le mieux si ses collaborateurs ont atteint leurs objectifs.

Une liste des objectifs est dressée. Il y a aussi les KPI, les indicateurs clés de performances permettant de contrôler si les objectifs ont été atteints.

L'attaché administratif aura énormément de pouvoir puisqu'il décidera par exemple quels candidats seront invités à un entretien pour un poste. Il jouera aussi un rôle important dans la discussion avec les services — notamment en cas de conflits — et donc dans la décision de renvoyer un collaborateur ou pas.

un deen d'Leit aus de Servicer sech kënnen engersäits riichten, wa Problemer sinn, wa se eppes ze reegelen hunn. Anerersäits d'Ressources humaines, dat heescht een, dee sech ëm de Rekrutement këmmert. Dat heescht, dee mathëlleft, Reegelen opzestellen, wéi geet de Recrutement vir sech an esou virun an esou weider. Dat ass déi eng Saach, déi eis wierklech wichteg ass. Dat anert sinn Upassunge vun de verschiddene Karriären.

Ech wëll Iech och nach soen, dass mer ënnerwee sinn, well et gefrot gëtt, mee och well mer et brauchen, fir d'Jobdescription lues a lues vun de Servicer ze kréien. Héchstwarscheinlech wäerten nach kleng Modifikatioune kommen aus där Jobdescription. Et ass elo net direkt eis Iddi, de Kader ze erweideren a méi Leit anzustellen. Aus deene bekannte Grënn, déi och scho virdrun erwäant gi sinn. Mee dat hei si wichteg Posten, fir d'Fonctionnement innerhalb vun de Servicer vun der Gemeng ze verbesseren.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Mir hätten do mol direkt gär e puer Informatiounen, speziell zum Poste vum Attaché administratif, dem sougenannten Aarbechtspsycholog, wéi en och nach genannt gëtt.

Laut dem Profil, der Description de fonction, soll en e gewëssenen Niveau am Département de ressources humaines hunn. En Attaché administratif am Cadre A1, ass eiser Meenung no, wéi en hei figuréiert, direkt ënnerstellt ënnert dem Sekretär. An e schafft och zesumme mat dem Schäfferot an ass eng parallel Struktur zu dem Service gestion du personnel. E Master a Ressources humaines oder e Master a Psychologie du travail.

Eng vu sengen Aufgaben ass opgefouert: guider la gestion par objectifs, also den MBO. Dat ass am Fong deen neie Bewäertungssystem, dee soll kommen um Niveau vun der Karriär vum Fonctionnaire an och vläicht vum Salarié vun de Gemengen.

Ech hu mer Gedanke gemaach. Dat heescht, do steet eng MBO Guideline um Niveau vum Interieur an och um Niveau vun de Gemengen. Well dat jo awer elo eppes ass, wou souwuel de Ministère de l'Intérieur wéi och de Syvicol soll kucken, dass dat um Landesplang op engem Niveau geet. Dass d'Gemengen dee selwechte Prinzip hu vun engem Bewäertungssystem Gestion par objectif.

Ech hunn dat matgemaach a mengem fréiere Beruff. An ech muss Iech soen, an deene Saache gëtt et en iwwergeuerdente System, deen d'Prinzipie festleet, wéi déi Gestioune ze sinn huet. An d'Objektiver gi fixéiert duerch de Service selwer, dat heescht de Chef de service mat senger Leit. D'Servicer, déi gi sech Objektiver. An herno kuckt een: Hu mer déi Objektiver erreicht?

Deen, deen d'Gespräicher féiert mat de Leit herno, dat kann nëmmen de Chef de service si vum Service selwer. Well dee weess jo am beschten, ob seng Leit dat erfëllt hunn, wat si an deenen Objektiver festgehalten hunn. A wéi deen eenzele par rapport zu deene Virstellungen an och Punkten – do gëtt jo och eng Oplëschtung gemaach, wat do figuréiert als dee Volume vun den Objektiver, déi mussen erfëllt ginn. An och d'Resultater. Dat nennt ee KPIen. Dat sinn déi gewësse KPIen, déi mussen herno erauskommen. Dat sinn déi Facteuren, wou een dat ka kontrolléieren.

An dat ass esou, dass dat all Kéiers am Service gemaach gëtt. An all Hierarchie. Mir sinn haut an engem Line management an all Gemeng – a villen Entreprises –, mee et gëtt iwwerall nach e Chef de secteur oder e Chef de service. Soudass dat ëmmer op deenen Niveaue gemaach gëtt, mat de Leit zesummen.

Wa mir elo hei esou en héije Beamte materanhuelen. Dee jo awer immens vill Pouvoir kritt, well e jo schonn emol d'Selektioun mécht, wien iwwerhaupt geruff gëtt op en Interview, bei de Kandidature fir e Posten. Wann en esou staark matabezu gëtt an d'Bewäertungen an an d'Diskussiounen betreffend déi eenzel Servicer – och am Konfliktfall oder souguer vläicht, wann et drëm geet, fir ze decidéieren, ob een entlooss gëtt oder net entlooss gëtt –, da sinn dat

5. Organigramme

jo awer scho ganz héich Responsabilitéiten.

A wat eis hei wonnert: Dir sidd jo ee Schäfferot, dee ganz vill op Avisen hält, iwwerall riets a lénks Avisen anhëlt a sech och vill op déi Avise baséiert, egal a wat fir engem Domän, ech schwätzen elo vun den Avise vun de Kommissiounen an esou weider. Mee hei si keng Avise gefrot ginn. Zum Beispill vun direkt Concernéierte wéi d'Delegatiounen vun de Fonctionnaires a vun de Salariéen. Deenen hir Verrieder. Ech mengen, mat deene soll een awer diskutéieren, wat ee wëlles huet, iwwert dee ganze Kader vun deem, wat hei drasteet, wat mir elo hei gelies hunn.

Dir hutt och net mat eis virdru geschwat. Dir wäert geduecht hunn, dat kënne mer jo da maachen am Gemengerot, do ka jo jiddweree seng Meenung dozou soen. Dat ass och Äert gutt Recht. Mee ech vermessen hei déi Diskussioun an déi Avisen am Virfeld, ier mer dat hei ofstëmmen. Well meeschtens, a Personalproe bal ëmmer, hate mir hei en Avis leie vun de Personalverrieder. Haut ass keen Avis hei dran. Net een, iwwert déi ganz Modifikatiounsännerungen, déi elo hei kommen.

Ausser deem heite Posten, wat eng nei Kreatioun ass, sinn dat anert keng weesentlech Modifikatiounen. Well déi Posten, déi besti schonn, déi gi just reguliséiert. Mee dëse Poste speziell, géif ech Iech recommandéieren, deen nach eng Kéier méi large ze diskutéieren. An och déi Partner, wéi ech Iech elo virdru gesot hunn, matanzebezielen, do en Avis anzehuelen. An da géife mer deen nach eng Kéier hei eranhuelen an de Gemengerot an dann eréischt stëmmen. Dat ass eis Propositionen zu där Kreatioun vun deem neie Posten. Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech hat mer dat och ugekuckt, dee Poste vu Ressources humaines. Iwwer-

all a gréissere Betriber gëtt et esou een. Am T.I.C.E., wou ech sinn, ass och esou een agestallt ginn. De Feedback war direkt immens positiv, souwuel an der Direktioun wéi am Büro vum T.I.C.E. Awer och vun de Gewerkschaften ass dee Poste vun de Ressources humaines immens begréisst ginn, well dat wierkelech eng Plus-value ass fir d'Personal.

Wann een d'Jobdescription kuckt vun där Persoun, déi dat heite soll maachen, déi entlaascht jo eigentlech ganz vill vun de Leit selwer, vun de Chef-de-services, déi elo vill Aarbechte maachen. Jiddweree mécht en Deel dovunner. An hei ginn da Saache regroupéiert, wou dee vun der Ressource humaine am Fong dann zentraliséiert mécht.

Ech gesinn elo net direkt déi Angscht, déi hei gesot ginn ass, dass deen immens Pouvoir huet. Ech gesinn dat éischter als e Posten, deen extreem vernetzt muss si mat alle Chef-de-services a mam Schäfferot. Esou funktionéiert et op jidde Fall an deene Betriber, wou ech emol weess, dass et esou e Poste Ressources humaines gëtt. An och beim T.I.C.E. Et ass also keen, deen eleng am Büro e Cavalier-seul-Pouvoir hätt. Et ass éischter eng Persoun, déi muss extreem vernetzt sinn a ganz gutt mat deenen anere Leit zesummeschaffen.

Mir begrësse jiddefalls, dass d'Gemeng sech op de Wee mécht, fir esou ee Posten ze schafen. Nach ass e jo net besat. E gëtt jo elo emol just hei geschaaft. Ech weess, dass aner gréisser Gemenge schonn esou e Posten hunn. Ech hunn awer do kee Feedback, wéi gutt dat funktionéiert. Jiddefalls fanne mir, dass et eng Plus-value ass fir d'Gemeng, fir esou ee Posten ze hunn.

Eleng schonn déi Jobdescription. Wann ee kuckt, „améliorer la communication transversale entre les services“, dat ass eppes, Här Muller, wou Dir och wësst, wou mir als Schäfferéit an deene leschte Joren extreem vill Zäit investéiert hunn. A probéiert hunn, dat hinze kréien, déi transversal Kommunikatioun tëscht de Services. Déi eis méi oder manner gutt gelongen ass. Ech mengen awer, dass dat besser ka funktionéieren, wann een do eng Persoun huet, déi op der Gemeng schafft, wéi wann een e politesch Mandat huet.

En général, le collège échevinal aime demander des avis sur tout. Par exemple aussi aux commissions consultatives. Mais dans ce cas-ci, il n'a même pas demandé l'avis de la délégation des fonctionnaires et des salariées, qui sont pourtant directement concernés. Erny Muller estime qu'il faut parler avec eux.

Le conseil communal n'a pas été consulté non plus avant la séance d'aujourd'hui. Le collège échevinal est dans son droit, mais Erny Muller regrette cette façon de faire. En général, dès qu'il est question de personnel, l'avis des délégations est demandé.

Les autres modifications de l'organigramme sont moins importantes. Il s'agit de régulariser des postes existants.

Erny Muller recommande au collège échevinal de demander des avis quant à l'attaché administratif et de ne soumettre la création de postes au vote que plus tard.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

constate que chaque grande entreprise dispose d'un tel poste. Le feedback de la direction, du bureau et des syndicats du TICE par exemple est positif. Il s'agit d'une plus-value pour le personnel.

Actuellement, les chefs de service réalisent de nombreuses tâches. Ces tâches seront désormais regroupées au sein des ressources humaines.

Georges Liesch ne craint pas que cette personne ait trop de pouvoir. Mais elle devra être en contact avec les chefs de service et le collège échevinal. Elle ne pourra pas faire cavalier seul.

Les écologistes saluent la création du poste. D'autres communes l'ont déjà fait, mais Georges Liesch n'a pas encore eu de retours.

Parmi les tâches de cette personne figurera l'amélioration de la communication transversale entre les services. Or monsieur Muller sait combien de temps le collège échevinal investit dans ce domaine. Une personne travaillant à la commune sera plus efficace qu'un homme politique.

Georges Liesch répète qu'il faut créer ce poste. On aurait pu demander l'avis des syndicats comme l'a dit monsieur Muller. Mais pour

5. Organigramme

les écologistes, ce n'est pas indispensable.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

précise que le président de la délégation des fonctionnaires a été impliqué dans les discussions dès le départ. En pleine crise de COVID-19, la communication avec les délégations est moins évidente. Mais ce n'est pas une excuse pour l'absence d'avis.

Les tâches énumérées dans la description de poste sont déjà remplies aujourd'hui. Mais l'homme qui s'en occupe actuellement a constaté qu'il n'avait pas la formation nécessaire pour remplir toutes les attentes, notamment en ce qui concerne le recrutement. C'est donc le service concerné qui a entamé le processus.

De toute façon, l'objectif n'est pas de chambouler l'administration. L'initiative a été prise par le service du personnel, qui s'est renseigné auprès des communes d'Esch et de Dudelange. C'est de là que provient la description de poste. Cela n'a rien à voir avec les hommes politiques. En outre, la délégation des fonctionnaires a été impliquée dans le processus oralement.

Henri Krecké répète qu'il n'est pas question de changer quoi que ce soit, mais d'améliorer ce qui existe.

Dans une structure comprenant autant de collaborateurs, c'est une nécessité. Ce poste crée une plus-value.

Le ministère de l'Intérieur avait prévu d'organiser des réunions concernant la tutelle administrative sur les communes, mais les dates sont tombées en pleine période de COVID-19. La Ville de Differdange attend donc les nouveaux délais. Henri Krecké n'a pas la circulaire sur lui. Mais en tout cas, le service du personnel ne dispose pas des compétences nécessaires pour s'occuper de cette matière. C'est pourquoi il est important de recruter la bonne personne.

Il est vrai que les chefs de service doivent être responsabilisés. Mais avant, il faut mettre en place le mode opératoire. L'évaluation devra se faire selon une norme. Il faut donc quelqu'un ayant étudié la matière.

Ech mengen, dass eleng fir dëse Punkt d'Plus-value scho ginn ass, fir déi heite Persoun ze schaffen. Dofir wäerte mir op jidde Fall dëse Poste stëmmen. Ob do elo hätt missen en Avis si vun de Gewerkschaften – et hätt een effektiv kéinten ee froen. Mee mir maachen dat awer elo net dovunner ofhängeg, ob deen elo dobäiläit oder net. Mee effektiv, wéi den Här Muller seet, deen Avis hätt ee vläicht kéinte froen. Mee mir géingen awer elo net onbedéngt eise Vott dovunner ofhängeg maachen, ob deen Avis elo hei bäiläit oder net.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Ech géif d'Wuert un den Här Krecké ginn.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech ginn e puer Erklärungen, wat den Här Muller gefrot huet. Vu Säit vun de Fonctionnaires ass de President vun Ufank un oral ageschalt. Mir sinn an der Covid-Zäit vläicht net ëmmer esou an de Beweegunge mat allen Delegationen oder och mat anere Mataarbechter, wéi et Usus ass. Dat ass awer elo net als Entschëllegung ze bewäerten, dass elo keng Avise virleien.

Mee vläicht emol fir den Historique vun der Saach. E gudden Deel aus den Tâchen, déi do enumeréiert sinn, déi gëtt et jo scho bei eis. Déi gëtt et. An dee Mann, deen dee Büro féiert, wou deen dote Posten zougegliddert gëtt, deen ass bei eis komm an huet gefrot: „Hei, do ginn esou vill Erwaardungen an esou vill Missionen an Tâch vu mir ofverlaangt, ronderëm Recrutement haaptsächlech, wou ech och net déi Schoulung hunn“.

Dofir, et ass am Fong geholl de Service selwer, dee betraff ass, deen déi Nofro emanéiert. Mir si jo och net an enger Situation, dass mer elo eng ganz Verwaltung ëmkrämpelen ginn oder organisatoresch villes anescht tüftele ginn. Déi ganz Initiativ ass, wéi gesot, aus dem Service du personnel komm, déi sech ënner anerem renseignéiert hu bei de Gemengen Esch an Diddeleng, déi eng änlech Struktur hunn, wéi si et organiséieren.

Vun do kënnt och dann déi ganz Tâchëbschreiwung vun deem ze schafende Posten. E kount also aus der Verwaltung, e kount net aus der Politik, e kount aus der Verwaltung. Hien ass u mech gedroe gi vun deem verantwortleche Service, mat Récksprouch vun haaptsächlech der Beamtendelegation, déi op d'mannst mëndlech involvéiert ass. An natierlech och an der Exekutioun herno sinn et all d'Delegatiounen.

Mee et ass jo elo net, dass mer hei eppes ëmännere ginn. Mir ginn hei just eppes verbessern, dat besteet. Andeem mer eis den Knowhow ginn, wéi den Här Liesch och elo sot. Dat ass an all gréissere Betrib Usus. Et ass vläicht souguer iwwerfällig, dass eng Stad Déifferdeng mat hiren zeg Salariéen och esou eppes huet. An et ass vun iwwerall, wou mer bis elo an der Verwaltung doriwwer geschwat hunn, begréisst ginn, well et eis eng Plus-value schafft.

Vläicht och kuerz gesot, well Der op déi Jobdescription, op déi Postebeschrëiwung an op déi Postebewäertungen agaange sidd: Dir hutt vläicht matkritt gehat, regional vum Inneministère waren eng hallef Dose Reuniounen aberuff, schonn abestallt. An déi sinn an de Covid gefall. Well mir sinn alle guerten als Gemengen immens interesséiert scho gewiescht, wat mer dann do vun eiser Autorité tutelle géifen opgedëscht kréien. Ass dommerweis och an de Confinement gefall.

Mir waarden elo drop, wéi all aner Gemenge vum Land, dass erëm en neie Kalenner opgestallt gëtt mat regionale Reuniounen. Ech mengen, dat war deemools och un d'Gemengeréit gaangen. Ech si mer awer elo net sécher, déi Circulären hunn ech elo net hei virleien. Op jidde Fall muss ee Mode opératoire vun der Tutelle kommen. An da bass de frou, wann s de esou eng Fachkraaft hues, wou eise Service du personnel seet, mir hunn den Knowhow net fir déi ganz Matrix fir eis Gemengen.

Quitte dass all Chef de service herno mat responsabiliséiert gëtt. Dat stëmmt. Mee da muss ee mol eng Matrix stoen hunn. Do muss een emol ee Mode opératoire hunn. Et ass jo net, dass jidderee Pi mol Daum do seng egen Evaluatioun ze maachen huet. Dat heescht, mir musse mol eng Norm

5. Organigramme

an eng Form hunn. Duerfir menge mer, dass dee Posten an eng Capacitéit, deen dat geléiert ginn ass op der Uni, blutt-noutwenneg ass. An ech wär frou, wa mer net géifen onnëtz Zäit drop verléieren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wëll drop agoen, wat den Här Liesch gesot huet. Ech war virun him am Büro vum T.I.C.E., do war et just ëmgedrëit. En huet zwar och elo gesot, datt en neie Psycholog do ass.

Ech wëll just drun erënneren, datt – an do hunn ech mech ëmfrot –, et op der Eisebunn d'selwecht ass. D'Leit gi sechs Méint geholl, hunn den Exame gemaach, da musse se bei de Psycholog goen. An dann hu mir d'Leit fir gutt fonnt am Büro, an de Psycholog huet en net apte fonnt. Soudatt op eemol de President, den ehemolege President vum Büro gesot huet: Sou, elo hëls du där och e Psycholog.

An dann hu mer herno stonnelaang am Büro diskutéiert, ee Psycholog géint deen anere Psycholog, ob de Mann dann elo apte wier oder net apte wier. Also, esou kloer war dat guer net. Zemools beim T.I.C.E., wann Der dat sot. Et waren heiansdo Mëtteger, wou mir nëmmen iwwert d'Psychologe geschwat hunn. Also, esou kloer, wéi Der dat sot, ass dat och net. Dir hutt gesot, et ass en neien do. Et ass elo méiglech, datt dee méi no mam Büro zesummeschafft. Mee virdru war dat net de Fall. An do gouf et Komplika-tiounen.

Wéi den Här Muller gesot huet, hu mer eis informéiert bei de Gewerkschaften, bei den Delegatiounen. An do wousst kee Mënsch eppes dovunner, och d'Chef-de-servicen net. Dat wär awer primordial, well déi awer direkt domadder befaasst sinn, datt déi hei en Avis ofginn. Well wéi gesot, et ass eng ganz, ganz wichteg Plaz.

Ech verstinn, wann d'Politik seet, mir wëllen déi Responsabilitéit net méi huelen. Mir wëllen een hunn, deen dat mécht. Dat verstinn ech. Mee wéi gesot, et misst een awer am Virfeld mat de Leit schwätzen. An déi Avise missten onbedéngt dobäileien. Wat dem Mann seng Tâchë sinn, wat e mécht a wéi en et mécht. An och déi Avise vun deenen eenzele Leit, déi bis haut an eiser Gemeng, fir mech op jidde Fall, zur vollster Zefriddenheet all déi Joren dat dote gemaach hunn. An och déi eenzel Froen, déi déi vläicht hunn, fir déi dann och do ze beäntweren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert. An dann d'Madamm Wohl. Oder vläicht d'Madamm Wohl an dann den Här Ruckert. Dann hu mer d'Reiefolleg agehalen.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just soen, dee Poste gëtt jo eréischt geschaaft. Et gëtt dann net onbedéngt e Mann. Oder? Et kéint och eng Fra sinn.

Ech wollt just dem Här Bertinelli äntweren, well e gesot huet, dee Mann, deen elo kënnt. Dat ass net onbedéngt een.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, ech hunn ëmmer e ganz schlecht Gefill, wa vu Ressources humaines rieds geet. Well déi grouss Betriber, déi hu meesch-tens jo net nëmmen een, mee eng Abtei-lung vu Ressources humaines. Dat sinn déi, déi matkucken a matdecidéieren, wa soll ewechrationaliséiert ginn, wa soll Personal ofgebaut ginn, wa solle nei Veruerdnunge kommen, wou d'Leit kujenéiert ginn.

Henri Krecké demande au conseil communal de ne pas perdre de temps inutilement.

FRED BERTINELLI (LSAP) revient sur ce qu'a dit monsieur Liesch concernant le TICE étant donné qu'il faisait partie du bureau avant lui.

Le système est le même que pour les chemins de fer. Les nouveaux employés passent un examen au bout de six mois. Ensuite, ils consultent le psychologue. Mais souvent, le psychologue ne trouvait pas les candidats aptes à réaliser leur travail alors que le Bureau en était satisfait. Finalement, le président du Bureau a envoyé le psychologue chez un autre psychologue. À la fin, des discussions interminables entre psychologues ont eu lieu pour décider qui était apte à la tâche.

Bref, tout n'était pas aussi évident que cela, surtout chez TICE.

Les socialistes se sont renseignés auprès des syndicats et des délégations. Personne n'était au courant. Même pas les chefs de service. Or cela aurait été primordial.

Fred Bertinelli comprend que les hommes politiques ne veulent pas de certaines responsabilités. Mais le collège échevinal doit communiquer avec le personnel et demander des avis — notamment en ce qui concerne la tâche de l'homme en question. Cela permettrait aussi au collège échevinal de répondre aux questions que certains se posent peut-être.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) rappelle qu'un poste va être créé, mais que personne n'a été recruté.

(Interruption)

Nicole Wohl signale à monsieur Bertinelli qu'il pourrait aussi s'agir d'une femme.

(Rires)

ALI RUCKERT (KPL) a toujours un mauvais pressentiment quand il entend parler de ressources humaines. La plupart des grandes entreprises disposent de tout un département décidant comment rationaliser le personnel. Et donc en licencier une partie.

5. Organigramme

Des expressions comme ressources naturelles ou ressources humaines font typiquement partie du capitalisme. Ali Ruckert espère que la Ville de Differdange empruntera une autre voie. Il s'agit de gérer le personnel plus efficacement en reconnaissant et en résolvant les problèmes rapidement.

Ali Ruckert n'aime pas le terme de ressources humaines parce qu'il a une connotation négative liée aux grandes entreprises.

(Discussions)

SERGE GOFFINET (LSAP) trouve aussi que l'expression « ressources humaines » fait craindre le pire. Avant, on parlait de bureau du personnel. Serge Goffinet a travaillé pour les chemins de fer. Beaucoup dépend de la personne en charge. Le premier était un ancien policier spécialisé dans la gestion des crises. Le suivant, en revanche, n'avait pas le doigté nécessaire.

Ce qui est important, c'est d'avoir une approche saine au travail. On ne peut pas se contenter d'appliquer à la lettre ce que l'on a appris comme c'est parfois le cas dans les entreprises. Dans une commune, il est essentiel que le poste soit occupé par quelqu'un de social.

ERNY MULLER (LSAP) répète que la consultation dont a parlé monsieur Krecké ne figure pas dans le dossier même si elle a eu lieu. Il n'a pas de préjugés quant aux qualifications de la personne. Mais il aurait fallu discuter au préalable avec la délégation du personnel et les chefs de service. C'est pourquoi les socialistes s'abstiendront.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) se dit plus étonnée que tout à l'heure. Le collège échevinal a décidé d'emprunter une nouvelle voie sur demande de l'opposition en mettant en place un comité de recrutement.

Mais ce comité de recrutement a lancé de nombreuses questions concernant son fonctionnement. Comment mettre en place un système de recrutement vraiment équitable? Le service du personnel a expliqué au collègue échevinal que cela ne faisait pas partie de sa tâche et qu'il ne pouvait pas faire le tri.

Duerfir hunn ech e ganz schlecht Gefill. Well dat ass esou eppes typesch Kapitalistesches, d'Ressources naturelles an d'Ressources humaines, wou d'Aarbechtskraaft behandelt gëtt wéi alles anescht. An ech hoffen, dass dat net esou an eiser Gemeng ass. Dass dat an eng aner Richtung geet. Dass et an d'Richtung geet, fir eng besser Gestoun vum Personal ze kréien. Wou Problemer, déi bestinn, fréi erkannt ginn. Dass ee ka fréi drop reagieren.

An ech kann och nëmmen den Opruff maachen un de Schäffen- a Gemeengrot, fir dat an Zukunft och ganz daitlech ze verfolge, wéi dat sech entwéckelt. Well wa mer an déi Situatioun géife kommen, wéi dat an enger Reigrouse Betriber hei am Land de Fall ass, da wär dat eppes ganz, ganz Negatives. Dofir fannen ech et och net gutt, déi Bezeechnung fir dee Posten ze huelen, wéi Ressources humaines. Wéi dat an esou Betriber ass, wou et eppes ganz Negatives ass fir déi Leit, déi do schaffen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Goffinet, wannechgelift.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, Dir Damm, Dir Hären, ech denken dat och, Ressources humaines ass en Ausdrock, wat schonn eppes ass, wou ee sech schuddert. Soss war et e Personalbüro. Dat emol als Éischt.

Et weess all Mënsch, dass ech en Eisebunner war. Mir haten en änleche Problem, dass mer an de Ressources humaines lues a lues op aner Persounen iwwergaange sinn. Bei der éischter hate mer enorm Chance. Dat war e fréiere grouse Polizist, deen och haut am Krisenmanagement vun der Regierung jo eng zimmlech gutt Aarbecht mécht.

An déi zweet, dat war dunn een, dee vun ArcelorMittal komm ass, deen awer net dat néidegt Fangerspëtzegefill hat wéi d'Persoun virdrun. A wéi déi, déi mer nach virdrun haten. Wat enorm wichteg ass bei där Persoun, ass, dass se eng gesond Approche huet. Dat ass dat Wichtigst. Esou gesinn ech et op jidde

Fall. Wann et een ass, dee just eppes geléiert huet, well en et geléiert huet, an do eppes duerchzitt – wéi den Här Ruckert sot – a verschiddene Betriber, einfach konsequent kuckt, wéi en dat hikritt, dat ass net de Sënn vun där Plaz. Et ass enorm wichteg, zemoos an enger Gemeng, dass dee mat engem sozialdenkende Mënsch besat gëtt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Goffinet. Wa keng Wuertmeldung méi dozou ass, géif ech mer selwer d'Wuert ginn. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll just soen: Aus deene Grënn, dass déi Consultatiounen, wa se och all gefouert gi sinn, net am Dossier waren, ... Mir wëssen jo net, wien dohikënn. Mir wëllen eis och alle Viraussichten enthalen op d'Qualifikatioun vun där Persoun an esou weider. Mee aus dësem Grond, well dat net am Dossier ass a well mir der Meenung sinn, do hätte misse Virgesprécher stattfannen, op méi enger breeder Basis, mat de Personalvertrieder an och mat de Chef-de-servicen, dass esou eppes kënnt, wäerte mir eis beim Vott enthalen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Dir ënnersträicht mäin Erstaunen, wat elo nach méi grouss ass, wéi et virdru war. Ech wëll einfach ze bedenke ginn: Mir sinn op en neie Wee gaangen – op Nofro vun der Oppositoun –, wat de Recrutement ubelaangt. Do hutt Dir e Comité de recrutement gefrot, exigéiert. En ass geschaf ginn.

Lo huet dee Comité de recrutement awer erëm esou vill nei Froen opgeworf iwwert de Fonctionnement: Wéi geet et? Wéi gi mer eens mat de Leit? Wéi kréie mer déi Saach wierklech gerecht – souwäit Gerechtegkeet méiglech ass – geréiert? An du sot eise Personalbüro: Dofir si mir net zoustänneg. Mir hunn

5. Organigramme

déi Ausbildung net. Mir kënnen den Tri net maachen.

Dat heescht, op Nofro vun der Opposition si mir op en neie Wee gaangen. Ob mer elo Delegatiounen gefrot hunn oder net, wa mer et vergiess hunn, da kënne mer dat nohuelen. Wéi d'Madamm Wohl gesot huet, et geet ëm d'Schafung vun engem Posten, et geet nach net ëm d'Besetzung vum Posten.

Mir kënnen och nach eng Kéier déi Attributioun mat der Delegatioun nohuelen a kucken, ob do e Feinschliff ass. Wéi den Här Krecké gesot huet, d'Demande kënnt eleng aus de Services. A wat mer ganz wichteg ass – den Här Ruckert huet et gesot: Et geet ëm d'Verbesserung vun der Gemeng. Mir hu méttlerweile iwwer 700 Leit.

Apparemment ass virdru villes falsch gelaf am Recrutement, wouvun ech näischt weess an och näischt wëll wëssen. Ech wëll awer just soen, dass mer um Wee sinn, fir ze probéieren, iergendwéi eng Basis ze schafen, wou mer kënne funktionéieren. An zum gudde Fonctionnement, wou da vläicht Saache mol heiansdo net esou gutt sinn, ass d'Demande komm, fir esou e Posten ze schafen.

Här Ruckert, ech ginn Iech Recht, et soll ganz kloer am Sënn vun der Verbesserung vun de Services a vun der Kommunikatioun sinn. Eng aner Absicht stoung net derhannert. A wann et elo um Wuert hänkt, nomen est omen, da sinn ech op. Gitt mir den Numm, wéi mir dee Poste solle benennen. C'est tout. Méi kann ech Iech elo do net äntweren.

ALI RUCKERT (KPL):

Très bien!

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Gitt eis en Numm. Mir kënnen e Bureau du personnel II oder I nennen oder ech weess net. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass elo e bësse lächerlech, wa mer eis hei elo op en Numm klappen. Deen Numm Ressources humaines gëtt et an all gréissere Betrib an iwwerall. Do ass eng Bedeitung hannendrun.

Natierlech, wéi den Här Ruckert elo gesot huet, gëtt et Betriber, déi dee Poste Ressources humaines benotze fir Zwecker, wou mir als Gemeng net emol am Dram géifen drun denken. Dat heescht awer net, dass een den Numm lo soll aneschtens nennen.

Kommt, mir bleiwen dach dobäi. Soss versteet jo kee Mënsch eis dobaussen, wat mer do fir e Poste schafen. Mir schafen hei e Poste Ressources humaines, den awer och e positiven Image huet. Dee positiv soll dozou bäidroen, dass eis Gemeng besser funktionéiert. A mir sollten eis net orientéieren un deene Betriber, déi esou Poste benotzen, fir Rationaliséierung ze maachen, wéi den Här Ruckert dat genannt huet. Wat ech och ganz richtig fannen. Duerfir kann dee Posten an den Numm net. Ech fannen, duerfir soll een et awer esou nennen, wéi et ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Diderich an dann den Här Ruckert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech verstinn iergendwou, dass ee sech op d'Saach wëll konzentréieren. Mee ech muss awer e bëssen ervirsträichen – vläicht ass dat mäi Philosophiestudium –, dass Sprooch net onschëlleg ass. An dass eng Verschibung an der Sprooch mat der neoliberaler Ideologie komm ass. Sou wéi d'Madamm Wohl drop hiweist, dass een an der Sprooch Männlein wéi Weiblein soll abezéien, wou ech absolutt averstane sinn, berout dat op der Iddi, dass Sprooch och d'Denke präägt.

An deem Sënn ënnerstëtzen ech déi Remarken och, déi den Här Ruckert gemaach huet. „Ressources humaines“ ass en Term ginn, den einfach e ganz anere Managementstil iergendwa mat sech bruecht huet. An den ass d'Resul-

La nouvelle voie était une demande de l'opposition que le collège échevinal ait demandé l'avis de la délégation du personnel ou pas. Cet avis peut encore être demandé. Aujourd'hui, il est question de créer le poste et non d'engager quelqu'un. Les détails quant aux attributions exactes pourront être limés. Monsieur Krecké a expliqué que c'est le service du personnel à avoir demandé ce poste. Monsieur Ruckert a quant à lui souligné qu'il s'agit d'améliorer le fonctionnement d'une commune de 700 employés. Christiane Brassel-Rausch n'est pas au courant des problèmes de recrutements antérieurs. Mais le collège échevinal veut créer une base qui fonctionne.

La bourgmestre explique à monsieur Ruckert qu'il s'agit uniquement d'améliorer la communication entre les services. Si le nom du département pose problème, on pourra en discuter.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

trouve ridicule de s'en prendre au nom. Toutes les entreprises ont un service des ressources humaines. Monsieur Ruckert a dit que certaines entreprises font une mauvaise utilisation de ce service, ce à quoi la commune n'a jamais pensé. Georges Liesch propose de conserver le nom tel quel pour que les gens sachent de quoi on parle. Le service de la Ville de Differdange aura une connotation positive et ne s'orientera pas sur des entreprises prônant la rationalisation du personnel.

Il faut donner au poste le nom qui convient.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond

que la langue n'est pas innocente. La langue est en train de se décaler vers l'idéologie néolibérale. Madame Wohl a eu raison de dire que la langue doit mentionner les hommes et les femmes, car elle influence notre façon de penser.

Comme l'a souligné monsieur Ruckert, «ressources humaines» est un terme associé à un style de gestion. Il représente le résultat d'une approche néolibérale considérant le personnel comme une ressource à utiliser pour atteindre des objectifs.

5. Organigramme

Ce n'est probablement pas ce que recherche le collège échevinal. Il est difficile de trouver un bon terme, mais il est question d'organisation de personnel. Les gens comprennent de quoi il s'agit.

Gary Diderich répète que la langue n'est pas innocente. C'est pourquoi il faut choisir les mots pour décrire une chose.

ALI RUCKERT (KPL) propose un terme simple: coordinateur de l'organisation du personnel. Ce terme n'est pas associé à l'idéologie capitaliste.

La personne occupant ce poste devra apporter des améliorations dans la collaboration entre les services. Il s'agit donc d'une forme de coordination.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) se fiche du terme. Il espère simplement que personne n'insinue que le collège échevinal veuille introduire une fonction négative au sein de la commune.

En philosophie, on dit que c'est un art d'essayer de couper des cheveux en autant de parties que possible. Les remarques de monsieur Diderich sont pertinentes, mais les cheveux sont désormais coupés en trois ou quatre.

Depuis des années, la Ville de Diferdange essaie de supprimer le volet politique des recrutements et donc le népotisme. C'est ce qui est en train de se passer. Créer des structures pour améliorer la collaboration transversale constitue un pas en avant important dans la relation avec le personnel.

GUY TEMPELS (CSV) ajoute que lorsque le poste aura été créé, il faudra définir clairement ce que cet homme ou cette femme devra faire. Cela mettra un terme aux discussions.

tat vun, vläicht net direkt vum Kapitalismus – oder dach –, mee virun allem vun enger neoliberaler Approche, wou een d'Personal als eng Ressource wéi eng aner gesäit. Déi een asetzt, fir op utilitaristesche Zwecker ze kommen. An ech mengen, dat ass jo net de Sënn, wann ech dat elo hei richteg verstanen hunn, dass mer dat géife wëllen erreechen.

Ad hoc ass et e bësse schwéier, elo e gudden Term ze fannen. Mee et geet jo u sech ëm d'Organisation vum Personal. Da soll een dat esou nennen, wéi een dat mengt. Och wann eng Dominanz do ass vun deem Term an anere Beräicher, musse mir eis deem jo net onbedéngt upassen. Ech mengen, dass d'Leit och nach normal Terme wéi Organisation du personnel verstinn. Ech hänke mech elo net dorobber op, mee ech wëll awer eng Lanz dofir brechen, dass Sprooch net onschëlleg ass. An dass ee sech och heiansdo soll Zäit huelen a Gedanke maachen, fir déi Wieder ze fannen, déi dat beschreiben, wat ee wëll soen. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir hutt no engem Numm gefrot. Fir et ganz einfach ze maachen, kéint een zum Beispill dee Posten nennen: Coordinateur de l'organisation du personnel oder esou. Dann ass en net ideologesch behaft, wéi en de Moment am Kapitalismus gebraucht gëtt. A wa mer eis eens sinn, dass dee soll do sinn, fir ze kucken, wéi Verbesserunge kënne gemaach ginn, wéi besser kann zesummeschafft ginn, dann huet e jo eng Form vu Koordinatioun. An ech mengen, mat esou engem Term kéint een dat gutt ëmschreien.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dann hätte mer jo elo schonn en Alternativ-Term. Et ass mir am Fong och egal. Ech hoffen awer net, dass een hei dem Schäfferot, an eis alleguerten, ënnerstellt, dass mer eng negativ Funktion wëilten aféiere fir eis Gemeng.

Här Diderich, mir hunn och ëmmer an der Philosophie gesot: „Et ass d'Konscht, fir en Hoer ze probéieren nach ëmmer méi ze splécken“. Déi eng gesinn et esou, déi aner gesinn et anescht. An a wéi vill Deeler kann een en Hoer splécken? Dat weess ech elo nach net. Mir sinn ëmmer op véier oder op dräi komm. Mee déi Remarque sinn awer pertinent. Dat ass kloer.

Mir probéieren elo scho jorelaang, eis Rekrutementspolitik an eist Zesummeschaffen ze verbessern, fir och d'Rekrutementspolitik aus deem Politeschen erauszehuelen – Vetternwirtschaft, ënner grouse Wieder nach gebraucht vu fréier. An ech mengen, aus deem Train-train wëlle mer erauskommen. A mer si mengen ech eraus. A wa mer elo Strukture schafen, fir nach eis Zesummenaarbecht ënnert de Betriber transversal an esou virun fäerdegzebréngen, dann hu mer e grouse Schrack gemaach an eise Beamtenaarbechter an allen anere Servicer.

An ech hoffen, an deem Sënn gëtt dat heibanne gesinn an net am Negativ-Sënn, dass mer elo e stramme Führer do uewe wëilten, deen d'Aarbechter an d'Beamten an der Gitt huet a se uschäisse geet, wa se hir Aarbecht net maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Tempel, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Et ass jo esou, wann dee Posten elo geschaf gëtt, sollt vläicht drastoe kommen, wat fir eng Tâche genau definéiert ass, wat dee Mann oder déi Fra, wuelbemierkt, ze maachen huet. Ech mengen, da si mer séier fäerdeg mat diskutéieren. Nee?

5. Organigramme

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Ech probéieren ze resuméieren. Här Ruckert, ech fannen Är Propos ganz flott, muss ech einfach soen, well et am Fong dat erëmgëtt, wat an eisem Organigramm steet: Organisation, recrutement et médiation. Steet hei am Organigramm vun der Ville de Differdange. Ob mer et elo bei deenen dräi Wierder loossen oder Coordinateur de l'organisation du personnel schreiwen, hunn ech kee Problem domadder. Wierklech net.

Dat anert, wat den Avis ugeet: Mir si bereet, en Avis vun de Gewerkschaften anzehuelen. Domadder hunn ech och kee Problem. Et geet einfach drëm fir ze kucken: Wéi kréie mer d'Personal besser geréiert? A bessere Konditiounen? C'est tout.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Et géif eis Positioun änneren, wa mer en Avis anhuelen, well et ass jo dowéinst, wou mer eis enthalen. Allgemeng si mir net géint dee Posten, mee sinn derfir, dass d'ganz Personal vun Ufank u matagebonne gött. Dat heescht iwwer hir Vertrieeder. Dat ass eeben d'Delegatioun, awer och d'Chef-de-service, dass mir alleguer un engem Strang zéien an déi nei Funktioun, dass déi och esou ugesi gött an ënnerstëtzt gött.

An dat kann een nëmme maachen, wann een am Virfeld eng gewëssen Diskussioun féiert iwwer den Zweck. Doriwwer, firwat dat gemaach gött, wat d'Absichte sinn, wat et net soll sinn. Dass net en Etat de méfiance opkënnt an de Servicer. Dass déi dat och als eng positiv Aufgab gesinn oder eng nei positiv Ënnerstëtzung.

Ech mengen, dat alles wäerte mir och kënne matdroen. Wat mer gesot hunn als LSAP: Mir hätte gär déi Consultatioun am Virfeld gehat, ier mer dee Poste kreéieren. Wann Der eis awer elo sot, mir féieren déi nach an erklären de Leit, firwat mer dat elo gemaach hunn an esou weider, a mir kréien deen Avis nach heihin, da kéinte mer awer matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hu kee Problem domadder. Dee Service, deen et gefrot huet, do war selwer een an der Delegatioun, wëll ech just soen. Ech hunn d'Gefill, mir dréien elo hei e bëssen am Krees. Ech géif et zur Ofstëmmung ginn. Wéi gesot als Coordinateur de l'organisation du personnel, do hunn ech kee Problem domadder. A mir froen nodréiglech en Avis vun den Delegatiounen.

An da géif ech zum Vott kommen. A, Här Goffinet, pardon.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Et geet mir just drëms, wat den Här Muller gesot huet, ëm d'Matsproocherecht vun de Gewerkschaften. Wat en elementare Pilier ass. Dass dat awer betruecht gött. De Rescht ass alles gesot ginn. Dat war et.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet. Dat maache mer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste au niveau du département des ressources humaines ainsi que diverses régularisations de carrières et postes.

Ech soen Iech villmools merci. An da komme mer zum nächste Punkt: Règlements communaux, Här Altmeisch.

MÉI STËMMEN:

Nee, nee.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech maachen de Geck. Ech maachen de Geck.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

trouve que le terme choisi par monsieur Ruckert est chouette parce qu'il reflète ce qui figure dans l'organigramme: organisation, recrutement et médiation. Elle ne voit pas d'inconvénient à parler de coordinateur de l'organisation du personnel.

Par ailleurs, le collègue échevinal est disposé à demander l'avis des délégations. L'objectif est de gérer de manière plus efficace le personnel et de créer de meilleures conditions de travail.

ERNY MULLER (LSAP) *est disposé à changer sa position si l'avis est inclus dans le dossier. C'est la seule raison pour laquelle les socialistes s'abstiennent. Le personnel, c'est-à-dire la délégation et les chefs de service, doit être intégré aux discussions dès le départ pour que la nouvelle fonction soit reconnue et soutenue.*

Une discussion est nécessaire pour savoir quelles sont les intentions du collègue échevinal. Il s'agit d'éviter de créer un état de méfiance auprès du personnel. Il est question d'une mission positive.

Le LSAP a dit qu'il souhaitait des consultations avant que le poste ne soit créé. Mais si le collègue échevinal promet de discuter avec le personnel, ils voteront pour la création du poste.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

n'y voit pas d'inconvénient. Elle rappelle qu'un des membres du service ayant demandé cette création du poste fait partie de la délégation.

La bourgmestre approuve le terme de coordinateur de l'organisation du personnel et demandera l'avis des délégations.

SERGE GOFFINET (LSAP) *répète qu'il est important que les syndicats aient leur mot à dire, car ils représentent un pilier essentiel.*

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé aux règlements communaux et cède la parole à monsieur Altmeisch.

(Interruption et discussions)

6a. Allocation de solidarité

Christiane Brassel-Rausch pläis-
t. Elle donne la parole à mon-
sieur Mangel.

ROBERT MANGEN (CSV) est jaloux :
monsieur Ruckert semble avoir un
don pour se faire entendre. Le gou-
vernement a peut-être entendu son
appel de la dernière fois concernant
l'adaptation de l'allocation de vie
chère à l'indice et a décidé de doub-
ler le montant cette année.

Compte tenu de cette décision, Ro-
bert Mangel propose de rejeter la
motion de monsieur Ruckert pour
pouvoir l'étudier calmement dans
le courant de l'année. Cela permet-
tra au collège échevinal d'évaluer
les conséquences de la pandémie
sur les plus démunis.

Robert Mangel suggère de mainte-
nir le taux à 15 % cette année, mais
appliqué à l'allocation de vie chère
doublée.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) rappelle
qu'il était question d'augmenter ce
taux de 15 % à 25 %. Monsieur
Ruckert a proposé la dernière fois
de prendre comme base l'allocation
de vie chère adaptée à l'indice et
d'appliquer un taux de 25 %. Il
n'avait pas été possible de prendre
une décision sans calculer au préa-
lable ce que cela représenterait.

Le 13 mai, le collège échevinal a dé-
cidé de maintenir les 25 % sans
adaptation ultérieure. En revanche,
il réfléchissait à une nouvelle aide
aux commerçants locaux sous la
forme de bons. Mais tout cela
risque de compliquer la procédure.
Il faut continuer à en discuter —
notamment avec les partis d'oppo-
sition.

Entretemps, l'État a décidé de doub-
ler l'allocation de vie chère. C'est
pourquoi le collège échevinal pro-
pose désormais de conserver un
taux de 15 %, ce qui représenterait
un budget d'un million d'euros si
toutes les personnes concernées dé-
posaient une demande. Un formu-
laire sera mis en ligne. Les deman-
deurs devront y joindre deux docu-
ments. Les formulaires seront éga-
lement disponibles à la réception de
l'hôtel de ville, au secrétariat et à
l'office social. Le service Senior
Plus pourra aussi se rendre auprès
des personnes confinées.

ERNY MULLER (LSAP):

Si se alleguer mat dran?

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Well Der gesot hat, dat wieren Upas-
sungen. Do hätt Der kee Problem
domadder, hat Der gesot.

ERNY MULLER (LSAP):

Nee

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay. Ech géif dann d'Wuert fir de
Punkt 6 un den Här Mangel ginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch.
Den Här Ruckert huet eng glécklech
Hand, fir daf Oueren opzemaachen.
Ech kéint hei richtig neidesch ginn.
D'Regierung huet vläicht seng Inter-
ventioun am leschte Gemengerot noge-
lauscht an zu Häerz geholl, déi
feelend Indexer vun der Allocation de
vie chère, déi vu lescht Joer zumindest,
auszegläichen, andeems se de Montant
dëst Joer verduebelen.

Aus dësem Ulass, deen ze begreissen
ass, schloe mir vir, meng Virschléi, déi
ech am leschte Gemengerot gemaach
hunn an Är Proposition, Här Ruckert,
zréckzesetzen an an aller Rou dëst Joer
ze besprechen. Dat erlaabt ons, d'Aus-
wierkung vun der Covid-Pandemie op
déi sozial schwach Leit ze analyséieren
an deementspriedend d'Allocation de
solidarité unzepassen.

Wann Dir averstane sidd, géife mir déi
bestoend 15 %, déi mer bis elo ausbe-
zuecht hunn, dëst Joer bäibehalen, selbst-
verständlech op deen duebele Montant
uwenden, an d'nächst Joer a Rou dis-
kutéieren, wéi mer da virginn.

Ech soen Iech merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech erënneren un de Gemengerot vum
6. Mee, wou et drëms gaangen ass, dass
mer de Prozentsaz vu 15 % op 25 %
géifen erhéijen. Dat war d'Iddi. Dunn
ass awer dem Här Ruckert seng
Motioun komm, déi ech begreisst
hunn – vu dass d'Allocation de vie
chère net indexéiert ass –, dass mer fir
d'éischt op deen indexéierten héichge-
rechent hätten an dorop déi 25 % da
bezuecht hätten. Dee Moment konnt ee
jo net esou kuerzfristeg ausrechnen,
wéi vill dat representéiere géif. An et
war net méiglech, eng schnell Deci-
sion ze huelen.

Den 13. Mee hat sech de Schäfferot
nach eng Kéier getraff an hat zréck-
behalen, bei deene 25 % ze bleiwen,
ouni héichzerechnen, dee Moment. An
et ass iwwer eng zousätzlech Hëllef
nogeduecht ginn a Form vu Bongen, fir
lokal Commercen ze fërderen. Awer dat
riskéiert eng Prozedur ze sinn, déi méi
komplizéiert gëtt, obwuel mer se ver-
einfache wollten. Ech mengen, dass et
wichtig ass, dass d'Diskussioun wei-
dergefouert gëtt. Den Dialog mat de
sougenannten Oppositionsparteien
ass jo och gesicht ginn.

An der Tëschenzäit ass bekannt, dass
d'Allocation de vie chère vum Staat
verduebelt ginn ass. An et gëtt elo pro-
poséiert, dass mer bei deene 15 % blei-
wen. Wa jiddereen déi géif ufroen, dee
Recht drop hätt, géif dat ongeféier eng
Millioun Euro kaschten.

Wat op jidde Fall elo wichtig ass, dass
d'Campagne kann ulafen. Fir déi Allo-
cation de solidarité unzefroen, besteet
elo een Online-Formulaire, wou d'Leit
just müssen zwee Pabeieren derbäi-
leeën. Esou musse manner Leit op den
Office social goen. Doduercher wäerten
d'Kontakter tëscht de Leit an och
d'Kontakter mat dem Personal wéinst
Coronazäit limitéiert sinn. Wat eng
gutt Saach ass.

Aner Méiglechkeeten, fir un dee For-
mulaire ze kommen, sinn d'Receptioun
an der Gemeng, d'Sekretariat vum

6a. Allocation de solidarité

Office social. Et kann een en ufroen, dee Moment, wou een e Rendez-vous huet am Office social. An eng weider Méiglechkeet ass iwwert de Service Senior+, d'Leit confinéiert sinn, wou dann ee ka mat hinnen heemgoen, fir sech dorëms ze këmmen.

Déi Campagne soll den 1. Juni ulafen. D'nächst Joer muss een dat nees eng Kéier op den Ordre du jour setzen, fir ze kucken, wéi een déi Adaptatiounen handhaabt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. D'Madamm Saeul an dann den Här Goffinet.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Iwwerraschend ass leschte Mëttwoch d'Noriicht komm, dass op Proposition vum Familljeministère d'Allocation de vie chère fir 2020 verduebelt gëtt. Wat dem Punkt 6 vum Ordre du jour haut eng aner Richtung gëtt. An éischter Phas fir dëst Joer proposéiert de Schafferot d'Allocation de solidarité mat 15 % op der verduebelter Allocation de vie chère ze rechnen. Wichteg wär en Info-Courrier un all déi Bewunner, déi Beneficiaire vun der Allocation de vie chère sinn, dass si d'Recht hunn, eng Demande d'Allocation de solidarité op der Gemeng ze maachen.

De Schafferot proposéiert, dem Här Ruckert seng Motioun weiderzeleeden un déi zoustänneg Kommissiounen, zur Ausschaffung vun dëser. An am Moment ze plangen, mat Viraussicht, soit d'Allocation de solidarité an der Zukunft dem Index unzepassen. Oder e Supplement vu 50 Euro fir all Kand.

Duerch d'Coronapandemie si vill Haushalter a finanziell Schwierigkeete geroden. Fir esou déi Leit ze ënnerstëtzen, déi et am dréngendste brauchen. Virun allem Persounen, déi de Mindestloun bezéien, déi net vill Pai kréien. Oder fir déi Salariéen, déi Chômage partiel kréien. Vill vun deene Betreffene bréngen et nach just fäerdeg, hire Loyer an d'Rechnungen ze bezuelen. Awer et bleift hinne kee Geld méi iwwreg fir ze

liewen. Dofir besteet schonn eng grouss Nofro an eisen Epicerie-socialen.

D'Demokratesch Partei stëmmt dës Proposition an éischter Phas vum Schafferot. Ech soe merci fir d'No-lauchteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Saeul. Här Goffinet, wannechgelift.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Madamm Buergermeeschter. Dir Damen, Dir Hären, ech war och erstaunt. Als alleréischte begrëssen ech, dass dës Regierung eng Augmentatioun vun 100 % vun der Allocation de vie chère virgeholl huet. Mat dësem Geste ass bewisen, dass dës Regierung déi manerbemëttelt Leit net vergësst an dëser sozialer Kris.

Ech war ganz frou an der leschter Gemengerotssitzung, dass mer en Accord fonnt hate vu 15 % op 25 %, wou déi Augmentatioun vum Staat nach net akut war, an iwwert d'Motioun vun deenen 20 % vum Index. Doriwwer ware mir als LSAP immens frou. A mir fuerdere souguer an, dass mer d'nächst Joer iwwert dee gemeinsamen Accord, dee mer do haten, géife weider traitéiere fir 2021. A kënnen jo och dee Moment, wann ee gesäit, wéi et mat dëser Kris virugeet, verschidden aner sozial Aspekter matabauen.

Et gëtt zum Beispill eng Etüd vum Statec – ech hat dat och d'leschte Kéier am Gemengerot gesot, a mir haten och am Office social dovunner rieds –, wou opgrond vun x Donnéeë festgeluecht gëtt, wat ee Mënsch oder eng Famill brauch, fir zu Lëtzebuerg ze liewen. Hei wär et immens wichteg ze wëssen, wou mer dru sinn.

Mir schwätzen ëmmer iwwer vill Punkten. Mee mir wëssen awer an deem Punkt net onbedéngt, wou mir zu Déifferdeng hei dru sinn. An e puer Méint kréie mer warscheinlech eréischt e richtigen Iwwerbléck vun dëser sanitärer Kris. Da wäerten eis besonnesch hei zu Déifferdeng d'Aen opgoen, wat alles op eis zoukënnt.

La campagne sera lancée le 1^{er} juin. L'année prochaine, il faudra voir si des adaptations seront nécessaires.

CHRISTIANE SAEUL (DP) a été surprise de la proposition du ministère de la Famille de doubler l'allocation de vie chère de 2020. Cela change les plans de la Ville de Differdange. Le collège échevinal propose désormais de maintenir le taux de 15 %, mais de l'appliquer sur l'allocation de vie chère adaptée. Pour Christiane Saeul, il faudra contacter les bénéficiaires de l'allocation de vie chère par écrit pour les informer qu'ils ont droit à une prime de la commune.

Par ailleurs, le collège échevinal suggère de transférer la motion de monsieur Ruckert aux commissions compétentes. À l'avenir, soit l'allocation de solidarité sera adaptée à l'indice, soit un supplément de cinquante euros sera versé par enfant.

La crise du coronavirus a amplifié les difficultés financières notamment des personnes touchant le salaire minimum. Certains arrivent à peine à payer leurs loyers.

Les démocrates soutiennent la proposition du collège échevinal.

SERGE GOFFINET (LSAP) salue l'augmentation de 100 % de l'allocation de vie chère. Le gouvernement n'oublie pas les plus démunis.

La dernière fois, Serge Goffinet se réjouissait d'augmenter le taux à 25 % et de soutenir la motion de monsieur Ruckert. Aujourd'hui, il propose d'en discuter pour 2021 et d'y ajouter certains éléments sociaux si la crise devait durer.

Une étude du Statec a permis d'évaluer ce dont un individu ou une famille a besoin pour vivre au Luxembourg.

Car il faut savoir où on en est. Le conseil communal aborde de nombreux points, mais pour prendre une décision, il doit connaître la situation sur le terrain. Le bilan de la crise sanitaire ne sera tiré que dans quelques mois. La Ville de Differdange risque d'être particulièrement touchée.

Il a été question d'aides financières. Le problème de la pauvreté est important et il risque de s'accroître. Une des missions principales des

responsables communaux est d'aider les plus démunis en premier. Serge Goffinet n'est pas un adepte des bons. Il préférerait que l'argent soit directement versé. Avec les bons, la commune met en quelque sorte les citoyens sous tutelle. Après tout, les autres subsides ne sont pas non plus versés sous la forme de bons.

JERRY HARTUNG (CSV) *est content que l'allocation de solidarité augmente de manière substantielle. Malheureusement, même un emploi ne constitue plus une garantie contre la pauvreté. En tout, 1801 ménages ont droit à l'allocation, ce qui est effrayant.*

La dernière fois, il avait été question d'augmenter le taux de 15 % à 25 % de l'allocation de vie chère. Entretemps, le gouvernement a décidé de doubler l'allocation de vie chère exceptionnellement en 2020. La somme à verser par la commune restera plus ou moins la même si elle ne modifie pas le taux.

À titre d'exemple, un célibataire a touché 198 € l'année dernière et 396 € cette année, un ménage de 2 personnes 495 € au lieu de 247,50 €, un ménage de 3 personnes 594 € au lieu de 297 €, un ménage de 4 personnes 693 € au lieu de 346,50 € et un ménage de 5 personnes 792 € au lieu de 396 €. Bref, l'allocation de solidarité sera plus ou moins doublée. C'est pourquoi le CSV salue l'approche pragmatique du collège échevinal.

L'enveloppe budgétaire pour les démunis est passée de 360 000 € à près d'un million d'euros en 2 ans. L'année prochaine, l'augmentation devra être fixée définitivement. Il faudra notamment décider si la commune versera l'intégralité de la somme en espèces ou si une partie sera versée sous la forme de bons pour soutenir le commerce local. L'allocation sera adaptée à l'indice. Le conseil communal voulait soutenir les personnes dans le besoin rapidement. Mais la question semble réglée pour 2020. La commune peut donc se laisser le temps.

Hei si scho verschidde Saachen, besonnesch a finanzieller Natur, beschwat ginn. Wou mer jo wëssen, dass mer zimmlech grouss Aarmutsproblemer hunn, wäerten d'Problemer nach méi grouss ginn. Eng Haaptaufgab vun eise Gemengeresponsabele muss et sinn, deene Schwächsten, wat bis elo och ëmmer gemaach ginn ass, fir d'éischt ze hëllefen.

Déi Affär mat Bongen – ech a mir als LSAP si keng Fervente vu Bongen. Mir sinn der Meenung, dass mer de Leit dat solle finanziell richtig ausbezuelen. Domadder entmëndegt ee seng Bierger, fanne mir. An et stécht ee se all an een Dëppen. Bei anere soi-disant Aiden oder Subside féiere mer jo och net onbedéngt Bongen an, wou mer dat net ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Goffinet. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären, d'Déifferdenger CSV ass frou, datt d'Allocation de solidarité vun der Gemeng elo esou substantiell gehéicht gëtt. Wann een d'Seuile kuckt a mat de Léin vergläicht, gesäit een, datt och eng Aarbecht net méi d'Garantie ass, fir e geséichert Liewen ze féieren. Dofir ass dës Solidaritéit esou wichteg. Eleng d'Zuel, wou insgesamt 1.801 Stéit hei zu Déifferdeng betraff sinn, ass ernüchternd.

An der leschter Gemengerotssëtzung ware mer ons all zesammen eens, datt mer de Montant substantiell wëilten eropsetzen, vu 15 % op 25 %, mat dem Index par rapport zur Allocation de vie chère. Wat deemno plus minus eng Verdueblung duergestallt hätt.

Lo ass en neie Moment agetratt, andeem d'Regierung entscheet huet, fir dës Joer ausnamsweis d'Allocation de vie chère ze verduebelen. Esou komme mer interessanterweis zu deem Resultat, wat mer wollten. Soudass mer d'Allocation de solidarité esou loossen, wéi mer et am Moment hunn. Dat heescht, och wa mer de Prozentsaz net changéieren,

ren, kréien d'Leit awer genee dat, wat mir beschwat haten a wollten.

Esou kritt ee Celibataire an enger prekärer Situatioun vun eis, amplaz wéi d'lescht Joer nach 198 Euro elo 396 Euro. E Stot zu zwee steigt vun 247,50 op 495 Euro. E Stot zu dräi vun 297 op 594 Euro. E Stot zu véier vun 346,50 Euro op 693 an e Stot zu fënnf oder méi vun 396 Euro op 792. Dee Montant, dee mir de Leit zur Verfügung stellen, gëtt soumat verduebelt. Dat ass jo dat, op wat et ukënnt, wat d'Leit ënnert dem Stréch kréien, wat se schlussendlech am Portmonni hunn.

Dofir begréisst d'CSV Déifferdeng dës pragmatesch Approche an ënnerstëtzt dës Wee fir dës Joer.

Innerhalb vun zwee Joer hu mer d'Enveloppe, fir de Leit a schwierige Situatiounen finanziell ze hëllefen, tëscht 360.000 a 435.000 op elo bal eng Millioun Euro eropgesat. Dobäi kommen nach vill aner Projeten, déi d'Gemeng ëmsetzt.

Fir dat nächst Joer soll gekuckt ginn, wéi mer dës Erhéijung definitiv festhalen. Bei de Montante ware mer eis jo eens. Wéi een et ëmsetzt, do gouf et nach verschidde Meenungen. Et gouf geschwat vun integral ausbezuelen oder deels als Suen an deels als Bonge fir lokal Butteker, fir an engems de lokale Commerce ze ënnerstëtzen. Eppes, wat d'Gemeng och schonn op engem aneren Niveau mécht. Och den Index soll hei matagerechent ginn. Wat de Staat zwar net bei der Allocatioun applizéiert, wat mir als Gemeng awer wëlle matafléisse loossen.

Bis elo war Urgence an dës Froen, well mer de Leit déi Hëllef fir dës Joer séier ausbezuele wollten. Vu dass et elo fir 2020 gekläert schéngt, géife mer et begréissen, wann déi verschidde Kommissiounen, mat hire Verrieder, de Bierger an alle Parteien, sech zu all dës Froen nach eemol a Rou Gedanke kéinten maachen. An dann dat d'nächst Joer hei am Gemengerot definitiv festhalen. Merci.

6a. Allocation de solidarité

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, wichteg ass bei enger sozialer Ënnerstëtzung, wat schlussendlech hannen erauskënnt, wat d'Leit also dervun hunn. Dës Regierung huet während zéng Joren d'Deierungszoulag net un den Index ugepasst. Soudass d'Leit, déi se haut kréien, 20 % Verloscht u Kafkraaft hu bei där Deierungszoulag.

Wat fir eng Blamage wär et dach fir dës Regierung gewiescht, wann eng Gemeng wéi Déifferdeng dorop reagiert hätt a gesot huet: Déi Ongerechtegkeet vun där Regierung, maache mer réckgängeg a mer féieren e Sockelbetrag an, wéi eigentlech déi Deierungszoulag haut misst sinn. An d'Gemeng setzt nach eppes drop.

Den Här Mangen huet et ugeschwat. An ech weess ganz genau, dass d'Regierung op dat gekuckt huet, wat hei decideren ginn ass. Well déi liesen och d'Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek, wou dat grouss drastoung. Mee ech begréissen awer, dass d'Regierung de 25. Mee decidéiert huet, dass de Sockelbetrag ëm 100 % erhéicht gëtt. Dass also, zum Beispill, eng Persoun, déi déi Deierungszoulag ganz zegutt huet, amplaz 1.320 Euro elo 2.640 Euro kritt. Dass eng Famill mat véier Leit, déi 2.310 Euro kritt hätt, elo 4.620 Euro kritt. An esou weider an esou fort. Also eng substanzuell Erhéijung. Dat muss ee soen.

Mee, et ass eng Erhéijung, déi just fir dës Joer gëllt. Dat heescht, et ass keng Garantie do, dass d'Regierung dat soziaalt Häerz, wat se elo op eemol entdeckt huet, dass dat d'nächst Joer net erëm zu engem kalen Häerz gëtt, an dass se erëm zrëckfiert.

Aus deem Grond, well dat elo dës Joer passéiert, sinn ech absolutt d'accord, dass haut net iwwer meng Motioun ofgestëmmt gëtt, mee dass se a suspens gehale gëtt, fir ze kucken, wéi dat sech

d'nächst Joer entwéckelt, an dass mer dorop kënnen zrëckkommen.

Wichteg ass elo, dass d'Gemeng breet driwwer informéiert, wat d'Leit zegutt hunn. Well et ass eng Tatsaach, dass vill Leit, déi eng Deierungszoulag vum Staat zegutt hätten, an och nach e Supplement vun der Gemeng, dat net kréien, sief et, dass se et net wëssen oder aus iergendengem anere Grond. Mer müssen als Gemeng derfir suergen, dass dee ganz, ganz groussen Deel vun de Leit, déi dat zegutt hunn, dat och kritt.

Déi zweet Saach, an dat ass och wichteg: Et ass jo net nëmmen esou, dass eng Persoun elo 2.640 amplaz 1.320 kritt, wa se e Joresakommes huet bis zu 25.744 Euro. Mee am Gesetz iwwert d'Deierungszoulag steet och dran, dass een en Deel vun der Deierungszoulag ka kréien. Ech ginn e Beispill: Wa bei enger Persoun d'Akommes tëscht 25.744 Euro an 28.383 Euro läit, kritt se een Deel vun der Zoulag.

Doraus ergëtt sech fir mech automatesch, dass wann een en Deel vum Staat kritt, vun der Deierungszoulag, dass een natierlech och op deem Bäitrag déi 15 % vun der Gemeng kritt, déi een da misst zegutt hunn. An ech mengen och, dat misst mer de Leit kommunizéieren, dass et net nëmmen déi voll Deierungszoulag ass, mee och, dass een en Deel zegutt huet. An dass se sech dann och wierklech mellen, fir dat dann och ze kréien.

Ofschléissend wëll ech soen, dass ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei ganz houvreg sinn, dass mer dat elo iwwert d'Bün kréien. Well et ass e wichtige Mosaiksteen an der Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit a vun der Aarmut zu Lëtzebuerg. Et ass e gudden Ufank. An do sollte mer weiderfueren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och als Verrieder vun déi Léink begréissen ech, éischters dass d'Regie-

ALI RUCKERT (KPL) constate que c'est le résultat qui compte. Pendant dix ans, le gouvernement n'a pas adapté l'allocation de vie chère à l'indice, qui a donc perdu 20 % de sa valeur.

Qu'une commune comme Differdange réagisse à cette injustice en versant la différence aux bénéficiaires aurait été une véritable honte pour le gouvernement.

Comme l'a dit monsieur Mangen, Ali Ruckert est certain que le gouvernement a tenu compte de la décision de la Ville de Differdange. Le « Lëtzebuerger Vollek » en a d'ailleurs parlé. En tout cas, Ali Ruckert salue le fait que l'allocation de vie chère soit doublée. Une personne seule touchera donc 2640 € au lieu de 1320 € et une famille 4620 € au lieu de 2310 €.

Cette augmentation n'est valable que cette année. Il n'existe aucune garantie que le cœur du gouvernement ne redeviene froid l'année prochaine. C'est pourquoi Ali Ruckert est d'accord pour que sa motion ne soit pas soumise au vote aujourd'hui, mais qu'elle reste en suspens jusqu'à l'année prochaine.

Ce qui importe désormais, c'est que les gens soient informés. Car il arrive souvent que les bénéficiaires de l'allocation de vie chère ne profitent pas de l'allocation de solidarité.

Ali Ruckert précise par ailleurs qu'il n'y a pas que les personnes gagnant moins de 25 744 € par an qui ont droit à l'allocation de vie chère. Ceux ayant des revenus de 25 744 € à 28 383 € peuvent toucher une partie de l'allocation. Le conseiller communal part du principe que quelqu'un touchant une partie de l'allocation de vie chère a aussi droit à l'allocation de solidarité. Tout cela, il faut le communiquer aux citoyens.

En tant que représentant des communistes, Ali Ruckert est fier de ce qui a été accompli. Il s'agit d'une pièce de puzzle importante dans la lutte contre le chômage et la pauvreté.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se réjouit à son tour de la décision du gouvernement, dont le résultat correspond à ce que la Ville de Differdange voulait faire.

6a. Allocation de solidarité

L'allocation de solidarité devait représenter un pourcentage de l'allocation de vie chère. Le conseil communal était d'avis que ce pourcentage devait être plus élevé que l'année dernière et que la somme devait être adaptée à l'indice et donc au cout réel de la vie.

Gary Diderich se dit d'accord pour maintenir le taux à 15 % cette année. La somme finale sera comparable à un taux de 25 % appliqué sur l'allocation de vie chère indexée.

Gary Diderich exhorte cependant le collègue échevinal à veiller à ce que l'allocation de solidarité ne soit pas plus basse l'année prochaine. Cela permettrait aux gens de planifier leurs revenus.

Le conseiller communal préfère lui aussi que la somme soit versée en intégralité. Autrement, il faudrait élargir le système des bons à d'autres domaines et ne pas le limiter à l'allocation de solidarité.

L'allocation est doublée cette année. L'année prochaine, il faudra veiller à ce que personne ne touche moins qu'avec l'ancien système.

ROBERT MANGEN (CSV) remercie le conseil communal pour son soutien. Le collègue échevinal essaiera de contacter les 1800 bénéficiaires potentiels malgré la loi sur la protection des données. La communication sera vaste.

Les demandeurs doivent commencer à déposer leurs demandes rapidement au lieu d'attendre la fin de l'année, car le processus prend un peu de temps.

Les montants versés sont conséquents. Robert Mangen demande aux bénéficiaires de l'allocation de se montrer judicieux. Il leur fait confiance.

La dernière fois, il a été question des taxes, qui ne sont pas toujours payées. Robert Mangen rappelle qu'une dette éventuelle envers la commune sera retranchée de l'allocation de solidarité. Il se pourrait donc que certains ne touchent qu'une partie de la somme due.

rung déi Decisioun geholl huet, an dass mir op eng aner Aart a Weis quasi déi Decisioun kënnen huelen, déi sech am Fong als Konsens hei am Gemengerot erweisen huet.

Mir waren eis eens, dass mer de System ëmstellen, dass et e Prozentsaz vun enger Allocation de vie chère soll ginn. Mir waren eis net ganz eens iwwert d'Héicht vun deem Prozentsaz. No Evaluatioun, déi mer gemaach hunn, si mer eis awer eens ginn, dass dee méi héich misst sinn, wéi dat, wat mer d'lescht Joer haten. A mir sinn eis am Fong och eens, dass mer dat un den Index sollen upassen. Soudass déi Hëllef net mat der Zäit ofhëlt, mee mat der Zäit gläich bleift, par rapport zu de Liewenskäschten, déi d'Leit hunn.

Fir dëst Joer ënnerstëtze mir, dass mer bei 15 % sinn. Dat kënnt u sech vun deem, wat d'Leit kréien, op dat nämmelecht eraus, wéi wa mer decidéiert hätten, de Sockelbetrag un den Index unzepassen an dann déi 25 % ze ginn. Dann ass dat fir dëst Joer gemaach.

Wann ech eppes nach kéint ureegen, dat wär, wa mer haut bei der Decisioun géifen dobäischreiwen, dass et bei de Beträg, déi mer fir déi nächst Jore festleëen oder fir d'nächst Joer festleëen, zu kenger Reduzéierung däerf kommen. Wou mer de Leit eng gewësse Planungssecherheet ginn a fir eis och e Kader setzen, deen nach kann ausgedäitscht ginn an de Kommissioun an tëscht de Parteien.

Mir hunn Zäit, wa mer dat uginn, ob dat elo op déi eng oder aner Aart a Weis ass. Do muss ech soen, dass ech och dofir sinn, fir déi Hëllef ausbezuelen. Ausser mir géifen sou e Bongesystem och op aner Domänen auswäiten. Ech géif et ganz schlecht fannen, déi elo just fir déi eng Populatioun, déi Hëllef brauchen, anzesetzen a fir aner dat net ze maachen, bei aneren Hëllef.

Wichtig ass, dass mer hei déi Hëllef ginn. Dass dat eng Verdueblung ass, par rapport zum leschte Joer. An dass dat och, par rapport zu deene Jore virdrun, sécherstellt, dass ganz wéineg Leit, eventuell Leit, déi wierklech vill Kanner hunn, awer dat misst een nach ëmmer kucken, näischt verléieren zu deem Reglement, wat mer haten, ier mer de System geännert hunn.

Ech ënnerstëtzen deen heite Virschlag, fir op 15 % ze goen, a soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Mangen, wannechgelift.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech freeë mech iwwer déi breet Ënnerstëtzung. D'Kommunikatioun, déi leeft. Wéi ech d'leschte Kéier scho gesot hunn, dass mer dat breet maachen. Mer versichen, trotz Dateschutz, déi 1.800 Leit unzeschreiwen, dass mer e System erausfannen. Mee op jidde Fall breet Kommunikatioun, dass d'Leit Bescheid wëssen, dass se déi Ufro maachen.

Ech géif och soen, si sollen ufänken, sech esou lues ze mellen, fir et ze maachen. Dat dauert jo e bëssen, bis dat a Kraaft trëtt. Muss bei de Receveur kommen, dass deen dat bezilt. Dat dauert ëmmer. Et wäert schonn e bëssen daueren, bis d'Leit d'Sue kréien. Dofir net ofwaarde bis Enn des Joers, mee si kënne direkt schonn ufänken, d'Demande ze maachen.

Et sinn natierlech grouss Montanten, déi ausbezuel ginn. Et muss een de Leit awer och de Rotschlo ginn, dass se déi Sue richtig asetzen, se net mateneen ausginn an och richtig verwalten. Ech mengen, déi Confiance soll een an d'Leit hunn, dass se dat maachen.

Wat ech och d'leschte Kéier ugesprach hat, sinn d'Taxen, déi net bezuel ginn. Bei deem Montant, dee just vun der Gemeng ausbezuel gëtt, wann do eng Schold op der Gemeng ass, wëll ech nach eng Kéier betounen, dass dat matverrechent gëtt mat der Allocatioun, déi mir ausbezuelen. Et ka sinn, dass da verschidde Leit, wa se eng Schold op der Gemeng hunn, net dee volle Montant kréien. Däers soll ee sech bewusst sinn. Dat wollt ech nach eng Kéier betounen.

Fir dat nächst Joer, dat gouf elo e puermol gesot, kucke mer mat deene verschidde Kommissiounen. Et soll sécherlech eng Verbesserung ginn, de Montant, deen ausbezuel gëtt, soll net

6b. Règlements de circulation

manner sinn. A mir sollen och betruichten, wat d'Auswirkung vun der Pandemie ass, datt mer dat mata-bauen. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité de garder pour cet exercice l'allocation de solidarité communale fixée à 15 % du montant attribué pour l'allocation de vie chère étatique.

Villmools merci. Fir de Punkt 6, Règlements communaux, géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Zu den übleche Reglementer fir Steeën, Benne fir divers Aarbechten, fannt Der am Dossier och eng Rei Drénglechkeetsreglementer. Ech hunn der e puer erausgepickt.

Virdrun hat den Här Diderich gesot, speziell Situatiounen fuerdere speziell Moosnamen. Esou ass fir déi zweet Schoulrentrée dëst Joer zum Beispill de Parking an der Rue Pierre Gansen ëmfunktionéiert ginn als Kiss-and-Go-Zon. Wou d'Schoulpersonal op verschiddenen Arealer d'Kanner opfängt a se zesummen an d'Schoul bréngt, fir dass alles méi gesécher ass a mer e besere Schoulwee hunn.

D'nämmlecht an der Cité Galerie Honsbësch ass eng Kiss-and-go-Zon installéiert ginn, well mer e Grupp am „Scoutenhome“, entre guillemets, logéiert hunn. Soudass d'Elteren hir Kanner och besser an d'Schoul bréngen kënnen.

Ervirzehiewe sinn d'Reglementer, déi Aarbechten un de Brécke vum Zuch zu Nidderkuer betreffen. Do hu mer an der Rue Pierre Gansen an och am Käerjenger Wee Reglementer erstallt, dass déi Aarbechte kënnen ausgefouert ginn.

Ech sinn op fir Froe vun engem bestëmmte Monsieur déi aner Sait. Ech waarden drop. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ier ech zur Situatioun vun haut kommen, muss ech nach eng Kéier zrëckgräifen op de Gemengerot vum 6. Mee, wou mer am Nachhinein eppes opgefall ass.

Dir wësst, déi Drénglechkeetsreglementer kréie mer gebëndelt an engem Dossier an der Diffcloud iwwermëttelt, an da kënne mer déi consultéieren. De 6. Mee hate mer eng Dosen dran. Mir ass an der Sitzung opgefall, dass déi Reglementer betreffend Parken/Stationéieren an der ganzer Gemeng respektiv am Zentrum a Relatioun mat der Covid-19-Situatioun, déi den 1. Abrëll geschriwwen gi sinn, net an deem Package derbäi waren.

Mir gouf awer bestäetgt, an der Sitzung selwer, dass déi geschriwwen wieren. An dat hunn ech och an der Sitzung selwer gewise kritt, wat jo eng gutt Saach war. Dat war d'Reglement 486 a 488. Mir hunn iwwert d'Drénglechkeetsreglementer ofgestëmmt, also déi zwielef, déi mer am Dossier haten.

Net méi spéit wéi virun dräi Deeg ass mer opgefall, dass d'Reglementer 486 a 488 iwwert d'Stationéieren, wat ech elo grad erkläert hunn, mëttes an deem Dossier bäigesat gi sinn. Lo stellen ech mer d'Fro, déi zwee Reglementer kënne jo dann net vum Gemengerot ofgestëmmt gi sinn, vu dass se mëttes um dräi Auer am Dossier bäigesat gi sinn. Am Dossier vun haut si se och net dran. Soudass déi zwee Reglementer nach zur Ofstëmmung musse kommen. Well soss si mer net legal do.

Zu der Situatioun vun haut: Mer musse wëssen, dass déi Reglementer den 1. Abrëll ënnerschriwwen gi sinn a relativ laang gebraucht hunn, bis de 6. Mee, bis dass se an den Dossier vun den Drénglechkeetsreglementer komm

En ce qui concerne l'année prochaine, les commissions devront en discuter. L'objectif est que les bénéficiaires touchent plus. Il faudra aussi analyser les conséquences de la pandémie.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passee aux règlements communaux.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *explique que le dossier des conseillers communaux contient des règlements d'urgence. Elle en mentionnera quelques-uns.*

Comme l'a dit monsieur Diderich, des situations exceptionnelles requièrent des mesures exceptionnelles. Pour la deuxième rentrée scolaire de l'année, le parking de la rue Pierre-Gansen a été transformé en zone « kiss & go ». Le personnel y accueille les enfants et les emmène à l'école.

La même chose est vraie dans la cité Galerie Honsbësch. Les parents pourront donc déposer leurs enfants à l'école plus facilement. D'autres règlements concernent les travaux sur les ponts des CFL à Niederkorn — notamment dans la rue Pierre-Gansen et la route de Bascharage.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *souhaite revenir sur la séance du 6 mai 2020. Les règlements d'urgence sont déposés dans un dossier sur le Diffcloud. Le 6 mai, il y en avait une douzaine. Mais les règlements concernant le stationnement dans le cadre de la crise de la COVID-19 n'y figuraient pas alors qu'ils dataient du 1^{er} avril. Au cours de la séance, le collège échevinal avait informé Guy Altmeisch que ces règlements avaient été rédigés. En attendant, le conseil communal avait approuvé les 12 règlements figurant dans le dossier.*

Il y a trois jours, Guy Altmeisch a constaté que les règlements 486 et 488, qui manquaient, avaient été ajoutés au dossier. Mais s'ils n'ont été ajoutés qu'il y a trois jours, ils ne peuvent pas avoir été approuvés le 6 mai. Or ils ne figurent pas non plus dans le dossier d'aujourd'hui. Pourtant, ils doivent être soumis au vote.

6b. Règlements de circulation

Les règlements en question ont été écrits le 1^{er} avril. La séance a eu lieu le 6 mai, donc plusieurs semaines plus tard. Pourquoi le conseil communal ne les reçoit-il que quelques jours avant la séance ?

La même question vaut pour les règlements d'urgence d'aujourd'hui. S'ils ont été signés il y a quatre semaines, ils devraient être rendus publics.

En tout cas, Guy Altmeisch n'arrive pas à vérifier 15 règlements en deux jours. C'est pourquoi les socialistes demandent que les règlements d'urgence soient déposés dans le dossier des conseillers communaux cinq jours avant la séance comme c'est le cas des autres documents. Autrement, ils ne pourront plus les approuver.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

répond que tous les documents seront ajoutés au dossier. Il en discutera avec le service de la circulation. À l'avenir, les règlements d'urgence devant être approuvés par le conseil communal seront mis sur le Diffcloud dès qu'ils seront disponibles. C'est juste une question d'organisation.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie monsieur Krecké pour ces améliorations. Il répète cependant que les règlements 486 et 488 doivent encore être approuvés. Ils ne sont valables que jusqu'au 30 mai. Ils concernent le stationnement gratuit dans le cadre de la COVID-19.

Le collègue échevinal doit comprendre qu'il pourrait y avoir des recours si les automobilistes ont été verbalisés. Guy Altmeisch ne veut pas se faire l'avocat du diable, mais il est possible qu'il faille annuler certaines décisions. En tout cas, les règlements doivent être approuvés.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond que puisqu'ils figurent dans le dossier, ils peuvent être approuvés aujourd'hui.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond que oui. Le temps presse.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passe au décompte pour les travaux

sinn. Eng Fro, déi ech mer ëmmer erëm stellen: Dertëscht leie véier, fënneg Wochen, mir kréie se zwee Deeg virum Gemengerot.

D'selwecht Situatioun haut. Déi Reglementer, déi dra sinn, déi si berechtegt. Mee déi Delaien, wou mir se als Conseiller zougestallt kréien ... Alleguer déi aner Dokumenter musse laut Legislateur fënneg Deeg virum Gemengerot am Dossier sinn. Et sinn ëmmer nëmmen d'Drénglechkeetsreglementer. Ass dat, well se drénglech heeschen? Mee si sinn awer véier Woche virun drun ënnerschrivwe ginn a public gemaach ginn. Awer een, zwee Deeg virum Gemengerot kréie mir déi matgedeelt.

Ech bréngen et net fäerdeg, a mengem ganzen Engagement, 15 Reglementer, 15 Situatiounen anzegesinn, kucken ze goen, d'Reglementatioun nozekucken, ob et richtig ass. Dat ass Mission impossible.

Mir wiere frou, als LSAP, wann déi doten Dokumenter d'selwecht wéi déi aner Dokumenter, déi mer zougestallt kréien, an Zukunft och fënneg Deeg virum Gemengerot de Conseilleren zur Verfügung géife stoen. Fir dass ee sech sur place, mat de Leit an esou, kéint informéieren. Soss ass et eis net méi méiglech, déi Reglementer oder déi Drénglechkeetsreglementer matzestëmmen. Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da géife mer zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech soen nach eppes. Mir setze se elo direkt drop, Här Altmeisch. Mir kucke mat dem Service circulation. D'Diffcloud hu mir als Sekretariat esou strukturiert, dass zum Beispill fir d'Junisitzung schonn e Kästchen do ass. Soubal mir se hunn, well se jo souwisou dann zum Optrag stinn am nächste Gemengerot, setze mer all Drénglechkeetsreglement, wou mer wëssen, datt dat jo dann ofzestëmmen ass, direkt drop. Et ass effektiv just eng organisatoresch Fro. Dat kënne mer direkt maachen.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech merci fir déi Verbesserungen. Mee et läit mer wierklech um Häerzen, mer mussen déi Reglementer 486 a 488 elo stëmmen am Gemengerot. Zemools si si nëmme valabel bis den 30. Mee. Déi sinn a Relatioun mat der Covid-19-Situatioun: Parking gratis an esou virun, d'Horodateuren erfrogesat, d'Parkingen anescht opgemaach wéi normal. Wa mer déi net ofstëmmen hei, da sinn déi illegal.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass dat ka Konsequenzen hunn, déi eis elo vläicht haut net esou bewosst sinn. Mee dass do verschidde Recourse kënne kommen, well et si Leit opgeschriwwe ginn, verbaliséiert ginn. A wa mer dat net nohuelen, da kréie mer do e juristische Problem. Ech wëll elo net den Däiwel un d'Mauer molen, mee do mussen awer da warscheinlech Saachen annulléiert ginn. Mir mussen dee Vott nohuele vun deene Reglementer do.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da kéinte mer se jo haut matstëmmen. Dir hutt se jo nokritt am Dossier.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Do ass kee Problem. Mee mir musse se haut awer matstëmmen, mat deenen, déi mer ofstëmmen. Well soss gëtt dat wierklech enk.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mir soen Iech merci fir den Hiweis. Ech géif soen, da stëmmen mer déi haut mat, wann de Gemengerot domat averstannen ass. Super, ech soen Iech alleguer merci. Ech héieren näischt, ech gesinn awer d'Käpp. Just fir kloerzestellen, fir déi, déi eis net gesinn. Mir huelen déi mat an d'Ofstëmmung. Villmools merci, Här Altmeisch.

Kënne mer ofstëmmen? Okay.

7. Scheierhaff / 8. Commissions / Questions

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

De siwente Punkt, deen ass nokomm, wéi Der gesitt. Dat ass den Dekont vum Scheierhaff, Travaux d'extension vum Centre d'intervention Scheierhaff. Do gëtt et näischt ze bemängelen. Et ass manner, wéi mer geduecht haten. Ech géif Iech bidden, dass mer kënnen zum Vott kommen. Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux d'extension du centre d'intervention Scheierhaff.

Villmools merci. De Punkt 8 ass Changement de la commission des loyers. Ech hat virun e puer Méint en Opruff gemaach, dass vun der Sait vun de Propriétaires ee géif gesicht ginn. Vun der DP ass et den Här Gonderinger André, dee géif asprangen. Da kéime mer zum Vott. Ass dat okay?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Dann ass dat aktéiert. An da si mer schonn an der Non-publique.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hätt nach e puer Froen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, natierlech. Mir kommen dann zu de Froen.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Et si Froen. Mir hate se net direkt ugemellt, mir hunn gedu-

echt, mir kéinten – dat war am Ufank am Eifer des Gefechts. Merci fir d'Wuert trotzdeem. Déi lescht Sitzung, Dir erënnert Iech all drun, hate mer hei e laren Exposé gemaach. Jiddwereen huet d'Analys gemaach vun de Konsequenze vun der Covid-19-Pandemie. Do ware verschidden Iddien erausgaangen. Ech wollt op déi zrëckkommen a Froe stellen.

Ech verstinn, d'Prioritéit war d'Organisation vun der École fondamentale, de Maison-relais an de Betreuungsstrukturen allgemeng. Mee et ass Urgence am Dossier. Dofir wollt ech de Schäfferot froen, wou mer dru sinn oder wéi et elo virugeet, a follgend Propositione maachen.

Als Éischt d'Ënnerstëtzung vun de Geschäfte. Well mir gesinn, dass an anere Gemenge sech doriwwer Gedanken gemaach gëtt, schonn Decisiounen geholl gi sinn, well dat jo awer och net dierf ze laang waarden. Also dat ass de Punkt vun der Ënnerstëtzung vun de Geschäfte, d'Analys an d'Konzept. Wat ech och deemools ugeschwat hu vun enger Relance du commerce oder Relance vun der Geschäftswelt allgemeng hei an der Gemeng. A mat all deene Mesuren, déi dat nach mat sech brénge kann, wou och de City-Manager an eise Comité d'accompagnement matagebaut gëtt.

Mee mir missten awer, ier mer all dat a groussen Zich gesinn, wéi mer d'Kris och notzen, fir eis Déifferdenger Geschäftswelt erëm nei opzestellen, awer och kucken, Mesurë festzeleeën an deene Leit entgéintkommen ze loos- sen, déi se elo dréngend awer brauchen.

Dozou gehéiert och d'Amenagement vun den Terrassen. Ech weess net, Dir hutt Iech vläicht schonn eppes iwwerluecht fir ze maachen. Zum Beispill op der Maartplaz. Mee et gëtt och nach aner Restauranten a Betriber a Caféen, wou ee vläicht kann Exceptiounen maachen, dass mer déi ipso facto vergréisse- ren. Selbstverständlech froe mer dës Joer jo bestëmmt keng Gebühre fir eng Terrass. Kann ech mer bal net virstel- len.

d'extension du Scheierhaff. Le décompte est moins élevé que le devis. (Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à un changement dans la commission des loyers. Il manquait un représentant des propriétaires. Ce sera monsieur André Gonderinger, du DP.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à la séance à huis clos.

ERNY MULLER (LSAP) a des ques- tions. Il a oublié de les annoncer.

Lors de la dernière séance, il a été question de la pandémie de CO-VID-19.

Erny Muller comprend qu'il fallait donner la priorité à l'école fon- damentale et aux maisons relais.

Mais il y a urgence. Que compte faire le collège échevinal?

Pour ce qui est des commerces, d'autres communes ont déjà pris des décisions. Il faut analyser la si- tuation et élaborer un concept pour relancer le commerce à Differ- dange. Le collège échevinal doit mettre en place les mesures propo- sées par le comité d'accompagne- ment et le « city manager ».

Toutefois, avant de se lancer dans une réorientation du commerce, il est nécessaire d'aider ceux qui en ont besoin.

Parmi les questions qui se posent fi- gure celle des terrasses. Bien sûr, il y a la place du Marché. Mais il existe aussi d'autres cafés et restau- rants. Erny Muller suppose que cette année, la Ville de Differdange ne taxera pas les terrasses.

Questions

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

n'en sait rien.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

précise que la décision en revient au conseil communal.

ERNY MULLER (LSAP)

plaisante sur le fait que d'autres règlements sont aussi approuvés après coup. Il propose de ne pas prélever de taxes sur les terrasses cette année et de voir comment aider les restaurants et les cafés rapidement. Il s'agit de permettre aux gens de prendre un verre ou un repas en terrasse, mais surtout aussi de garantir des revenus aux restaurateurs.

Il est également important de soutenir les associations même si la situation n'est peut-être pas aussi urgente que pour les magasins. Où le collège échevinal en est-il?

En tout cas, le problème des terrasses est urgent — tout comme l'élaboration d'un concept pour les commerces.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond à monsieur Muller que les terrasses sont en train d'être agrandies. Mais il faut voir ce qui est faisable, car le passage doit être garanti.

C'est le city manager qui s'occupe des magasins. Ensemble avec l'ACOMM, les magasins et le comité d'accompagnement économique, il réfléchit à la façon de procéder.

Christiane Brassel-Rausch rappelle que le ministère a fait de gros efforts pour soutenir les commerces et les entreprises. Il est important que les informations arrivent aux personnes concernées.

Pour ce qui est de Differdange, le city manager est dessus.

TOM ULVELING (CSV)

rappelle que la campagne « Akafen zu Déifferdeng » va être lancée.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

explique que des « tote bags » « Ech kafe lokal » ont été réalisés. Mais elle ne sait pas où en est la campagne.

FRED BERTINELLI (LSAP)

a entendu dire que les particuliers ne peuvent plus acheter des produits dans le jardin de Belair. Apparemment, le

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE

BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech weess net.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dat muss eng Decisioun vum Gemeengerot sinn.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, voilà. Ech mengen, dat hätt een elo missen ausklameren, mee dat kënne mer nach nodréiglech maachen. Mir hu jo och aner Reglementer, déi mer après coup stëmmen, Här Altmesch. Duerfir kënne mer vläicht dat doten och après coup stëmmen.

Mee ech géif op jidde Fall proposéieren, dass mer keng Terrassegebühre froen an dass mer elo schnell kucke mat den eenzele Betriber, eenzele Restaurants, eenzele Caféen, wéi déi Terrasska gestalt ginn an esou weider. Dass d'Leit awer erëm kënnen ufänken. Éischtens, dass mir selwer mol kënnen erëm e Patt op d'Terrass drénke goen an e Maufel iessen. An zweetens, dass d'Leit erëm eng gewësse Recette hunn, fir weider existéieren ze kënnen mat hire Betriber.

Selbstverständlech och d'Ënnerstëtzung fir d'Veräiner. Et ass och wichtig, vläicht net grad an deem Niveau wéi d'Geschäfte. Ech mengen, do hu mer jo och verschidden Niveaue, wat méi drénglech ass a wat e bësse manner. Mee ech wollt froen: Wou si mer drun? An trotzdem berécksiichtegen, dass och aner Prioritéite waren. Mee mer sollen dat elo net vergiessen. Dat ass e bëssen eng Suggestioun. Vläch hutt Der schonn aner Saache gemaach.

Mee d'Terrasse schéngt mer elo emol direkt immens wichtig ze sinn. An d'Ënnerstëtzung vun de Geschäfte, dass mer do och e Konzept fannen. Ech soen Iech merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE

BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech äntworten direkt drop, wat ech kann äntworten. Dat mat der Terrassenerweiterung, dat

leeft schonn. Et si schonn Terrassen erweidert ginn, déi sech bei der Gemeng gëschter gemellt hunn. Gëschter mëtte sinn déi nei agezeechent ginn. Wann elo nach Demandé kommen, kucke mer natierlech an der Reegel, wat méiglech ass. Mir musse jo awer de Passage garantéieren an esou. Mee wéi gesot, et si schonn Terrasse méi grouss gemoolt ginn. Dir gesitt et un de Strécher um Buedem.

Geschäfte, do hu mer e gudden Deel un de City-Manager ofginn. Deen amgang ass, mat der ACOMM, mat de Geschäfte an natierlech dem Comité d'activité économique – ech mengen, Dir hutt elo iergendwann eng Versammlung –, deen och materageholl gëtt, fir ze kucken, wéi mer ganz konkreet virginn.

Et muss een awer och soen, dass de Ministère ganz vill Efforte gemaach huet, wat d'Entreprises an déi kleng Geschäfte kënnen nofroen. Ech denken, wat do och emol wichtig ass, ass déi Informatioun weidergeet. Déi hu jo Milliounen gestallt un d'Geschäftsleit, déi déi kënnen ufroen. Lokal weess ech just, dass se a Verhandlung sinn, de City-Manager mat der ACOMM a mat anere Geschäfte vun Déifferdeng, fir e Plang op de Wee ze stellen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hunn dach och déi Campagne „Akafen zu Déifferdeng“, déi start. Mat deene Kierf.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE

BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Do komme Kierf „Ech kafe lokal“, jo. Also déi Kierf si scho bestallt. Mee ganz konkreet kann ech Iech awer elo net soen, wou déi Campagne drun ass. Mee si leeft.

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt zwou Froen un d'Madamm Pregno. Déi eng ass eis Gärtnerie um Belair, wou Geméis hiergestallt gëtt. Et ass mer zu Ouere komm, datt d'Privatleit do näischt méi kéinte kafen. Dass

Questions

déi just nach Service wier fir d'Gemeng. Ech mengen, et war virdrun anescht virgesinn. Meng Fro ass, wat de Grond ass, datt e Privaten do kee Geméis a keen Uebst méi ka siche goen. Datt elo nach just d'Gemeng do Client ass. Well am Ufank war dat jo anescht virgesinn. Datt eis Populatioun kéint dohigoen a sech andecke mat Geméis a Saachen aus dem Gaart. Dat wär meng éischt Fro.

Meng zweet Fro ass: D'Strooss zu Nidderkuer am Haneboesch, déi mer an eist Verkéiersreglement materagholl hunn, déi zum Logistikzenter féiert vun der ARBED. Dat ass momentan eng Katastroph. D'Aarbechte sinn amgaang fir eisen neien Zoning hannert dem Restaurant. Do stinn d'Camionen an der Strooss ze verraschten. Do si Leit, déi hir Camionen einfach méintelaang do stoen hunn.

Wann elo d'Restauratioun erëm opgeet ass iwwerhaupt keng Plaz do fir ze parken. Ausser an där Strooss. Do misst een awer d'Gemengereglement an d'Hand huelen an erëm e bëssen Uerdnung schafen. Well do sti Camionen op der Plaz ze verraschten. Do sti Remorquen. Mir hate schonn eng Kéier rieds doriwwer. Mir wëssen, datt do vill Chaufferen iwwernuechten, déi an de Logistikzenter musse fueren.

Mir mussen awer an där Strooss e bëssen Uerdnung kréien, well dat op där anerer Säit awer eise Geschäftsleit, déi am Eck Restauratioun, Bäckereien hunn, awer e groussen Deel u Parkinge verhënnert. Do misst een awer kucken, datt een dat an de Grëff kritt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Däerf ech äntwerten?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, Madamm Pregno, natierlech.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. Zu Ärer éischter Fro. De Geméisgaart ass exklusiv fir eis Maison-relais an eis Schoulen, deen an enger éischter Phas fir déi soll produzéieren. An deementspriedend net fir d'Privatleit zougänglech ass. Dat ass natierlech schued. Mee mir kënnen als Gemeng näischt verkafen un d'Privatleit. Dofir huet d'Madamm dëst Joer hire Privatcliente lues a lues ofgesot. Si huet dat op eng ganz flott Aart a Weis gemaach. Si huet d'Leit informéiert. Eis ass et wichteg, dass eis Kiche vun deem Biogeméis, wat lokal produzéiert gëtt, profitéiere kënnen.

(Ënnerbriechung)

Zu Ärer zweeter Fro hunn ech elo direkt keng Äntwert. Musse mer kucken. Ech huelen et mat an halen Iech informéiert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Ruckert. An dann d'Madamm Saeul.

ALI RUCKERT (KPL):

Kënnt Der eis vläicht soen, firwat mir als Gemeng kee Geméis do kënnen u Privatleit verkafen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Well mer keng Tariffer hunn.

ALI RUCKERT (KPL):

Well mer?

jardin serait devenu un service de la commune. Pourquoi ce changement? Avant, la population pouvait aller y acheter des légumes.

Fred Bertinelli passe au Haneboesch et plus précisément à la route menant au centre logistique de l'Arbed. Des travaux sont en cours derrière le restaurant. Mais des camions sont garés dans cette rue depuis des mois. Lorsque le restaurant rouvrira ses portes, il n'y aura pas de places de stationnement. Les camions et les remorques sont en train de rouiller. De nombreux camionneurs passent la nuit dans leurs camions.

Fred Bertinelli exhorte le collègue échevinal à restaurer l'ordre. Les clients du restaurant et de la boulangerie ont besoin de places de stationnement.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *explique que le jardin est destiné uniquement aux maisons relais et aux écoles. C'est dommage pour les particuliers, mais la commune ne peut rien vendre. Les clients ont été informés. Pour le collège échevinal, l'important, c'est que les maisons relais puissent profiter de légumes biologiques.*

(Interruption)

Laura Pregno n'a pas de réponse concernant la deuxième question de monsieur Bertinelli. Il faudra voir.

ALI RUCKERT (KPL) *demande pourquoi la commune ne peut pas vendre de légumes aux particuliers.*

TOM ULVELING (CSV) *répond que la commune n'a pas mis en place des tarifs.*

Questions

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que ce ne serait pas bien difficile. À Esch, les particuliers peuvent acheter des produits dans les jardins de la commune.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *précise que ces jardins sont gérés par le CIGL.*
(Discussions)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *demande aux conseillers communaux de ne pas parler en même temps.*

GUY TEMPELS (CSV) *a lu dans la presse des articles concernant les jardins de devant de certaines maisons. Les propriétaires les transforment en place de stationnement. Que compte faire le collègue échevinal?*

Guy Tempels ne pense pas qu'il faille imposer trop de règles aux habitants. Mais peut-être peut-on les motiver à embellir leurs jardins devant la maison en coopération avec la commune ou SICONA.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *revient sur l'intervention de monsieur Bertinelli concernant les camions entre le rondpoint et la rue des Lignes. La situation s'est améliorée. Mais ce qui l'embête, ce sont les stands de kermesse en train de rouiller et les camping-cars.*

Les camionneurs lui font de la peine. Ils viennent de loin et doivent passer la nuit dans cette rue. Ils n'ont pas les moyens d'aller dans un hôtel. Certes, il y a le parking du terrain du Progrès. Mais Christiane Saeul doute qu'on puisse le transformer en parking pour camions. Monsieur Bertinelli a-t-il une proposition?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Well mer keng Tariffer hunn, fir eng Zalot ze verkafen.

ALI RUCKERT (KPL):

Déi kann ee sech awer ganz einfach beschafen. Well ech weess, zum Beispill zu Esch, déi Geméisgäert vun der Gemeng, dass een do als Private kann higoen an do och Geméis an Uebst kafe kann.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dat leeft iwwert de CIGL.

ALI RUCKERT (KPL):

Jo.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Et ass de CIGL, et ass net d'Gemeng.

(Diskussionen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ee Moment, een nom aneren. Do waren nach Wuertmeldungen. Et war den Här Ruckert. A wie war et nach? D'Madamm Saeul?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Den Här Tempels.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An den Här Tempels. Den Här Tempels an dann d'Madamm Saeul.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn eng Fro. Där Deeg war an der Press vill rieds iwwert déi besote Schottergäert virun Haiser am Kader vum Aarteschwund. Wéi ass do d'Positioun vun

eiser Gemeng? Gëtt et hei schonn Iddien, fir d'Leit mat an d'Boot ze huelen, respektiv eppes dogéint ze ënnerhuelen? Oft ginn déi Virgäertercher esou ëmfunktionéiert mat Steng, dass se herno eng Stellplaz fir den Auto sinn.

Selwer sinn ech dergéint, de Leit alles virzeschreiwen. Mee et sollt ee vläicht versichen, d'Leit ze motivéieren, eppes Flottes virun hirer Dier ze maachen. Och mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng, iwwert de SICONA oder aner Acteuren um Terrain, an dësem Sënn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Elo d'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ech wéilt op dem Här Bertinelli seng Interventioun zrëckkomme vun de Camionen, déi an där Strooss geparkt sinn, zwëschent dem Rondpoint an herno an d'Rue des Lignes. Wat ech net schéi fannen – ech mengen, et ass awer net méi esou schro, wéi et war –, dat sinn déi verrottet a verraschte Kiermesween, déi do stinn. Och emol e Campingcar an, deemno wéi, de leschten Deel vun engem Camion fir ze lueden.

Mee wou sollen déi Leit – wat fir eng Autorisatioun gi mer deene Chauffeuren? Déi di mir immens leed. Déi komme vu wäit, déi mussen d'Nuecht do verbréngen. Si hu keng Suen, well se kréien dat och net bezuelt, fir an en Zëmmer oder an en Hotel ze goen. Wou wéilte mer déi Leit dann hischécken an där Géigend?

Do gëtt et nach deen ee Parking beim Progrès Terrain. Awer ech gleewe kaum, dass mer dee kënnen ëmbauen zu engem Camion-Iwwernuechtungs-Parkings-Terrain. Huet den Här Bertinelli dann en Auswee fir déi Camionschaufferen, dass déi kënnen iergendwou parken, ier se mueres lueden? Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wëllt Der äntweren?

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo. Et war mol virgesinn – mir haten déi Diskussioun mat der Arcelor gefouert. D’Arcelor huet direkt, wann Der an de Logistikzenter fuert, enorm vill Plaz, fir déi Camionen hinzustellen. Se waren net ganz frou. Si soten, si wélten nuets keen do eraloossen. Et ass awer vill Plaz do.

Deemools, a menger Funktioun als Verkéiersschaffen, hate mer en Deplacement gemaach. D’Arcelor war net direkt waarm fir do opzemaachen, fir datt se sech dora kéinte stellen. Zweetens hate mer hinne gesot, datt se sech kéinten op dee Parking stelle beim Nidderkuerer Fussballterrain, op d’Säit, à bord vum Trottoir. Datt se sech iwwert d’Nuecht kéinten dohistellen. Dat hat och eng Zäit fonctionéiert.

Et sinn emol net déi Chaufferen, déi do nuets iwwernuechten, déi mech derangéieren. Et derangéiert mech, wat do u Material steet. Well wann Der den Dag duerchfuert, do schléift jo kee Chauffer, mee déi Plaze stinn awer alleguerte voll mat Schrott, ale Camionen. Oder et si Leit, déi souguer an d’Ausland fueren, déi hiren zweeten Unhänger einfach do stoe loossen, een oder zwee Méint laang, an dann erëm dohinner siche kommen.

Ech mengen, elo ass dee Parking fort, deen dee Restaurant uwen um Eck hat. Deen huet kee Parking méi. Elo kënnt dee Zoning, deen amgaang ass ze entstoen. Dee Parkraum gëtt gebraucht fir déi Leit, déi an eiser Gemeng Geschäfte hunn a Geschäfte maachen. Duerfir sollt een dat awer e bësse regléieren. Well et kann net sinn, datt just an där Strooss kee Verkéiersreglement gëllt, wat soss an der ganzer Gemeng gëllt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Ulveling gëtt och nach eng Äntwert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zum Här Ruckert. Déi Madamm, déi dat bedriwwen huet, war virun e puer Méint bei eis komm an huet gesot, si wéilt ophalen, well se dat net méi kéint richtig bewirtschaften. An dass dat fir si am Fong net méi géif opgoen. Do hate mer laang iwwerluecht, well déi Produktioun, déi d’Madamm gemaach huet, ass zu 10 % dat, wat mir gebraucht hunn an eise Kantinnen, fir d’Iesse fir d’Kanner ze preparéieren.

Do hu mer eis iwwerluecht, ob mer net sollen e Service kreéieren. Natierlech mam But, dat nach eropzefueren, well si jo eng Biokultur do gemaach huet. Dass mer selwer géifen e Service grënnen – Service maraîchage gëtt en elo emol virleefeg genannt –, fir selwer Zaloten a Geméis, wat ee brauch fir an eis Kantinnen, hiezustellen. Dass mer wëssen, wéi gutt déi Qualitéit ass. An dass mer wëssen, dass et och bio ass. Quitte dass mer wëssen, dass mer dat net zu 100 % wäerte fäerdegbréngen. Mee awer e gudden Deel kënne mer maachen.

Mir sinn amgaang ze kucken, wéi esou ee Service kéint funktionéieren. Mir hunn déi Madamm mol provisoersch agestellt, well se eis gesot huet, et misst een zwee Méint virdrun ufänke mat séinen, soss hätt een dëst Joer näischt gehat. Dofir hu mer déi Madamm mat engem provisoersche Kontrakt agestellt. Elo kucke mer emol ee Joer, wéi dat fonctionéiert, wéi vill ee produzéiert, wat ka produzéiert ginn. An ob dat an deem Sënn ass, wéi mir eis dat virstellen. Dat heescht eng gewësse Qualitéit vu Geméis ze kréien, déi mer un eis Kantinnen exklusiv da kënne vermëttelen, wou d’Iesse fir d’Kanner hiergestallt gëtt, mat där Produktioun. En Deel dovun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wann ech do där d’drunhänken: Dat ass och en vue vun deenen Terrainen, déi mer kaf hunn a Frankräich, Madamm Pregno. Do gi Buedemanalyse gemaach, well do jo e Maraîchage geplangt ass. Et muss een elo kucken, wat de Buedem hiergëtt. Geplangt ass, e ganze Service maraîchage opzebauen, deen dann de Gemengen, de Gemenge-

FRED BERTINELLI (LSAP) *répond que oui. ArcelorMittal a beaucoup de place dans le centre de logistique. Des négociations ont été menées, mais ils ne veulent laisser entrer personne la nuit.*

Quand Fred Bertinelli était échevin à la circulation, il s’était rendu sur place. ArcelorMittal n’était pas chaud.

Fred Bertinelli avait aussi proposé aux camionneurs de passer la nuit sur le parking du terrain de football de Niederkorn. Cela a fonctionné pendant un certain temps.

De toute façon, ce ne sont pas les chauffeurs qui dérangent Fred Bertinelli. C’est le matériel stocké dans cette rue. Car en journée, il n’y a pas de chauffeurs en train de dormir. Juste de vieux camions et de la ferraille. Il y a aussi des particuliers qui partent à l’étranger et qui laissent leurs remorques dans cette rue pendant des mois.

Le parking du restaurant n’existe plus. Un zoning voit le jour. Mais les commerçants ont besoin de places de stationnement. Il est intolérable que cette rue soit la seule dans toute la ville à ne pas être réglemée.

TOM ULVELING (CSV) *revient sur la question de monsieur Ruckert. Il y a quelques mois, la dame en question a expliqué au collège échevinal qu’elle ne rentrait plus dans ses frais. Or 10 % de ce qui est servi dans les cantines provient de sa récolte. Le collège échevinal a alors décidé de créer un service communal du maraîchage pour promouvoir la culture biologique et produire ce dont les maisons relais ont besoin — même s’il ne sera pas possible de couvrir 100 % des besoins. La dame en question a été recrutée provisoirement pour qu’elle puisse commencer à produire les légumes pour l’année prochaine. Il reste à voir ce qui peut être produit, et en quelles quantités. L’objectif est de produire des légumes de qualité à servir dans les cantines de la ville.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *ajoute qu’il faut voir ce projet dans le cadre du terrain acquis en France. Le sol est en train d’être analysé.*

Questions

Le but du collège échevinal est de créer un service du maraîchage pour les cantines communales.

Christiane Brassel-Rausch revient sur la question de monsieur Tempels concernant les jardins de devant. Le collège échevinal est du même avis que lui. Il faudra trouver le temps d'en discuter.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch confirme que les commissions participeront aux discussions.

ALI RUCKERT (KPL) constate que la production de fruits et de légumes biologiques dont parle le collège échevinal semble aller dans la direction de ce que demandaient les communistes. S'il a bien compris, il s'agit de créer un service pour produire des légumes biologiques.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que oui.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que la commune va essayer.

ALI RUCKERT (KPL) précise que le site et la forme ont changé par rapport à ce que proposaient les communistes.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que oui.

Elle clôture la séance publique.

kantine géif zegutt kommen. Op deem Punkt si mer elo. De Projet an der Konde huet jo gutt funktionéiert.

Dem Här Tempels wollt ech äntweren. Et freet mech ze héieren, dass Der mat op dee Wee gitt vun deene Stengerchersgäert. Mir ginn natierlech gäre mat op de Wee, do eppes ze maachen, e bëssen an déi Richtung, wéi Dir elo ugedeit hutt. Mir hate just nach net d'Chance driwwer ze schwätzen.

(Ënnerbriechung)

Jo, d'Kommissioun gi matabezunn. Awer mir als Schäfferot hatten nach net d'Geleeënheet, eis ze positionéieren. Den Här Ruckert hat d'Wuert gefrot.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech wëll nach eng Kéier op dat biologesch Geméis zrëckkommen. Dat schéngt jo dann an déi Richtung ze goe vun der Proposition vun der Kommunistescher Partei, déi hei am Schäfferot ugeholl gi war, fir selwer als Gemeng biologesch Uebst a Geméis ze ziichten an Zären ze schafen, zum Beispill, wou jo eng Rei Problemer waren. Dass mer elo a Richtung gi vun engem Déngscht, fir selwer fir d'Gemengenariichtunge biologesch Geméis ze ziichten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat schéngt jo dann dee Projet ze sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir probéieren dat op d'mannst emol.

ALI RUCKERT (KPL):

Quitte, dass en ënner enger anerer Form an op enger anerer Plaz realiséiert gëtt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Voilà. Da soll een dat och esou soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Sinn nach Froen do? Soss schlësse mer déi ëffentlech Seance of a ginn an déi non-publique.


#NetUniMengMask

ASS FIR MÄI GESIICHT GEDUECHT,
NET FIR AN D'NATUR

Chirurgesch Masken
a Schutzhandsche
sinn aus **Plastik**,
net aus Pabeier.


Muppen a wëll
Déiere friessen
se a gi krank!

Si brauchen extrem
laang fir sech an der
Natur ze zersetzen:



450

Joer



Si gehéieren net op de Buedem oder an de
Recycling, mee an d'schwarzz **Poubelle**.



ENG LÉISUNG SOLL NET
ZUM **PROBLEM** GINN



info@ebl.lu



Ville de
Differdange



NEE ZUM
SCHOTTERGAART!



*Lieweg
Vielfalt
amplaz gro
Wüst*



Helfen Sie mit die weitere Ausdehnung der „Steinwüsten“ zu verhindern. Entscheiden Sie sich für einen naturnahen (Vor-)Garten, entscheiden Sie sich gleichzeitig für eine bessere Luftqualität, angenehmeres Stadtklima, ein besseres Regenwassermanagement, ein wohltuendes Umfeld und eine bunte Artenvielfalt. Alle Infos zur Aktion finden Sie auf:



NATUR ELO!

www.naturelo.meco.lu



oekozenner
pafendall



mouvement
écologique